Conseil communal

Séance publique du 18 mai 2009

Durée de la séance: *9.30 à 10.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   - 1.1. Démission définitive du receveur communal - décision.
   - 1.2. Nomination définitive du nouveau receveur communal - décision.
   - 1.3. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle (19 heures/semaine) pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
   - 1.4. Classement d'une assistante d'hygiène sociale - décision.
   - 1.5. Promotion de deux fonctionnaires communaux - décisions.
   - 1.6. Affaire disciplinaire - décision.
2. Prévisions sociales
   - 2.1. Nomination du nouveau secrétaire adjoint de l'Office Social - avis.
   - 2.2. Démission du receveur de l'Office Social - avis.
   - 2.3. Nomination du nouveau receveur de l'Office Social - avis.

Séance publique

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2008 - décisions.
   - 4.2. Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2008 - poursuites, autorisation globale d'ester en justice - décision.
   - 4.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
5. Propriétés
   - 5.1. Bail emphytéotique, avec la société PLAY CITY S.A. d'Esch-sur-Alzette, concernant un terrain sis à Pétange, lieu-dit « rue Robert Krieps » - approbation de l'acte.
   - 5.2. Cession, de terrains et de voiries sis à Pétange, lieux-dits « Auf Weissenbrill », « rue Antoine Nangeroni », « rue de la Résistance », par Mme Jeanne WEBER, Mme Danielle NANGERONI et M. Henri NANGERONI - approbation de l'acte.

5.3. Echange, d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp », avec MM. Marco GARGANESE et Fréderic DORI - approbation de l'acte.
5.4. Cession, d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp », par M. et Mme David EVERARD-BENJEDIA - approbation de l'acte.
5.5. Cession, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « Oberst Daessent » par Me Aloyse MAY, curateur à la succession vacante de feu M. Edouard TOLLINI de Pétange - approbation de l'acte.

6. Personnel: création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) (m/f) au service des espaces verts - décision.
7. Prévisions sociales: Maisons Relais pour Enfants - règlement d'ordre interne - deuxième lecture - décision.
8. Enseignement
   8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   8.2. Organisation scolaire pour l'année 2009/2010 - décision.
   8.3. Commission scolaire - composition - décision.
9. Sécurité: service d'incendie - convention avec un sapeur-pompier en vue de l'obtention du permis de conduire C - approbation.
10. Sports et loisirs: piscine de Rodange - convention pour la fourniture de produits de crèmes glacées avec la société « VALFRAIS » S.A. de Luxembourg - approbation.
11. Infrastructures routières
    11.1. Réaménagement de la place de la Libération à Pétange - vote d'un devis et d'un crédit supplémentaires - décision.
    11.2. Redressement de la rue Neuve à Pétange - approbation du devis estimatif et des plans - décision.
    11.3. Renouvellement des infrastructures dans la rue du Bois à Pétange - approbation du devis estimatif et des plans - décision.
    11.4. Convention, avec le Syndicat Intercommunal des Eaux du Sud, dans l'intérêt de la pose d'une conduite d'eau d'adduction vers le nouveau château d'eau de Pétange - approbation.
12. Transports et communications: règlement d'urgence de la circulation routière - confirmation.
13. Vie associative: Association « GRUPO REGIONAL TERRAS DA MAIA » - statuts.
14. Questions des conseillers communaux.

Wéinst engem technesche Problem kënne mer dës Gemengerotssëtzung net wuertwiertlech erëmginn. Do, wou d'Schäffen- a d'Gemengeréit et gewënscht hunn, goufe si zitéiert. Anerwäerts gouf just de Punkt an d'Ofstëmmung uginn. Mär entschëllegen eis fir dësen Tëschefall an hoffen op Äert Versteesdemech!

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Démission définitive de M. Camille Mentz, receveur communal, avec effet du 1er octobre 2009 et attribution du titre honorifique de ses fonctions.

Nomination définitive de M. Sacha Schmit aux fonctions de nouveau receveur communal.

Nomination de Mme Pierrette Koziol, ép. Weisgerber, comme aide-éducatrice à tâche partielle (19 heures/semaine) pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et de Lamadelaine.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär wollten iech awer nach matdeelen, datt den Här Camille Mentz, eise Receveur, vum 1. Oktober 2009 un an d'Pensioun geet an hien den „titre honorifique" vun senge Funktiounen zougesprach kritt.

Den Här Sacha Schmit iwwerhëlt seng Funktiounen als neie Gemenge-receveur.

D'Madame Pierrette Koziol, bestuet Weisgerber, ass fir eng Tâche vun 19 Stonne pro Woch als „aide-éducatrice" fir d'Maisons Relais vu Rodange a Rolleng nominéiert ginn.

4.1.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2008 - décision.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Recette communale: état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2008 – poursuites, autorisation globale d'ester en justice - décision.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses – approbation.

D'Gemeng huet Recetten erakritt an der Héicht vun 173.717,80 €.

Approbation à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Bail emphytéotique, avec la société Play City S.C.I. d'Esch-sur-Alzette, concernant un terrain sis à Pétange, lieu-dit «rue Robert Krieps» - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm e Bail iwwer 99 Joer mat der Firma *Play City S.C.I.* fir de Projet vun enger Hal , wou Spiller ewéi Bowling, Keelen, Dëschtennis, Badminton oder och Baby-foot ënnerbruecht solle ginn.

Approbation avec 9 voix (CSV et DP) contre 1 voix (Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

5.2.

Propriétés.

Cession, de terrains et de voiries sis à Pétange, lieux-dits «Auf Weissenbrill», «rue Antoine Nangeroni», «rue de la Résistance», par Mme Jeanne Weber, Mme Danielle Nangeroni et M. Henri Nangeroni – approbation de l'acte.

Contenance totale: 30,58 ares

La cession se fait gratuitement et le terrain sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Echange d'une emprise et d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit «rue du Clopp», avec MM. Marco Garganese et Frédéric Dori – approbation de l'acte

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm zwee Terrainen, déi d'Gemeng an der rue du Clopp zu Rodange ofgetruede kritt. Si hunn d'Kadasternummeren 900/7414 an 900/7415 mat enger Gesamtfläch vun 10 Zentiar. D'Gemeng hirersäits trëtt zwee Terrainen – och an der rue du Clopp zu Rodange – of mat de Kadasternummeren 900/7420 an 900/7421 an enger Gesamtfläch vun 19 Zentiar.

Approbation à l'unanimité.

5.4.

Propriétés.

Cession, d'une emprise à Rodange, lieu-dit «rue du Clopp», par M. et Mme David Everard-Benjedia, de Rodange – approbation de l'acte

La cession se fait gratuitement et le terrain sera intégré dans le réseau de la voirie publique.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm en Terrain vun 11 Zentiar zu Rodange an der rue du Clopp. En huet d'Kadasternummer 900/7417.

Approbation à l'unanimité.

5.5.

Propriétés.

Cession, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Oberst Daessent», par Me Aloyse May, curateur à la succession vacante de feu de M. Edouard Tollini de Pétange – approbation de l'acte.

La cession se fait gratuitement et l'emprise sera intégrée dans le domaine public communal.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei kritt d'Gemeng en Terrain vun enger Fläch vun 1 Ar an 16 Zentiar ofgetrueden. E läit zu Péiteng an huet d'Kadasternummer 532/7106.

Approbation à l'unanimité.

6.

Personnel.

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) (m/f) au service des espaces verts - décision.

L'entretien et le contrôle réguliers des aires de jeux, confiés au service 'espaces verts', constituent une augmentation non négligeable des tâches à assumer par cette équipe. Dans l'intérêt du bon fonctionnement du service, le collège échevinal propose d'augmenter l'effectif par un salarié polyvalent.

Accord à l'unanimité.

7.

Prévisions sociales.

Maisons Relais pour Enfants – règlement d'ordre interne, deuxième lecture – décision.

Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass och eppes, wat ëmmer nees erëmkënnt a wou mer d'Kontrakter ratifizéiere vun deene Leit, déi eist Schoulpersonal ersat hunn.

Ratification à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Enseignement.

Organisation scolaire pour l'année 2009/2010 – décision.

De Buergermeeschter Pierre Mellina huet, nodeems hien an der Abrëll-Sëtzung schonn op d'Klasseverdeelung agaange war, nach eng Kéier op d'Effektiver an deenen dräi Entitéiten higewisen. Doriwwer eraus ass hien och kuerz op déi nei Schoul agaangen, déi jo ewell an 4 Zyklen agedeelt ass.

Accord à l'unanimité.

8.3.

Enseignement.

Commission scolaire: composition – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Heizou ass ze soen, datt all Entitéit, also déi dräi Schoule Péiteng, Rodange a Rolleng, jee mat enger Persoun an der Schoulkommissioun vertruede sinn. Dës Persoun, déi Member ass am „comité d'école", gëtt vum Léierpersonal gewielt. Doriwwer eraus ass de Buergermeeschter oder säi Stellvertrieder – dee vun de Gemengeréit gewielt gëtt – President vun der Schoulkommissioun. Sechs Membere gi

vum Gemengerot genannt, an och d'Eltere si mat dräi Memberen, déi awer net däerfen an der Schoul als Intervenant agesat ginn, aus hirer Vereenegung vertrueden. Et ass och esou, datt de Paschtouer net méi vu vir eran an der Schoulkommissioun vertrueden ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ma dat ass no nëmmen ze begréissen, datt endlech alleguer déi politesch Fraktiounen, déi am Gemengerot vertruede sinn, och kënnen an der Schoulkommissioun vertruede sinn. Dësweidere begréissen ech et, datt de Gesetzgeber virgesinn huet, datt de Klerus net méi vu vireran an der Kommissioun vertrueden ass.

Accord à l'unanimité.

9.

Sécurité.

Service d'incendie: convention avec un sapeur-pompier en vue de l'obtention du permis de conduire C - approbation.

Approbation à l'unanimité.

10.

Sports et Loisirs.

Piscine de Rodange: convention pour la fourniture de produits de crèmes glacées avec la société «Valfrais S.A.» de Luxembourg - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mär wollten iech bieden, dëser Konventioun zouzestëmmen, an däer et drëm geet, datt d'Firma *Valfrais S.A.* déi fréier Firma *La Banquise* vu Kënzeg iwwerholl huet. Si beliwweren eis Schwämm zu Rodange mat *Ola* Glacen, an dat fir eng Zäit vun dräi Joer. D'Gemeng kritt och dat noutwennegt Material zur Verfügung gestallt fir Reklamm ze maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hei hu mer jo eng super Geleeënheet verpasst fir dee Kontrakt ganz ze kënnegen, d.h. net méi mat däer neier Firma weiderzeféieren. Mer hätte besser am Kader vun der Campagne „esou schmaacht Lëtzebuerg – produits du terroir " Glacen aus Lëtzebuerg ze verkafen. Wann d'Administratiounen an de Stat net esou Schrëtt ginn, wien dann?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer sinn awer ëmmer ganz gutt mat däer Firma gefuer, et goufe keng Problemer, an dofir hu mer geduecht, et wier gutt, de Kontrakt esou weiderzeféieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dorëms geet et hei net. Amplaz hei zu Rodange Glacë vum Weltkonzern Unilever ze verkafen hätte mer besser, mer géifen e Kontrakt maache mat enger Firma, déi Glacen aus Lëtzebuerger Produktioun verkeeft. Well och hei am Land gi Glacë produzéiert.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Kontrakt gouf schonn ënnerschriwwen. Elo kann een näischt méi do änneren.

Romain Becker (Déi Gréng):

A esou geet dat. Ma da brauche mer de Kontrakt jo guer net hei am Gemengerot ze diskutéieren. Firwat sëtze mer dann hei wa mer just nach mat Tatsaache konfrontéiert ginn?

Lily Gansen (LSAP):

Jo, firwat komme mer dann eigentlech heihinner wann eis Meenung dach net gefrot gëtt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, dat ass net esou. Mär komme mat all Kontrakt hei an de Gemengerot fir deen hei guttheeschen ze loossen. Well och wann de Schäfferot e Kontrakt ënnerschreift, trëtt en eréischt a Kraaft wann de Gemengerot e mat der Majoritéit vun de Stëmmen ugeholl huet.

Approbation avec 12 voix et 2 abstentions (Déi Gréng, Mme Gansen).

11.1.

Infrastructures routières.

Réaménagement de la place de la Libération à Pétange – vote d'un devis et d'un crédit supplémentaires au montant de 23.826 euros - décision.

Accord à l'unanimité.

11.2.

Infrastructures routières.

Redressement de la rue Neuve à Pétange – approbation du devis estimatif et des plans – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Am Budget 2009 ware 200.000 € fir de Redressement vun der rue Neuve agedroen. Et handelt sech hei ëm verschidden Aarbechten ewéi Grief opmaachen, Gaine leeën, Trëttoirsplacken a Bordüren erneieren, grad esou wéi d'Beliichtung. Doriwwer eraus gëtt och um Raccordement vun den Haiser un d'Drénkwaasser esou wéi um Tracé vun der Kanalisatioun geschafft. Dat alles, esou huet den Ingenieursbüro Simon & Christiansen am Devis berechent, beleeft sech op en Total vun 645.000 € (TTC).

Accord à l'unanimité.

11.3.

Infrastructures routières.

Renouvellement des infrastructures dans la rue du Bois à Pétange – approbation du devis estimatif et des plans - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Och hei geet et ëm d'Erneierung vun den Infrastrukturen an der rue du Bois zu Péiteng, woufir am Budget 2009 am ganzen 200.000 € virgesi sinn. Den Ingenieursbüro Berg & Associés huet en Devis opgestallt, dee sech am ganzen op 360.000 € beleeft. D'Aarbechte sinn déi selwecht wéi an der rue Neuve, iwwer déi mer elo grad geschwat hunn.

Accord à l'unanimité.

11.4.

Infrastructures routières.

Convention, avec le Syndicat Intercommunal des Eaux du Sud, dans l'intérêt de la pose d'une conduite d'eau d'adduction vers le nouveau château d'eau de Pétange - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Duerch dës Konventioun erlaabt d'Gemeng dem SES eng ënnerierdesch Drénkwaasserleitung ze leeë bis bei de Péitenger Waassertuerm, an dat op de Parzelle mat der Kadasternummer 698 an 696/3546.

Approbation à l'unanimité.

12.

Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière – confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Wéinst den Aarbechten am Schwaarzewee ass et vun ufanks Mee u verbueden - an dat fir ronn 6 Méint -, op verschidden Ofschnëtter vun de Stroosse ronderëm de Schwaarzewee

ze parken oder ze fueren. Dës Restriktioune sinn awer och gezeechent.

Confirmation à l'unanimité.

13.

Vie associative.

Association «Grupo regional terras de Maia» - statuts

Il en est pris acte.

14.

Question des conseillers communaux.

Jeannot Linden (LSAP):

Wa Personal an der Carrière vum Beamten an der Gemeng agestallt gëtt, esou gëtt déi Astellung jo vum Gemengerot gestëmmt. Gëtt awer Personal an der Carrière vum Salarié, also déi fréier Carrière vum Aarbechter agestallt, esou ginn déi Persoune vum Schäfferot genannt. Wier et méiglech, datt de Conseiller, deem déi Ernennung jo net bekannt ass, den Numm vun der betreffender Persoun an och vläicht de Service, deem déi Persoun zougedeelt gëtt, matgedeelt kritt? Domatter huet de Conseiller d'Méiglechkeet, seng Blieder am Organigramm ze verbesseren an ze aktualiséieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir loossen dem Gemengerot een aktuellen Organigramm zoukommen, aus deem ervirgeet, wie wou affektéiert ass. Duerno, wann Ännerungen dra virgeholl ginn, da kritt der och all kéiers d'Mise à jour zougestallt.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann d'Gemeng esou Spezialgefierer ewéi de Kanalwon respektiv en neie Müllwon uschaaft, déi jo eng déck Staang Sue kaschten, gëtt dann dat Personal, dat déi Gefierer spéider bedéngen oder ënnerhale muss, a Course geschéckt fir den Ëmgang domatter ze léieren a fir erkläert a gewisen ze kréien, wat nach alles ufällt bei deene Maschinnen? Ech mengen, datt esou eng Klausel am Vertrag mat deem, dee liwwert, misst festgehale ginn. Bei deem Präis, deen esou e Gefier kascht, géing sécher keng Liwwerfirma sech striewen, däer Demande nozekommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei all Gefier oder Maschinn, dei nei an den Betrib kënnt, ass eng Schulung virgesi fir déi Leit, déi dermat schaffen. Den „travailleur désigné à la sécurité" ass och bei dëser Schulung derbäi a gëtt och scho beim Eraussiche vun den Aarbechtsmaschinnen ëm seng Meenung gefrot. Jiddereen, deen dës Schulung matmécht, ënnerschreift och, datt hien ënnerwise ginn ass. Wann dann duerno nach eng Kéier Froe sinn, da kann dës Schulung widderholl ginn. Esou ass dat an eise Bordereauen, Offeren a Commande virgesinn.

Fir dee leschte Müllwon stoung ausserdeem zousätzlech erëm dësen Text am Bordereau mat dran:

Formation
Deux personnes de l'atelier du garage communal bénéficieront d'une formation complète auprès des fournisseurs du châssis, du verseur et de la benne aux frais du soumissionnaire. La formation durera au moins 5 jours.

Séance publique du 15 juin 2009

Durée de la séance: *15.00 à 16.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel: Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
2. Enseignement: réaffectation du personnel enseignant - proposition.

Séance publique

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale

4.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation**.**

4.2. Règlement général des tarifs: dispositions complémentaires à apporter au chapitre XVIII. Stationnement et parcage - point 2. vignettes spéciales - introduction de nouvelles taxes - décision.

5. Propriétés

5.1. Cession, d'une emprise à Lamadelaine, rue des Prés, à M. Fernand Sitz - décision de principe.

5.2. Contrat de bail avec M. Pierre Tockert de Lamadelaine pour la location de deux terrains à Rodange, lieu-dit « Vullesang » - approbation.

5.3. Contrat de bail avec M. Miguel Traqueira Rosa de Lamadelaine pour la location d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit « rue de la Montagne » - approbation.

5.4. Contrat de bail avec M. et Mme Joël Jakoby-Kieffer de Lamadelaine pour la location d'une bande de terrain à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » - approbation.

5.5. Contrat de bail avec M. et Mme Jean-Claude Steinebach-Laplanche de Rodange pour la location d'une bande de terrain à Rodange, lieu-dit « rue Amalberge » - approbation.

5.6. Remise en valeur du Moulin Waxweiler à Pétange, de la Maison Rouge et des alentours immédiats - convention entre l'Etat et la commune - approbation.

6. Personnel

6.1. Attribution d'une prime d'opérateur informatique à un fonctionnaire - décision.

6.2. Création de quatre postes de salariés (anciens ouvriers) (m/f) au service 'propreté et magasin' - décision.

7. Ordre public et sécurité: avenant, à la convention, pour la location et la maintenance des ordinateurs portables pour les agents municipaux - approbation.

8. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

9. Vie associative

9.1. « Club de loisirs Echelsbaach Lamadelaine » - changement des statuts.

9.2. « Baachforell Lamadelaine » - changement des statuts.

10. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Madame Sarah Mancinelli est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine.

Proposition pour la réaffectation du personnel enseignant dans le premier cycle: Sandra Goudembourg, Corinne Remy, Véronique Heitz, Nathalie Seyler, Lisa Fonseca.

Proposition pour la réaffectation du personnel enseignant dans les cycles 2 à 4: Laura Tomasini, Danièle Koob, Tania Geisen.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hu just zwou kleng Matdeelungen ze maachen. Déi éischt ass, datt vun haut un dat neit Verkéiersreglement a Kraaft trëtt. Den 18. Juni owes um 19 Auer hu mer eng Informatiouns-versammlung fir all déi Leit, déi interesséiert sinn. Mat der Police a mat eise Pecherten hu mer ausgemaach, datt elo bis den 24. Juni eng Informatiounsphas leeft, wou d'Leit net direkt déck bestrooft ginn. Duerno geet dann déi repressiv Phas un. Et si jo och haaptsächlech d'Camionnetten, déi jo aus der Agglomeratioun sollen erauskommen esou wéi e puer Ännerunge wat de „parking résidentiel" ugeet. Eis Pecherten an och d'Police wäerten do iwwer de Weekend an och an der Nuecht Aktioune maache fir dat ze kontrolléieren.

Déi zweet Informatioun ass vläicht net esou richteg bei de Leit ukomm, mee se ass awer interessant. Mer hunn eng Informatioun bannen an eisem *Meng Gemeng* agehaangen. Wann ee sech do wëll aschreiwe fir Informatiounen heem op de Computer oder op den Handy ze kréie wann emol Stéierungen un eisem Netz sinn. Wann zum Beispill d'Waasser eng Kéier ofgespaart ass, keen Elektresch do ass, wann emol Iwwerschwemmunge sinn oder Stierm, wann d'Büroszäiten änneren oder wann iergendwéi am Verkéier Schantercher sinn, wou iwwer eng méi laang Zäit geschafft gëtt. Et kann ee sech hei mat deem Formular umellen. D'Donnéeë vun de Leit gi selbstverständlech vertraulech behandelt a verwalt. Et kann ee sech awer och zu jidder Zäit nees ofmellen. Et ass e Service um Bierger, fir datt en direkt an individuell informéiert ass. Dofir soll een nach eng Kéier dorop hiweisen, datt een deen Ziedel och hei an der Gemeng kritt an een en och erofluede kann. An dësen Ziedel ass och bannen am leschte *Meng Gemeng*, deen elo viru kuerzem ausgedeelt gouf.

4.1.

Administration générale

Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Där gesidd an ärem Dossier eng ganz Rei vun Informatiounen iwwer Recetten, déi mer krut hunn. An der Rubrik 6 fält op, datt 398.716,03 Euro agedroe sinn. Dozou ass ze soen, datt dat d'Recettë sinn, déi mer aus dem Joer 2008 zegutt hunn. Mee well mer se net virun dem 30. Abrëll 2008 kruten, mee am Laf vum Mount Mee, konnten déi net op dee richtegen Exercice gebucht ginn, esou datt se eigentlech am Exercice 2008 feelen. Wahrscheinlech, wa mer se dat anert Joer zur Zäit kréien, wäerten se duebel am Kont vun 2009 drastoen.

De Rescht si Saachen, déi normal sinn. Mer stelle fest, datt et dem Sudgaz nach ëmmer gutt geet, well 2008 kréie mer eng Dividend vun 40.000 Euro. Esou en héijen Dividend hate mer, mengen ech, nach net.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: dispositions complémentaires à apporter au chapitre XVIII. Stationnement et parcage - point 2. vignettes spéciales - introduction de nouvelles taxes - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer en neit Verkéiersreglement hunn, an do si verschidden nei Vignetten agefouert ginn. Et gëllt elo d'Tariffer festzeleeën.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass am Kader vun deem neie Verkéiersreglement, dat mer hei eestëmmeg ugeholl hunn. Et gouf esou d'Méiglechkeet geschaf, sech d'Vignette „résidentielle" ze beschafen. Mer hunn et an der Verkéiers- an an der Finanzkommissioun diskutéiert a mer hunn elo déi Synthese virleien, esou wéi déi eenzel Vignettë kéinte reglementéiert ginn an och wat den Tarif dovunner wier. Déi éischt Vignette „résidentielle", déi mer jo bis elo haten, an déi komm ass wéi mer dee System agefouert hunn, war gratis. Do konnt ee jo zwee Autoen op eng Vignette huelen. Dat heescht, wann een dat esou wëll ausdrécken, e Summer- an e Wanterauto. Mer haten elo wëlles, déi zweet Vignette op 75 € festzeleeën an och no ugefaangenem Trimester fueren. Wann een se net e ganzt Joer brauch oder se éischter zeréckgëtt, da kritt een 18,75 € erëm. D'Vignette fir de véierten Auto géif dann op 100 € festgesat ginn. Dës Méiglechkeet ass elo mat dësem Reglement geschaf ginn. Et kéint een also eng véiert Vignette kréien an da kéint een am Fong geholl véier Autoen umelle pro Stod.

Mer hunn eng provisoresch Vignette agefouert mat deem neie Reglement. Dës Vignette ass haaptsächlech fir déi Leit, déi an d'Gemeng kommen an déi haaptsächlech auslännesch Matbierger sinn, déi nach musse gewësse Formalitéiten erleedege fir hiren Auto ëmzemellen a lëtzebuergesch Nummerschëlter ze kréien. Se mussen natierlech d'Vignette net huelen. All Mënsch kann och an deem System mat Parkscheiwen eens ginn. Mee wann e mengt, datt e gären eng Bequemlechkeet hätt, da misst e pro Mount fir deen éischten Auto 25 € bezuelen. A wann en eventuell en zweeten Auto huet, da misst hie fir deen zweeten Auto 50 € bezuelen. Wann dat iwwer e Mount ewech geet, da kascht dat 100 €. Net datt mer wéilten encouragéieren, datt dat éiweg schleeft. Mee déi betraffe Leit sollen drun interesséiert gi fir esou séier wéi méiglech alles konform ze maachen an déi auslännesch Placken ëmzeschreiwen. Dat kann een am Laf vun engem Mount maachen, et soll net éiweg daueren. A wann e wéilt méi laang waarden, da misst en och méi dofir bezuelen.

D'Vignette fir Besuch ass haaptsächlech geduecht, wann am éischte Grad Besuch kënnt. Dat ass haaptsächlech geduecht fir Kanner, déi am Ausland studéieren an déi vläicht während der Vakanzenzäit mat hirem Auto heem kommen. Net datt déi dauernd den Auto musse réckelen oder fuddelen. Si hunn och d'Méiglechkeet, hei eng Vignette ze kafen. Déi éischt Vignette ass gratis, well mer och geduecht hunn, datt Studenten oder Familllen net nach méi belaascht solle ginn. Eng zweet Vignette – wann zwee Autoen a Fro kommen – gëtt et fir 25 €, an eng drëtt Vignette och fir 25 €. An dat fir eng maximal Dauer vun 3 Méint. Et ass méi eng Formalitéit wéi datt de Präis an d'Luucht geet. Dann hu mer och eng Vignette fir Professioneller am Reglement stoen. Dat ass haaptsächlech fir Betriber, déi an der Gemeng schaffen an déi während der Aarbecht, déi se hei maachen, net den Auto dauernd hin an hier féieren. Se kënnen dann d'Gefier beim Schantjen oder virun der Dir, wou se schaffen, stoe loossen. Hinne gëtt d'Méiglechkeet ginn, esou eng Vignette ze kréien. Och fir Leit, déi medezinesch Beruffer ausüben oder fir d'Krankefleeger, déi heem beim d'Leit ginn, soll et méiglech sinn, esou eng Vignette ze kréie wa se zum Beispill méi wéi zwou Stonne bei engem sinn. Wa se ënner zwou Stonnen do stinn, da brauchen se se jo net. Dat hei wier wierklech nëmme wa se méi laang do miisste bei engem doheem schaffen an och nach Saache matbréngen. Eventuell och fir den Dokter, wann hien eng méi laang Visite misst maachen.

Och alleguer déi Leit aus dem „service public" maachen, déi eng Interventioun op der „voie publique" maachen oder d'Journalisten, déi kéinten esou eng professionell Vignette kréien. Zum Beispill d'Kollege vun der Press, déi hei am Sëtzungssall sinn an un enger Gemengerotssëtzung deelhuelen, déi 3 Stonnen dauert. Da kéinten se esou eng Vignette fir 25 € de Mount kafen.

Dat sinn déi Diskussiounen, déi mer elo ofgeschloss hunn a vun deene mer mengen, datt mer eng gutt Mëtt fonnt hunn. Et waren ee Moment u méi héich Präisser gefrot gi, well ee gemengt huet, et kéint een an déi Richtung goen. Hei ass elo an der Optik, wéi mer eis Tariffer alleguerten hunn. Mer hu just de Präis eropgesat, wann d'Vignette beschiedegt oder verluer geet a se ersat muss ginn. Dat kascht ewell 25 €. Virdrun huet dat 10 € kascht. A wann dat esou géif vum Gemengerot ugeholl ginn, da géife mer dat vum 1. Juli u fir de Bierger accessibel maachen, esou datt en da kéint d'Vignette fir dat zweet Semester vum Joer kafen.

John Polfer (CSV):

Nodeems de Gemengerot den 9. Mäerz dat Verkéiersreglement hei gestëmmt huet, huet den 4. Juni d'Finanzkommissioun d'Taxe fir d'Vignetten, déi eis de Verkéiersschäffen elo hei genannt huet, dem Schäfferot proposéiert. Ech wollt awer hei nach dem Här Wegener Merci soen, datt e sech Zäit geholl hat fir an déi Versammlung ze kommen an eis mat deenen néidegen Explikatiounen ze hëllefen.

Wat d'Taxen ugeet, dat huet den Här Breyer elo jo erkläert, esou datt ech net méi dorop brauch anzegoen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen, datt eng Vignette fir en drëtten an e véierten Auto a mengen Ae kontraproduktiv ass zu deem, wat mer eigentlech wëlle maachen. Bei all neier Residenz ass jo pro Stod 1,5 Stellplaz virgesinn. Mär ginn de Leit d'Méiglechkeeten am Parking résidentiel fir bis zu véier Autoen ze parken.

Meng zweet Fro wier déi hei: wann een an esou enger Zone wunnt an zum Beispill eng nei Heizung gemaach kritt. Do kënnt de Monteur moies fréi dohinner an dee schafft de ganzen Dag bis owes. Muss deen eng Vignette hu wann en am Haus schafft oder wéi geet dat?

Roland Breyer, Schäffen:

Also wann deen eng Heizung installéiere kënnt an en ass an enger „zone résidentielle", dann huet e jo normalerweis keng Kaart zegutt, well e jo och net do wunnt. Also misst en dauernd de Disk réckelen oder fuddelen. Hei gi mer him d'Méiglechkeet, eng Vignette ze kafen. Déi eenzeg, déi emol kéinten d'Erlaabnis kréie fir an enger „zone résidentielle" ouni Vignette ze schaffen, dat sinn d'„services publics" wann emol e Schantjen enzwousch ass an opgerappt

gëtt. All aneren Handwierker aus der Gemeng oder vun auswäerts, deen hei an der Gemeng schafft, dee misst normalerweis en Disk setzen. Hei kritt en elo d'Méiglechkeet, einfach konform ze sinn a legal do ze stoen.

Déi Geschicht vu véier Autoen ass einfach e Spigelbild vun eiser Gesellschaft. Et ass jo pro Stod. Haut ass et jo esou, datt Mann a Fra normalerweis en Auto hunn. An da kommen och nach d'Kanner derbäi. Mer hu leider Kompositiounen, wou véier Autoen an engem Stod sinn. Op déi se awer elo alleguer ufroen, dat muss mer awer kucken. Déi éischte Kéier, wéi mer d'Vignette agefouert hunn, hate mer ronn 1.200 Stéck bei der éischter Vignette. Wéi mer déi zweet agefouert hunn, do sinn nach 300 Demandë nokomm. Dat waren der guer net esou vill. Et sinn der vill manner gefrot gi wéi mer dat erwaart haten. Mär hate bei der éischter Kéier mat 3.000 gerechent, et waren der 1.200. Bei der zweeter hu mer mat 900 gerechent, mee et sinn der nëmmen 300 komm. Hei ass et méiglech, datt déi 3. a 4. ganz minim ausfält. An dat, well d'Leit se awer net esou brauchen. Et ass jo esou datt, wa se Stellplazen oder eng Garage hunn, se keng Vignette brauchen. Et ass jo wierklech nëmmen, wann se mat véier Autoe géifen op der Strooss stoen. Nëmmen dann ass et jo interessant. Wann een dat esou e bësse bezuelen deet, da gëtt sech awer iwwerluecht wat ze maachen ass. Ech gleewen och net, datt mer en décken Ustuerm kréie fir déi drëtt a véiert Vignette. Ech rechnen domat, datt et maximal 100 bis 150 Stéck sinn déi do a Fro kommen.

Romain Becker (Déi Gréng):

An Nopeschgemengen, wou de „parking résidentiel" fonctionnéiert - do sinn eenzel Gemengen, aus deenen ech Renseignementer hunn -, do erlaben se bis zwee Autoen. Mär sinn hei am Kordall déi éischt, déi bis véier Autoe geet. Do hu Leit vun deenen anere Gemenge gesot, si wiere kategoresch bis zwee Autoen averstanen. Fir en drëtten an e véierten Auto miissten d'Leit awer schonn op en ëffentleche Parking zeréckgräifen. Ech fannen, dat kéinte mär och maachen, well déi Stroossen, déi a Fro kommen, dat sinn déi Stroossen, wou weider näischt virgesinn ass. Dat sinn déi riets vun der Péitenger Haaptstrooss, wou Leit kee Garage oder keen Emplacement hunn. Déi kéinten awer deen drëtten oder dee véierten Auto op de Parking bei der Gare stellen. Ech mengen, dat wier jo och keng Distanz. Ech fäerte just datt, wa mer véier Autoen erlaben, dat kontraproduktiv kéint ginn.

Bei däer anerer Saach, d.h. bei de Professionellen, do wier et jo dann um Client fir den Intervenant drop hinzeweisen, respektiv de Client dann op d'Gemeng misst fir hien eng Vignette kafe goen. Well deemno vu wou déi kommen, wëssen déi jo guer net, wéi dat fonctionnéiert.

Roland Breyer, Schäffen:

Mär maachen et jo och ëffentlech. Mär maachen et jo och haaptsächlech fir déi lokal Handwierker hei aus der Gemeng. Da musse mer keng grouss Reklamm maachen, datt all Mënsch heivunner Gebrauch mécht. Mee ech mengen, et gëtt jo awer driwwer geschwat a mer hu jo och eng Opklärungscampagne. Et ass awer den Intervenant, dee selwer muss mat senger groer Kaart kommen, an net eng drëtt Persoun. E muss och beweisen, datt en do schafft an net nëmmen einfach eng Combine do mécht, wou en d'Camionnette einfach vun doheem matbréngt an awer nees do stoe bleift. Et gëtt awer kontrolléiert, ob och handwierklech Aarbecht op der Plaz gemaach gëtt.

Ech ginn iech Recht. Hätt ee gären, datt d'Leit lues a lues sollen d'Autoe vun de Stroossen ewech kréien oder hätte mer gären ënnerierdesch Parkingen a Méiglechkeeten, fir datt d'Leit och dohinner kommen. Well da kënne mer et nëmme kréien, wa mer et enk an deier maachen. Well war mer d'ëffentlech Weeër bëlleg maachen, esou datt all Mënsch praktesch fir näischt kann op der Strooss stoen, kréie mer deen Effet net eraus. Dat muss ee ganz kloer soen. Ech verstoppen och net, datt meng Iddi kloer an déi Richtung geet, fir méi deier ze ginn. Mee dat kënne mer awer zu all Moment autoriséieren. Mer hunn elo emol eng Basis geschaf. Elo kucke mer emol, wéi dat sech auswierkt. Wann dat der wierklech nëmmen 100 oder 150 ginn, wat ech emol schätzen, dann ass dat keng Katastrof. Mer kënnen iech um Enn vum Joer gären de Bilan ginn. Sinn et der awer elo vill, déi dovunner Gebrauch maachen, a wann och nach gefuddelt gëtt – well et kann ee jo och den Auto op een umellen, deen an engem bestëmmte Quartier wunnt - mer kennen esou Fäll hei -, da muss ee reagéieren. An et kann een am beschte reagéieren, wann een d'Taxe massiv hieft. Mer sinn, wat de Parking ugeet, am Moment nach schrecklech gemässeg. Mer sinn net un déi aner Taxe gaangen. Hei kann een nach fir 0,10 oder 0,20 € parken. Mer mussen eis och eng Kéier iwwerleeën, wéi déi Politik an Zukunft muss ausgesinn.

Mer wollten emol kucken, wéi dat hei sech elo auswierkt. Bei der Aféierung vun dem éischten *Parking résidentiel* si mer iwwerrascht ginn, datt vill manner Leit gefrot hu wéi mer erwaart haten. Wann dat sech esou bestätegt, dann ass et keng Katastrof. Sollt et awer en anere Wee aschloen, da sinn ech ganz gären averstane fir doriwwer ze schwätzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif och nach wëllen derbäisetzen, datt net gläichzäiteg véier Autoe kënnen, esou wäit ech dat verstinn, op ëffentleche Weeër stoen. Well déi éischt Vignette ëmmer nëmmen op een Auto geschriwwen ass. Also kann och nëmmen ee vun deenen zwee do stoen. Da kann en zweeten an en drëtten do stoen. An dee drëtten ass am Fong geholl wat mer nei gemaach hunn. Ech sinn awer och der Meenung, datt mat dem Präis, dee mer hei ugesat hunn, och nëmmen deen eng Vignette hëlt, fir deen se absolut noutwenneg ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ech elo eng Garage hunn an déi aner Säit eng Parkplaz, an ech sinn och nach an der *zone résidentielle* a froen awer nach eng Vignette. Wier dann net do ze kucken an ze soen, deejéinege soll emol fir d'éischt seng Garage benotzen ier en eng Vignette kritt?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat sinn déi Spekulatiounen, déi kënne virkommen. An der Stad gëtt dat jo dacks gemaach, datt een eng Garage huet oder eng Stellplaz an e verlount se un en anere fir deier Suen. A mat der Vignette steet deen dann op der Strooss. Dat musse mer natierlech gutt kucken. Mer hunn natierlech hei kee Listing, wien eng Garage huet. Mer miissten emol eng Kéier kucken, ob mer dat lues a lues kéinten opbauen. Da kéinte mer wierklech emol kucken, wéi d'Realitéit ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt jo nëmme froen, ob mer dat och ufänken. Wann ech kommen an eng Vignette froen, da kéint jo och direkt gefrot ginn ob ech wierklech eng brauch.

Roland Breyer, Schäffen:

Et misst ee kucken, ob een déi Informatioun vläicht als Deklaratioun vun de Leit ka kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann et eng Deklaratioun ass, da géifen d'Leit jo uginn, datt se eng Garage hunn. An da kéint ee jo och drop hiweisen, datt se dann déi sollte benotze fir datt en aneren déi Plaz

kéint kréien. Net datt véier Autoen do sinn, eng Garage och, mee datt dann déi véier Autoen dobausse stinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer musse kucken, ob mer dat iergendwéi kënnen abauen. Also mer hunn däer Fäll genuch hei an der Gemeng. Et gesäit ee grouss Parkinge bei Residenzen, a wann et komplizéiert ass fir do eranzefueren – Beispill an der rue de la Piscine -, da stinn d'Autoen op der Strooss. Se hunn d'Méiglechkeet, mee et ass méi praktesch fir einfach op der Strooss ze stoe well se do méi en einfachen Zougang hunn oder och méi no bei der Entréesdier sinn. Dat ass d'Bequemlechkeet vun de Leit. Et kann een emol kucken, ob mer dat vläicht kënne mat erfaassen. Ech ginn dat emol weider un eis Servicer fir ze kucken, ob mer déi Donnéeë kënne mat kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ka mer awer net virstellen, datt mer d'Taxereglement esou gemaach kréie fir ze soen, datt d'Vignetten nëmmen déi Leit kënne kréien, déi keng Garage hunn. Dat wier net d'Egalitéit tëscht de Bierger respektéiert. Dat kréie mer och net duerchgesat.

Roland Breyer, Schäffen:

Dee ganze parking résidentiel gëtt souwisou ëmmer verbessert. Et ass souwisou net no dem Prinzip „tous sont égaux devant la loi", well wann ech op mäi Büro kommen, da muss ech en Disk leeën. An deen anere fuddelt. Dat sinn zwou Kategorië Leit. Wéi wäit dat hei nach kann opgeweecht ginn, dat weess ech net, well et ass scho wäit fort.

Roger Klein (LSAP):

Hunn ech dat elo richteg verstanen, datt een d'*Vignette résidentielle* nëmme kritt, wann den Auto och op däer selwechter Adress ugemellt ass wou ee selwer ugemellt ass? Ech géif dat näämlech richteg fannen. Ech fannen et net gutt, wa Leit iwwer méi eng laang Zäit op enger Adress ugemellt sinn an den Auto op enger anerer oder esouguer an engem anere Land. Do fuerdere mer jo och, datt d'Leit hiren Auto do umellen, wou se och wunnen.

Roland Breyer, Schäffen:

Esou ass et ze verstoen. D'Méiglechkeete fir ze fuddele bestinn awer nach. Wa meng Mamm zoufälleg an deem Quartier wunnt, an ech den Auto op meng Mamm umellen, da kënnt d'Mamm heihinner d'Kaart froen an ech fuere mam Auto. Däer sinn der ëmmer méi.

Albert Muller (LSAP):

An der Finanzkommissioun, wou mer do déi nei Taxe gesinn hunn, déi de Schäfferot proposéiert huet, war meng gréisste Suerg am Fong geholl d'Héicht vun den Taxen. A besonnesch déi zousätzlech Tax, wann e Student bei seng Elteren heem kënnt an der Vakanz. Ech hu geduecht, datt dat an der heiteger Zäit e staarkt Stéck wier fir direkt esou vill ze verlaangen.

Do gesinn ech awer elo an der Délibératioun, datt dat e bësse relativéiert gëtt. Et gëtt gesot „récupérer une partie des frais administratifs techniques", an da gëtt dat gesteigert mat „non négligeables engagés pour augmenter la qualité de vie". Ech wollt emol wëssen, wéi héich datt déi Käschte si fir dat ze verwalten. Ob dat mat deenen Taxen duergeet, déi de Moment gefrot ginn. An ech wollt dem Schäfferot awer och Merci soen, datt e sech do un der Propositioun vun der Finanzkommissioun orientéiert huet.

Roland Breyer, Schäffen:

Also nach eng Kéier. Ech bleiwen iwwerzeegt dovunner, datt déi Taxen nach méi héich miisste si wa mer gären eng aner Politik, eng aner Finalitéit hätten. Et muss een ëmmer dovunner ausgoen, datt kee Mënsch dat hei muss hunn. Dat hei ass eng Bequemlechkeet, déi mer de Leit ginn. Et kann all Mënsch nach ëmmer dorëmmer stoen, mee e muss just säin Disk leeën a säin Auto réckelen. Dat hei ass just wann e säin Auto dauernd virun der Dier stoen huet. A wa mer eng Kéier nach méi Problemer mat dem Parke kréien, da musse mer ëmdenken a méi deier ginn. Den ëffentleche Raum kann net bëlleg sinn, dee muss deier sinn. A wann en deier gëtt, da ginn och aner Iwwerleeunge gemaach. Da gëtt op eemol geschwat fir den Auto awer vun der Strooss ewechzehuelen, oder mer kréien eventuell e Promoteur heihinner, deen e Parking opriicht a wou ee ka Garage lounen oder kafen. Iwwer kuerz oder laang schéngt et mer ze sinn, datt mer net derlaanscht kommen.

Déi Geschicht mat de Studenten ass esou, datt d'Eltere jo bezuelen an se scho genuch Käschten hunn a mer eis gären iwwerzeege gelooss hunn an deem entgéintkomm sinn.

Wat sinn déi effektiv Käschte vun enger Vignette? Et ass net der Däiwel. Mee et muss een awer kucken, datt et sech all Joer widderhëlt. Et kommen och heiansdo ganz vill Changementer derbäi. Et si Leit, déi regelméisseg den Auto changéieren. Déi hunn der zwee oder dräi doheem. All Kéier muss nees eng Kopie vun der groer Kaart gemaach ginn, et muss gekuckt ginn ob dat och wierklech op däer Plaz ass well et muss jo och eng Kontroll gemaach ginn. D'Vignette muss ausgestallt ginn. Et ass och esou, datt mer déi drécke loossen op engem extrae Pabeier a mat extrae Faarwen, esou datt se och net nozemaachen ass. Well Bedruch ass och ëmmer do. Hei gëtt dann och e spezielle Pabeier geholl. D'Vignette eleng kascht e puer Euro, well se däerf jo och net verbleeche mat der Zäit. D'Käschte leien, esou géif ech mengen, net wäit ewech vun deenen 25 Euro fir eng Vignette auszestellen a fir den Dossier ze verwalten.

Albert Muller (LSAP):

Ech si mer och bewosst, datt et net einfach ass fir déi ganz Problematik esou ze léisen. Virun allem och wat d'Camionnetten ugeet, well se jo net méi kënnen an de Stroosse parken. Wou ginn déi hin iwwer Nuecht an och d'Wochenenn?

Roland Breyer, Schäffen:

Majo, dat ass déi Campagne, déi mer elo mat der Police a mat de Pecherten zesummen organiséiert hunn. Vun haut un – an dës Woch wäert schonn eng Nuetsschicht vun de Pecherten a vun der Police ageluecht ginn, déi bis owes 10 oder 12 Auer duerch d'Strooss patrouilléieren – kréien se en Ziedel, wou drop steet, datt se net méi do däerfe stationéieren, a wann se déi nächst Woch nach do stéingen, géifen se protokolléiert ginn. Mer ginn och d'Parkingen un, déi un der Peripherie leien a wou se kënnen hir Camionnetten ofstellen. Dat sinn d'CFL-Parkingen zu Péiteng an zu Rodange, déi owes deelweis disponibel sinn, dat ass de Parking beim Fussballsterrain, de Parking an der rue de l'Industrie. Do huet d'Police sech bereet erkläert fir déi Parkingen owes méi sérieux ze kontrolléieren, net datt dat op eemol attraktiv ass fir Leit, déi dann do opbrieche gi well do Camionnette sti mat dem fäerdege Geschir dran. Se ginn och dohinner fir dat regelméisseg ze kontrolléiere fir datt kee Vandalismus do opkënnt. Déi Informatioune kréien d'Leit, déi dann elo do stinn. Se musse sech eben anescht organiséieren.

Albert Muller (LSAP):

Do gëtt allerdéngs gefaart, datt, wann d'Leit op den CFL-Parking ginn, déi eréischt moies no siwen Auer fortfueren. An déi éischt Leit, déi moies den Zuch huele fir an d'Stad ze fueren, déi komme schonn éischter. Do kéint en Enkpass entstoen, an da fannen déi Leit, déi den Zuch huelen, keng Plaz méi well d'Camionnetten do stinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech gleef net, datt et esou en Enkpass gëtt. D'Gewunnechte musse geännert ginn. Et muss een d'Camionnette jo net ofstellen. Ech mengen, all Mënsch bréngt d'Camionnetten elo mat heem well dat vläicht elo méi einfach ass. Wann ee kuckt, virdru war dat net esou. Do waren d'Camionnette vun den Entrepreneuren net do iwwer de Kollektivurlaub. Entweder sti se dann dräi Méint virun der Dier oder se si guer net méi do. Hei ass dee richtege Moment fir d'Mentalitéiten ze änneren. Et muss een einfach soen, datt d'Leit d'Camionnette owes net musse matbréngen. Ech si méi geplot, wann ech se matbréngen ewéi wann ech se beim Patron stoe loossen. An déi Mentalitéit muss doduerch geännert ginn, datt kontrolléiert gëtt an och Protokoller geschriwwe ginn.

Albert Muller (LSAP):

D'Problematik ass e bëssen anescht. Net fir d'Camionnette mee fir déi Leit, déi moies wëllen den Zuch huelen. Dat heescht, déi kommen op den CFL-Parking, an da stinn d'Camionnetten do a si fanne keng Plaz do fir d'Autoen. Gëtt et vläicht net nach en zweete Parking an net nëmmen dee vun der CFL?

Roland Breyer, Schäffen:

De Parking an der rue du Stade.

Albert Muller (LSAP):

Jo, dofir soll een éischter versiche fir se dohinner ze féieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech rechnen domatter, datt et der guer net esou vill sinn. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer vun der nächster Woch un – a mer kréien déi Zuelen heihinner – der manner wéi 60 oder 70 iwwer déi ganz Gemeng hunn. De Problem ass wahrscheinlech net esou gewalteg. Dat sinn déi Erkenntnisser, déi mer de Moment hunn. Mer hu scho virdru gezielt. Et sinn der do. Se stinn och meeschtens a klenge Stroosse mat schmuelen Trëttoiren, wou se d'Leit nerven. Mee et sinn der awer net esou vill. Et sinn och Camionen, déi do stinn a Bussen. Bon, dat sinn elauter Saachen, déi geféieren einfach net dohinner, an déi musse sech anescht organiséieren.

Wann et der awer méi sinn, da musse mer nees eng Kéier dorop reagéieren. Et ass wéi bei all Verkéiersreglement. Et huet ee gewësse Moossen an och Léisungen do, an et muss ee kucken, ob dat och wierkt an ob dat bei de Leit ukënnt. Wann all Mënsch deen einfache Wee sicht, bezilt an alles akzeptéiert, dann hu mer eng Lawin. Mer hunn awer och schonn anuecht geholl, datt déi Lawin net bei der éischter an der zweeter Vignette geschitt ass wéi mer de *Parking résidentiel* agefouert hunn. An ech sinn iwwerzeegt, datt et och hei net esou dramatesch ass.

Albert Muller (LSAP):

Ech hoffen, datt der Recht behaalt a soen iech Merci.

Camille Bosseler (CSV):

Wat d'Vignetten elo ubelaangt. Do ass zum Beispill en Hollänner, deen hei schafft an och wunnt. Dee fiert awer och dauernd an Holland zeréck. Deen huet säin Nummer aus Holland.

Roland Breyer, Schäffen:

Dee kann eng Vignette fir maximal ee Mount kréien. Anescht muss en den Auto hei umellen. E muss sech entscheeden, wou e gär e Virdeel hätt. Et kann een net iwwerall e Virdeel hunn. Vun der bëlleger Steier do, der bëlleger Vignette hei.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Propriétés.

Cession, d'une emprise à Lamadelaine, rue des Prés, à M. Fernand Sitz - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass eng Saach, déi mer mam Här Fernand Sitz gäre géife fest ofschléissen. Dat Ganzt geet ëm 26 Zentiar.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Pierre Tockert de Lamadelaine pour la location de deux terrains à Rodange, lieu-dit « Vullesang » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Loune vun zwee Terrainen zu Rodange am Vullesang. Et sinn d'Kadasternummeren 448-5999 mat enger Fläch vun 24,90 Ar an 379-6891 mat enger Fläch vun 8,40 Ar. Dat Ganzt ass e Bail, deen ëmmer iwwer ee Joer leeft. En erneiert sech natierlech vu Joer zu Joer automatesch wann en net gekënnegt gëtt mat engem Préavis vun dräi Méint. Den Här Tockert ass och bereet ze méinen, an dat een- bis zweemol am Joer an alles propper ze halen.

Albert Muller (LSAP):

Wat mech e bësse stéiert, dat ass dat Wuert propper. Ech denken, haut gesäit ee bal iwwerall d'Schëlter mat der Opschrëft „fauchage tardif" am Intressi vun der Natur, vun eiser Ëmwelt. An ech froe mech, ob déi Wiss hei onbedéngt muss propper gehale ginn an ob een se net einfach esou soll wuesse loossen. Et kéint ee vläicht just eemol am Joer méinen. Wat ech allerdéngs muss ënnersträichen, dat ass, datt keng genmanipuléiert Planzen däerfe gesat ginn. Dat fannen ech gutt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

E planzt näischt un an en däerf jo och keen Dünger benotzen. Et steet do „...les prés doivent être fauchés au moins une fois par année. Si les conditions météorologiques le permettent, il peut être procédé à un deuxième fauchage." Der wësst jo wéi et ass, wann d'Gras ganz héich gëtt. Deemno wat dann dra wiisst ass et net schlecht fir et eenegermoossen an der Rei ze halen andeem een en zweete Fauchage mécht.

Albert Muller (LSAP):

Also dee „fauchage tardif" ass domat gekläert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et hänkt natierlech vun der Saison of. Esou wéi et de Moment dobausse wiisst, do kënne mer jo soen, datt mer iwwerall en „fauchage tardif" hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech mengen, et ass eng normal Saach bei de Baueren. Alleguerten hir Wise ginn zweemol geméint. Déi éischte Kéier ass et fir d'Hee a méi spéit ass et fir de Grum. Vläicht hätt een et och kënnen a Locatioun ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo a Locatioun vum Här Tockert. Hien hëlt jo och de Grum an d'Hee.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Miguel Traqueira Rosa de Lamadelaine pour la location d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit « rue de la Montagne » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass de Kadasternummer 163-3827 an et sinn 2 Ar an 84 Zentiar. Deen

Terrain läit nieft dem Haus vum Här Traqueira, an hie wëllt sech do och e Gaart uleeën.

Camille Bosseler (CSV):

Dat ass deen Terrain, wou mer fréier eng Scheier haten, ënnenof bei der Schoul. Do gouf et jo ewechgeholl, wou mer fréier d'Geschir dra stoen haten iert et eropkomm ass. Wéi mer dat ofgerappt hunn ass jo uewen déi Scheier geholl gi fir d'Maschinnen, déi d'Bauere fréier zesummen ugeschaf hunn. Déi waren do ënnerdaach.

Do wier dach och eng Méiglechkeet gewiescht fir Stellplazen ze maache fir Autoen. Awer wat eis da géing gehéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do sinn der do, dat sinn der vun eis. Dat hei läit uewen Här Bosseler. Ënne si Stellplazen an dann ass eng Stützmauer do. An uewendriwwer kënnt dee Gaart. Dee Gaart läit méi héich. An de Gaart vum Här Traqueira läit och méi héich. Hien hätt elo nach gären dat Stéck, dat dernieft läit. Ob et brooch läit oder ob e Gaart dohinner kënnt, do si mer der Meenung dat wier scho gutt.

Camille Bosseler (CSV):

Do stinn der awer och heiansdo ganz laang. Et geet jo net duer, datt eppes a Stand gesat gëtt a se dann d'Autoen esou dohinner stellen. Genee wéi beim Paschtoueschhaus, do halen se jo och heiansdo laang.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass jo elo reglementéiert. Et ass eng Saach vun der Police, déi dohinner kucke geet.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech mengen, wann deen dat do ënnerhält, dann ass dat gutt. Mer hu virdu vum „fauchage tardif" geschwat. Dat ass jo alles schéin a gutt wann et net bei de Gäert läit, well soss hunn d'Leit d'Onkraut meterhéich am Gaart. A mer hunn däer Haiser e puer, wou mer kënne kucke goen. An der rue Maragole an esou weider, do sinn der e puer. Do ass ëmmer reklaméiert ginn, wéini datt do géif geméint ginn. Deen hei hëlt elo de Gaart an hält en an der Rei. Dann ass dat och tipptopp.

Norbert Pierre (LSAP):

Jo, ech mengen, dat ass schonn an der Rei mat der Locatioun. Et misst een awer vläicht dem Här Traqueira soen, datt hien déi Plaz, vun däer den Här Bosseler elo grad geschwat huet, net als private Parking sollt benotzen. Well dat mécht hien näämlech wierklech. Hie benotzt déi näämlech fir sech alleng an och fir Autoen ze flicken. Also do misst ee kucken, datt och déi aner Leit, déi do hale wëlle goen, och dohinner hale goe kënnen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo dann als Parking amenagéiert, mee dat do ass jo da just eng Saach vun der Kontroll.

Approbation à l'unanimité.

5.4.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. et Mme Joël Jakoby-Kieffer de Lamadelaine pour la location d'une bande de terrain à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass de Kadasternummer 1189-3635 mat enger Fläch vun 3 Ar a 50 Zentiar. Et ass genee ewéi och bei deene Kontrakter virdrun. En trëtt a Kraaft den 1. Juli a leeft all Kéier vu Joer zu Joer. An da gesi mer jo, wann en net gekënnegt gëtt mat engem Préavis vun dräi Méint, da kann e jo weiderlafen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn d'Adress gekuckt fir ze gesinn, wou déi Leit wunnen, well d'Adress ass jo och uginn. Do gesäit een, wou dat Haus steet. Wat mär hei feelt, dat ass, wou déi dräi Ar sinn. Deen Terrain vun däer Kadasternummer ass jo gewalteg. Déi dräi Ar sinn hei net erauszegesinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi sinn hei vir um Plang net agezeechent. Se sinn an der ganzer Mass vun eisen Terrainen dran, mee do kënne mer iech de Plang nokomme loossen. Ech soen der Madame Stefani, se soll iech e Plang schécke wou een dat gesäit.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.5.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. et Mme Jean-Claude Steinebach-Laplanche de Rodange pour la location d'une bande de terrain à Rodange, lieu-dit « rue Amalberge » - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass de Kadasternummer 1536 an 9271-261 mat enger Fläch vun 72 Zentiar. Do hutt der de Plang derbäi. Et ass eng Bande, déi säitlech verleeft a wou och eng Maierche gebaut ginn ass. Dat ass fir dat hei e bësse méi breet ze maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Och do gesäit een net genee, wou dat ass. 72 Zentiar sinn zwar och net vill.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass ganz schmuel an et leeft esou aus.

Approbation à l'unanimité.

5.6.

Propriétés.

Remise en valeur du Moulin Waxweiler à Pétange, de la Maison Rouge et des alentours immédiats - convention entre l'Etat et la commune - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mär hunn iech jo schonn déi leschte Kéier gesot, datt mer eng ganz flott Iwwerraschung vum Kulturministère kritt hunn. An zwar an deem Sënn, datt de Projet vun der Renovatioun vun der Waxweiler Millen hei zu Péiteng approuvéiert gouf. De Ministère huet eis den 25. Mäerz matgedeelt, datt mer 1.865.201 Euro géife kréien als Subsid. Plus kréie mer och nach 346.771 Euro vu Sites et Monuments. Mer géife schonn 90% vun deenen 1,8 Milliounen Euro kréie wann de Kontrakt oder déi Konventioun ënnerschriwwe wier. Mer hu se séier ënnerschriwwen an nees an d'Stad geschéckt. A mer hu se den 4. Juni och zeréckkritt, mat der Ënnerschrëft vun der Madame Modert. An den 8. Juni hate mer d'Suen och schonn um Kont. Dat heescht, mer hunn déi 90% vun de Suen do. D'Konditioune sinn déi, datt mer dëst Joer ufänken a mer am Laf vum Juli den definitive Projet stëmmen an d'Aarbechten zwee Joer nodeems mer ënnerschriwwen hunn ofgeschloss musse sinn. Am anere Fall miisste mer den „montant perçu en trop" proportionell un den Trésor zeréckzeginn. Mer sinn also beflass, dëse Projet esou séier wéi méiglech ze maachen. Mer hunn de Moment jo nëmmen 100.000 Euro am Budget stoen. Mer mussen also en neie Kredit stëmmen an och den definitive Projet aktualiséieren. Mer hunn eisem Architekt, der Madame Tatjana Fabeck, gesot, si soll Gas ginn. Mer rechnen all Moment domat, datt mer de Projet

heihinner kréien. Sollte mer kënnen eng oder déi aner Woch gewanne virun der Gemengerotssëtzung, déi den 20. Juli virgesinn ass, da géife mer gären nach eng Extrasëtzung fir dëse Punkt aberuffe fir nëmmen e Maximum vun Zäit ze kréien. Am Viraus hu mer eis emol den 13. Juli fixéiert, virausgesat, et klappt alles. Mer sinn op der Schinn, et ass alles ënnerschriwwen, d'Sue sinn do, et hänkt elo just un eis fir Vollgas ze ginn.

Albert Muller (LSAP):

Vun elauter Freed, datt mer elo mat der Mille kënnen ufänken an dee Projet realiséieren, hunn ech mer geduecht, datt et awer eng zimlech stramm Konventioun ass, déi mer hei virleien hunn. Heiansdo hunn ech d'Gefill, wéi wa mer d'Messer op d'Broscht gesat kréichen. Et ass alles perfekt an et geet esou séier, mee trotzdem sinn 20 Joer eng laang Zäit. An ech kéint mer virstellen, datt et manner laang wier an datt een 20 Joer laang näischt mat deem Objet do kann ufänken. Wann déi nächst Leit kommen an eng aner Iddi hunn, da geet et net méi. Da mussen se déi 20 Joer ofwaarden. Ech hätt léiwer, et wieren 10 oder 15 Joer.

Roland Breyer, Schäffen:

Vu wat fir engen 20 Joer schwätzt där?

Albert Muller (LSAP):

Den Artikel 4.5. „Cette même disposition s'applique au cas où la destination de la construction est changée dans les 20 ans suivant l'achèvement des travaux". Dat ass mär eng relativ laang Zäit. Wat mech och e bësse stéiert ass d'Fro ob mer dann och um Enn vun dësem Joer kënnen ufänken. Et ass jo virdru gesot ginn, datt mer elo am nächste Gemengerot dee Projet kënne stëmmen, an datt dann och direkt ka mat den Aarbechten ugefaange ginn. Ech froe mech, ob mer bis dohinner alleguer d'Autorisatiounen hu fir kënnen unzefänken. Och eng Soumissioun ka méi laang daueren. A wann do Problemer entstinn, wann zum Beispill deen een oder aneren net konform wier, da si mer séier um Enn vum Joer.

Da géif ech och gäre wëssen, wa mer d'Bauzäit net kënnen anhalen, respektiv wann d'Aarbechten net esou gemaach ginn ewéi se eigentlech virgesi sinn. Gëtt do den Architekt haftbar gemaach? Muss hie fir déi Käschten, déi eis entstinn, opkommen?

An dann nach eng lescht Fro zum Subsid, dee mer vun *Sites et Monuments* kréien. Sinn déi Konditiounen um Enn net esou streng, datt et eigentlech net duergeet fir mat däer Zomm, déi mer kréien, d'Aarbechten esou ze maachen ewéi si se virgesinn? An datt mer da vu vir era mat eisem Subsid hannendra leien?

Roland Breyer, Schäffen:

Vun hannen no vir da vläicht geäntwert. Dee Subsid, dee mer vun *Sites et Monuments* kréien, do wäerten héchstwahrscheinlech Konditiounen domat verbonne ginn. An zwar mat der aler Substanz, déi muss erhale bleiwen an esou reconstituéiert ginn. Do kréie mer héchstwahrscheinlech eng Diskussioun, déi mer awer och emol mussen ofschätzen. Well *Sites et Monuments* geet einfach dovunner aus, datt déi Substanz, déi elo do steet, muss esou erhale bleiwen, esou datt zum Beispill e Giewel net kann ofgedroe ginn. Mee si wëllen am Fong geholl „en sous-oeuvre" mat Betong sprëtzen an dat Ganzt stabiliséieren. Déi Prozedur ass deier, dat ass sécher. Et muss een elo ganz einfach ofweien – dat gesi mer elo, wa mer den definitiven Devis hunn – wat dat kascht esou eng speziell Behandlung vun de Grondelementer fir dee ganze Giewel ze retten. Oder wat wier d'Alternativ dozou, wann een de Giewel einfach géif ofdroen an en neien dohinner bauen. Well dee Giewel, dee gesäit een duerno net méi. Dat ass einfach e blanke Giewel, et ass näischt dorunner. Dat ass effektiv déi eenzeg Diskussioun, déi mer wäerte kréien am Dossier a wou ee muss ofweien, wat am séierste geet a wat och schlussendlech dat bëllegst ass. Et kéint een esou wäit goen an en Deal diskutéiere fir datt mer vläicht net esou vill Subside kréien an dofir anescht kënne bauen. Dat muss een awer elo technesch kucken, wat dat ass. Et ass nach e bëssen ze fréi fir dat ze maachen.

Mär wëssen, datt et en Challenge ass wa mer ufänken. Wa mer A soen, da musse mer och B soen. Mer musse kucken, datt mer an deem Projet virukommen. De Projet ass gutt geräift, et ass jo net haut a gëscht wou en hei diskutéiert gouf. E louch jo scho laang um Dësch. Mer hunn e just gebremst, well mer gesot hunn, datt, esou laang mer keng gréng Luucht vum Ministère hunn, mer och gesot hunn, datt mer kee Vollgas géife ginn. Elo geet et ganz séier, mee et ass awer net, wéi wann nach näischt dra geschafft gi wier. Mer wëssen awer, datt mer héchstwahrscheinlech nach net vill dëst Joer gemaach kréien. Mer kréie just déi Wuerzelbehandlung – wann een esou däerf soen – dëst Joer hannerun eis, an da wäerte mer un den Daach nach vläicht kommen oder och net. Dat nächst Joer mussen dann déi néideg Subsiden hannendru kommen. An do ka just d'Wirtschaftskris eis bremsen doranner, datt mär net méi nokommen an e puer Etappen doraus musse maachen. Dat musse mer da mam Ministère verhandelen. Ech mengen, do ass d'Dier och net esou zou. Wann all Mënsch gesäit, datt d'Wirtschafts-situatioun esou ass, datt mer bei deenen 7 Milliounen – manner déi zwou, déi mer hunn – net nokommen, da musse mer eventuell de Projet verlängeren. Da maache mer vläicht dat Rout Haus méi spéit. Do ass awer nach e bësse Loft mat dran. Dat hu mer och schonn ugedeit mat dem Ministère, an et muss een och elo kucken, well de Ministère wäert jo och an deenen nächste Woche changéieren. Da muss ee kucken, wat fir Konstellatiounen dann do sinn a wat do nach vun Diskussiounsstoff dran ass. Dat hei war just am Kader vun deenen Anti-Krise-Moossnamen, wou si wollten, datt Projete virgezu ginn. Mär kréien nach vläicht vun anere Säite och e bëssen Drock gemaach, wou zum Beispill Stroosseprojete méi séier sollen ulafen. Bon, da muss ee kucken, ob mär parat sinn. Hei si mer elo parat, hei muss ee just kucken, ob mer finanziell kënne mathalen. Dofir musse mer kucken, ob keng Iwwerraschung dran ass, ob mer bei deenen 7 Milliounen Euro bleiwen oder geet et erop respektiv erof. Dat ass dat éischt, wat emol muss gekläert ginn. An da musse mer de Wee festleeën. Mer sinn eis bewosst, datt et séier geet. Et ass en Challenge, dee mer awer kënnen unhuelen. Et ass net esou, datt et eng Contrainte muss sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach just eng Saach drunhänke wat déi 20 Joer fir d'Modifikatioun vun der Destinatioun ugeet. Ech mengen, et ass normal a legitim vun engem Kulturministère, dee Fongen an esou e Projet stécht, datt en och wëll Garantien hunn, datt dee Projet an deenen nächsten 20 Joer fir kulturell Zwecker gebraucht gëtt. Ob dat och elo „stricto senso" ass, dat ass eng aner Saach. Mee mär kënnen elo keng Crèche dra setzen oder e Jugendhaus wann de Kulturministère dat hei matfinanzéiert. Mee ech ka mer virstellen, datt, wa mer eng Kéier e bëssen an der Applicatioun wëllen änneren a mer dat och mat dem Kulturministère ofschwätzen, d'Dier net komplett zou ass. Esou laang et natierlech am Kulturberäich bleift. An ech géif och soen, dee Projet ass geräift, en ass laang duerchduecht a se sollen elo do viru fueren. Ech gesinn och elo net, datt mer géife kuerzfristeg an deenen nächsten 10 oder 15 Joer fundamental Change-

menter, wat d'Affektatioun vun deem Haus ubelaangt, uginn.

Albert Muller (LSAP):

Déi Erklärungen, déi ech elo kritt hunn, berouege mech. Dat schéngt mer och logesch ze sinn. Allerdéngs, wann een d'Konventioun esou liest ouni „wenn und aber", dann ass se zimlech rigid. An et war e bësse meng Suerg fir dorop e bëssen hinzeweisen. Och déi 20 Joer, déi an deem Fall och rigid wieren. Ech kéint mer och virstellen, datt et duerno flexibel gehandhaabt gëtt, esou wéi där dat elo erkläert hutt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also fir mech ass dat hei eng eenzegaarteg Geleeënheet fir déi Millen an d'Rei ze setzen. Wa mer déi verpassen, dann hu mer se definitiv verpasst. Et ass bluttnoutwenneg fir se elo ze maachen, a mer mussen eben elo do derduerch. Och wa mer musse vläicht fir esou e Projet wéi deen do ze maachen e Wee aschloen – am finanzielle Beräich -, dee mer net ëmmer esou passt, esou wier et mer awer an dësem Fall dat wäert. Grad well mer hei d'Méiglechkeet vun enger Kofinanzéierung kréien, déi mer soss net géife kréien.

Albert Muller (LSAP):

Dat ass richteg. Et ass just ee Wermutstropfen an deem Ganzen, dat ass, datt mer dat Haus net ze kafe kréien. Well do kann ee menger Meenung no de Projet schéin ofrënne. Bon, ech weess, et ass eng Geldgeschicht, awer fir de Site wier et bestëmmt vu Virdeel.

Roland Breyer, Schäffen:

Et däerf ee just soen, datt doduerch, datt kee sech bis ewell fonnt huet fir et ze kafen, de Präis erofgaangen ass. An de Präis wäert nach erofgoen. Spéitstens wa mär ufänken do ze schaffen.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Personnel.

Attribution d'une prime d'opérateur informatique à un fonctionnaire - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass fir engem vun eise Beamten eng Prime zoukommen ze loosse fir déi Aarbecht, déi en anere Beamte scho gemaach huet. 1990 hu mer hei am Gemengerot entscheet fir deenen zwou Persounen am Informatik-Service eng Prime zoukommen ze loossen, well si haaptsächlech spezialiséiert Coursen am Beräich vun der Informatik gemaach haten an och zur Verfügung stoungen, fir deenen anere bei Pannen oder Problemer ze hëllefen.

D'Informatik huet evoluéiert, d'Beamten och. Ee vun de Beamten, dee virdrun do war huet changéiert an en anere Beamten ass a seng Plaz komm. A wéinst der Gerechtegkeet wollte mer deem neie Beamten, deen dann elo d'Plaz vun deem ale Beamten huet, och déi Prime zoukomme loossen. Mer mussen awer domat rechnen, datt an der Tëschenzäit d'Gesetzgebung changéiert huet an den Inneministère dat vläicht net esou gesäit. Mer wollten awer d'Dier net vun eis aus zou maachen an einfach soen, wann deen een se hat an deen aneren déi selwecht Aarbecht mécht, da soll deen se och kréien. Dofir wollte mer dem Gemengerot proposéieren, deem neie Beamten op däer Plaz déi Prime zouzegestoen an an de Ministère ze schécken. An da kucke mer, ob haut eng Informatik-Prime nach ëmmer wéi deemools opportun ass. D'Äntwert wäerte mer da fir déi nächst Sëtzung hei leien hunn.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech d'Délibératioun vum 19. Mäerz 1990 liesen, do ass der Joffer Pettkus an der Madame Vorwerk eng Prime als „opérateur informatique" zougestane ginn. Haut stellen ech mer dann d'Fro, ob dat eng perséinlech Prime ass oder ob et eng Prime ass, déi op de Poste bezunn ass. Wann et elo eng perséinlech Prime wier fir d'Madame Clement an d'Madame Klasen, da kënnt een se net esou wéi hei steet einfach iwwerdroen, mee da misst ee fir dee Posten oder fir deen neie Kandidat och esou eng Prime stëmmen, esou wéi deemools. Wann et awer elo eng Prime ass, déi op de Poste bezunn ass, da misst ee sech emol doriwwer aussschwätzen a soen, datt deen, deen déi Aarbecht mécht, och déi Prime kritt.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech gesinn et esou, datt et eng Prime ass, déi op de Posten zougestallt gëtt an net, datt et eng Prime ass, déi op d'Persoun bezunn ass. Et waren der zwee, déi sech deemools haaptsächlech mat der Informatik ofginn hunn. Do ass nach eng drëtt Persoun derbäi komm, deen nach méi spezialiséiert war. Et sinn der véier an deem Service an dräi, déi dës Prime kréien. Net alle véier kréien déi Prime, also ass et eng Prime, déi mat dem Posten ze doen huet. Dobäi ass ze beuechten, datt zwou vun deene Persounen, déi sech ëm d'Informatik solle bekëmmeren, hallef Deeg schaffen. An déi drëtt Persoun, ëm déi et jo hei geet, emol geruff gëtt fir Dépannagen ze maachen. Ech hunn dat scho materlieft, well en och mech schonn dépannéiert huet. Also et ass e Posten, deen do ass, a wann dee Posten nees eng Kéier vun engem anere besat gëtt, da géife mer dat nees esou maachen. An zwar esou laang mer déi Prime och approuvéiert kréie vun uewen erof.

Albert Muller (LSAP):

Mech stéiert am Fong dat Wuert „transférer". Well soss bräichte mer jo eigentlech am Gemengerot keng Entscheedunge méi ze huelen an deem Sënn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn déi Fonctioun, déi d'Madame Clement gemaach huet, op en aneren transferéiert. An „par la force des choses" iwwerdroe mer elo och gären déi Prime. Mee et ass kloer, datt mer hei am Gemengerot eng Entscheedung huelen. Wa mer déi net hei huelen, da geet dat net automatesch. Ob mer dat elo „transférer" nennen oder eng nei maachen. Mee déi Formulatioun dokumentéiert eigentlech, datt déi Persoun virdrun dat gemaach huet an och déi Prime hat, mee elo net méi huet. Mer dokumentéieren och, datt mer däer heite Persoun déi Prime elo ginn. Esou seet een dem Ministère och, datt dat hei näischt Neies ass, wat mer agefouert hunn, mee datt et eppes ass, wat de Virgänger op deem Poste schonn hat.

Albert Muller (LSAP):

Dat ass eigentlech d'Argument fir datt et am Inneministère duerchkënnt.

Roland Breyer, Schäffen:

An der geheimer Sëtzung, wou mer eis jo e bëssen ausgeschwat hunn, hu mer jo scho gesot, datt mer ëmmer fir e Beamten, deen eppes extra oder méi mécht wéi dat wat virgeschriwwen ass, e Supplément géife ginn. Hei ass eng Handhabung, déi e bësse speziell ass nieft der Haaptmissioun, déi en huet.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Création de quatre postes de salariés (anciens ouvriers) (m/f) au service 'propreté et magasin' - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Well mer eis jo ëmmer e bësse vergréisseren an a verschidde Gebaier

mat voller „vitesse de croisière“ fueren, wollte mer proposéieren, véier nei Posten ze schafen. Zwee „salariés de la carrière de l'ouvrier de nettoyage à mi-temps“ an deenen neie Raimlechkeete vun der Neiwiss-Schoul zu Rodange well déi elo fäerdeg sinn an an de Botzplang mat erageholl kënne ginn.

Een halwe Poste kënnt an d'Sportshal zu Rodange, well mer gesinn hunn, datt déi och voll dréint an datt mer do eng zousätzlech Hëllef brauchen. An ee Salarié mat enger halwer Tâche an den „pool de remplacement“ vum Service Propreté et Magasin.

An dat, well mer festgestallt hunn, datt et dach vill Krankmeldungen an Ausfäll an deem Service ginn an den „taux d'absentéisme“ nach relativ héich ass duerch e ganze Koup schro Fäll, déi mer do haten.

Dofir wollte mer déi véier hallef Poste schafen an iech bieden, dat mat ze akzeptéieren. Dem Här Linden senger Demande vun der leschter Kéier gëtt jo dann och Rechnung gedroen. Mer hunn der jo och nach zwee am Parkbetrib ënnerwee, déi am Laf vun den nächste Wochen agestallt ginn. Da kéinte mer eisen Organigramm och nominativ op dee leschte Stand bréngen.

Albert Muller (LSAP):

Ech brauch dem Budgetsspezialist jo net ze soen datt, wat mer méi Poste schafen, wat och eis ordinär Belaaschtunge méi grouss ginn. An datt et dann eng Kéier esou wäit kënnt, datt mer am ordinäre Budget näischt méi Rescht behale fir am extraordinäre Budget z'investéieren. Ech weess, datt et net ëmmer geet, mee et soll een trotzdem virsiichteg si fir nei Posten ze schafe fir nach Suen ze behale fir extraordinär Projeten ze realiséieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Här Muller, ech ginn iech vollkomme Recht. Där schwätzt mer aus dem Häerz. Dat ass och eng Diskussioun, déi ëmmer nees gefouert gëtt, an ech kann iech versécheren, datt och an deem hei Dossier méi eng héich Zuel vu Leit gefuerdert ginn ass wéi schlussendlech zougestane gouf. Mer sinn eis bewosst, datt all Aarbechter, dee mer weider astellen, och eng weider Ausgab am Budget duerstellt. Mer wëssen awer, datt mer an deene leschte Joeren eng Verbesserung gemaach hunn an datt mer an der Tëschenzäit bei 8 Milliounen Euro Iwwerschoss am ordinäre Budget louchen. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet fir op dës Bedierfnisser anzegoen. An déi Bedierfnisser sinn do. Ech mengen, mer kréien nei Raimlechkeeten an der Schoul, an déi gëtt op d'mannst 40% méi grouss. Also brauche mer och Leit fir déi ze botzen an deenen Obligatiounen nozekommen. Mer wëssen och, datt mer wahrscheinlech an nächster Zäit am ordinäre Budget Recetten abéisse musse well d'Gewerbesteier an d'„Dotation de l'Etat“ zeréckginn. Doduerch wäert eisen Iwwerschoss vun 8 Milliounen Euro och méi kleng ginn, dat wësse mer alleguer. Mee ech géif awer soen, datt, och wa mer 2 oder 3 vun deenen 8 Milliounen Euro déi mer hunn abéissen, mer nach en Iwwerschoss vun 5 bis 6 Milliounen hätten.

Mer sinn eis awer bewosst, datt mer bei all zousätzlech Ausgab am ordinäre Budget de Frang dräimol mussen ëmdréinen a kucken, wat dat fir Konsequenzen huet. Net datt mer ob eemol de Budget just nach opkréien. An da kënne mer extraordinär Projeten ewéi d'Waxweiler Mille vergiessen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hunn den Organigramm hei viru mer leien. Wa mär en Organigramm op der Arbed kritt hunn, da stoung do net nëmmen „Chef de département“, mee da stoung ënnendrënner och en Numm. A wann et méiglech wier fir en Organigramm vu sämtleche Betriber mat der Postebesetzung, also mat de Leit, ze kréien. Dat géif mech interesséieren.

An dann och eventuell en Inventar vu sämtleche Maschinnen, déi mer an eisem Fuerpark hunn. Dat sinn ech och gewinnt, zum Beispill beim Sicona.

Et wier vläicht och ubruecht fir am halwen oder um Enn vum Joer e Bilan ze maachen iwwer déi Aarbechten, déi an deene Betriber gemaach ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Also ech hat et esou verstanen datt, wann den Här Linden den Organigramm kritt, dee ganze Gemengerot e kritt. Selbstverständlech kommen d'Nimm dohinner fir datt mer emol erëm eng Kéier ganz genee gesinn, wee wou ass. Well wa mer fäerdeg sinn, dann hu mer awer quasi 300 Leit an der Gemeng beschäftegt, an dann ass et net schlecht, wann ee Gesiichter dobäi gesäit.

Wat den Inventar vun de Maschinnen ugeet, esou hu mer esou een. Mee do fänkt et dann un, ganz konfus ze gi mat all deene klenge Maschinnen, déi mer hu fir ze botzen. Do misst ee jo och d'Staubsauger opzielen.

Camille Bosseler (CSV):

Majo, mee et ass awer eng Hëllef fir d'Leit, déi dat net méi manuell musse maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer kucken emol, wéi mer iech do weiderhëllefe kënnen. Ech kann iech och scho soe wat een am Botzbetrib geschafft ginn ass. An dat ass, datt gebotzt ginn ass. Méi ass eben do net dran. Et ass keng Produktioun do, et gëtt all Dag gebotzt. Bon, et kann een iech soen, datt all Dag esou an esou vill Quadratmeter gebotzt ginn. Wat soll een do aneschters soen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat do ass richteg. Mee op däer aner Säit hu mer jo och d'Garage, de Service Propreté et Magasin. Wa mer esou e grousse Betrib hunn – ewéi den Här Muller dat och scho gesot huet – dann ass et dem Gemengerot säi gutt Recht fir e Bilan vun allen Aarbechten ze kréien, déi gemaach gi vun eisen Servicer. Et wier fir mech net falsch fir emol eng Kéier ze kucken, wéi een dat ka maachen.

Wat de Botzservice ugeet, esou ginn ech och dem Här Breyer Recht, datt do nieft dem Botze vun de Raimlechkeeten net vill dran ass. Mee wann een awer déi generell Mass vun der „charge salariale“ vun eise Betriber kuckt an do wëll gesinn, wat vun extraordinären oder ordinären Aarbechte gemaach gouf, da wier dat sécher interessant. An et géif mech och heiansdo interesséieren. Är Fro wäerte mer dann emol viruginn a kucken, wat mer do kënne kréien.

Accord à l'unanimité.

7.

Ordre public et sécurité.

Avenant, à la convention, pour la location et la maintenance des ordinateurs portables pour les agents municipaux - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer brauchen eng nei Uschafung fir eis Pecherten. 2005 si se mat esou klenge portable Computeren ausgestatt ginn, wou se kënnen d'Protokoller späicheren an och duerno de Suivi dobannen op engem Computer maachen. Tëscht 2005 an 2009 huet d'Informatik natierlech Fortschrëtter gemaach. Et sinn nei Programmer erauskomm, esou datt déi Apparater, déi se elo hunn, net méi esou performant sinn ewéi se eigentlech gebraucht ginn an och net kompatibel mat den Apparater vun der Police sinn. Mer sollten nei Apparater fir eis Pecherte lounen. Do hutt der och d'Evolutioun gesinn. Fréier hunn se 166 € de Mount kascht fir d'Ënnerhaltskäschten, elo si se bei 280 €. An

d'Apparater kaschten 531,61 €. An do hu mer wëlles, e Kontrakt op 8 Méint ze maache mat däer Firma, déi eis dat liwwert. Mer géifen iech proposéieren, de Leasing fir déi dräi nei Apparater bei dëser Firma ze maachen, déi och scho virdru Software geliwwert huet an elo eng nei an aktualiséiert Form virschléit.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hunn 280 € hei opgezielt bei d'Ënnerhaltskäschten vum Material, mee ënne steet e Chiffer vun 531 €. Do sinn déi 280 € awer scho mat dran, esou ech dat verstinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, déi si mat dran.

Camille Bosseler (CSV):

Wa mer elo musse Kontroll maache mat deenen neie Vignetten, wéi geet et dann elo mat deenen dräi Männercher, déi mer hunn an déi och zu zwee trëppelen? Ech hu gesot kritt, datt et verbueden ass fir eleng trëppelen ze goen. Mee an der Stad hunn ech bei der Fondation Pescatore gesinn ewéi ee Pechert mat Vëlo dohinner koum, de Vëlo dohinner gestalt huet, en huet déi eng an déi aner Säit gemaach an ass duerno nees fortgefuer. An deem ass näischt geschitt. Mee hei mussen se d'Hand hale fir iwwer d'Strooss ze goen. Hunn se Sträit mat deem drëtte Pechert, well soss géifen se deen och mathuelen?

Roland Breyer, Schäffen:

Also et ass iergendwéi eppes net logesch an der Ausféierung. Wann der zwee matenee ginn, da muss jo een eleng goen. Et huet awer keen si esou erausgeschéckt. D'„agents municipaux" si Beamten, déi mär agestallt hunn a vun der Police organiséiert ginn. Dat war vun Ufank u ganz kloer, well si si besser ënner de Fittiche vun der Police. Mat de Joeren – se sinn elo am 13. Joer hei, dat ass jo schonn e Strapp – hu si sech quasi selwer organiséiert. Si sëtze separat an engem Haus. Et ass heiansdo gutt, wann een se zesummerifft. A mer haten déi lescht Woch eng Reuniouun, wou emol eng Kéier gekuckt ginn ass, wéi se fonctionnéieren. An do hu mer festgestallt, datt si sech selwer organiséiert hunn. Si hu keen einfache Beruff, besonnesch wa se hei an der Gemeng wunnen an et och nach Kënneger sinn, deene si e Protokoll maachen. Da mussen se sech heiansdo Frechheete gefale loossen. Se si vläicht heiansdo selwer Schold drun, datt se esou wéineg Respekt vun der Populatioun kréien. Mer hunn hinnen awer elo ganz kloer gesot, datt mer gären hätten, datt si anescht fonctionnéieren. Si mussen dee Parcours, deen si ze maachen hunn, net all Dag no engem Schema trëppelen. Et sollen elo méi punktuell Aktioune ginn. Se brauchen och net méi bei der Schoul ze stoe fir ze kucken, wann d'Kanner erauskommen an iwwer d'Strécher ginn. Se sollen och däer Saachen duerchféieren, mee punktuell oder wann eppes lass ass.

Mee se ginn elo op Zäiten a Manéieren agesat, déi ganz ongewinnt ware bis elo. Se kréien och en Auto vun eis zur Verfügung, esou datt se sech méi séier op Plaze kënnen déplacéieren. Mer soen och net wéini, a mer wëllen och guer net wësse wéini. Mer hu just mam Commissaire diskutéiert, an hie soll se elo esou asetzen ewéi mär dat gären hätten. Ech kann iech just soen, datt se dës Woch an och iwwer de Weekend eng Nuetsschicht aleeën. Dat heescht, datt se owes ënnerwee sinn. Da kréie mer och e bësse méi Disziplin dohinner, well de Moment war et e bësse verwässert. Instruktioune waren och emol net ëmmer kloer wat Privatbesëtz ugeet a wou fréier gesot gouf, datt se net dohinner dierfte goen, well et e Privatterrain ass. Mer hunn awer ganz kloer „avis juridiques" virleien, wouraus ervirgeet, datt alles, wat op ass fir d'Ëffentlechkeet mär d'Recht hunn do ze reglementéieren. Déi Kloerheete sinn alleguer komm an si hunn elo gesot kritt, wat mer vun hinnen erwaarden. An ech géif de Gemengerot gären an d'Verantwortung mat eranzéien a mer net ëmmer automatesch déi Promotioune mat-maachen, mee datt mer och emol kucken, ob se esou schaffen, wéi mer dat gären hätten. Well wa mer bei den Aarbechter méi genee kucken, da musse mer och do kucken. Ech wëll hinnen eng lescht Chance ginn, mee se mussen anescht schaffen ewéi bis elo. D'Resultater wäerte mer jo da gesinn.

Approbation à l'unanimité.

8.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass och eng Traditioun, wou mer hu musse Léierpersonal ersetzen a wou mer d'Kontrakter hunn, déi musse ratifizéiert ginn.

Ratification à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

Club de loisirs Echelsbaach Lamadelaine » - changement des statuts.

Il en est pris acte.

9.2.

Vie associative.

« Baachforell Lamadelaine » - changement des statuts.

Il en est pris acte.

10.

Questions des conseillers communaux.

Carlo Gira (CSV):

Meng éischt Fro bezitt sech op d'Äntwert vun enger parlamentarescher Ufro, wou d'Madame Minister Delvaux-Stehres an hirem an am Numm vum der Familljeministesch Marie-Josée Jacobs schreift „De plus, dans les maisons relais, 80% des heures d'encadrement doivent être assurées par agents dits qualifiés. Les qualifications suivantes sont visées: éducateur gradué, éducateur diplômé, psychologue, pédagogue, pédagogue curatif et social, instituteur, assistant social et assistant d'hygiène social." Si gëtt an enger Tabell un, datt an der Gemeng Péiteng bei engem Total vun 24 Leit Personal 37,5% éducativt Personal wier an déi aner 15 Persounen „aides socio-éducatives" wieren. Et steet och an dësem Schreiwes, datt den Taux fir dat qualifizéiert Personal just fir den éducative Beräich gëlt an net fir an der Betreiung wat reng Kantin ass. Ech wollt am Bezuch op déi nei geplangte Maison Relais zu Péiteng, déi mer jo op Bestëmmung vum Ministère baue musse fir eisen Obligatioune gerecht ze ginn, wëssen, ob mer net Gefor lafen, den ordinäre Budget ganz staark ze belaaschten. Wuel wëssend, datt mer duerch déi multikulturell Gesellschaft hei an der Gemeng méiglechst deem gefuerderten Taux u qualifizéiertem Personal sollte gerecht ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An eise Maison Relais hu mer 9 diploméiert Erzéier, déi schaffen 320 Stonnen. An deenen 320 Stonne sinn déi administrativ Stonnen net als Encadrement mat gerechent, esou datt dat Ganzt nëmmen 246,74 Stonne sinn. Dat heescht, 43,63 %. De Minimum fir diploméiert Erzéier an eise Maison Relais, déi mer awer an der

Konventioun hunn, dat sinn 226,19 Stonnen, esou datt mer do schonn iwwer 20 Stonnen driwwer leien.

Wa mer elo un d'„aide-éducateurs" kommen, do hu mer 12 Leit, déi 246 Stonne schaffen. Do gi mer deenen 80% gerecht. Dann hu mer och nach dräi Persounen, déi net doranner falen, mee déi hunn awer hir 100 Stonne Weiderbildung gemaach, déi vun der „Entente des foyers du jour" gefrot sinn. Déi maachen dann dräi Mol 10 Stonnen, also 30 Stonnen, als Ramplassang pro Woch.

Wann der elo natierlech sot, datt mer déi nei Maison Relais zu Péiteng bauen, da weess och all Mënsch heibanne wéi grouss eis Waardelëscht ass. Et gëtt ëmmer méi gefrot. Mär mussen eis däer Erausfuerderung stellen, mee mer wëssen och, datt natierlech eise Budget betraff ass. Och wann de Stat eis an nächster Zäit méi zur Verfügung stellt fir d'Léin vum Personal ze bezuelen. Mär mussen awer ëmmer drun denken, eise Budget unzehiewe wat déi do Ausgabe betrëfft. Dat wäert natierlech mat däer neier Maison Relais 2010 oder 2011 ugoen, esou datt mer do nach e bëssen Zäit hunn.

Carlo Gira (CSV):

Jo, ech hu jo drop higewisen, datt mer eisen Obligatioune musse gerecht ginn.

Ech si méi dacks op déi sougenannten Tunnelle fir Amphibien an der Verlängerung vun der Athuser Strooss opmierksam gemaach ginn. Dës Aarbechte si jo vun Ponts et Chaussées duerchgefouert ginn. Wann dës Aarbechten awer solle wierksam sinn, da muss um Parking bei de Fëschweieren och eppes geschéien, well d'Mouken dohinner geleet an dann iwwerrannt ginn. Sinn Aarbechte virgesinn? Wat huet d'Gemeng elo mussen an dëse Projet investéieren?

Gilbert Welter, Schäffen:

Dës Aarbechte sinn ausgefouert ginn am Kader vun den „mesures compensatoires", déi beim Bau vum Contournement vu Péiteng virgesi waren. Nom Uleeë vun de Weiere sinn nees Mouken dohinner komm, an hir Stéckzuel ass och an deene leschte Joeren an d'Luucht gaangen. An der Reunioun mat Ponts et Chaussées an dem Ëmweltministère ass sech esou ausgedréckt ginn, datt géif gekuckt ginn, datt och um Parking bei de Fëschweiere weider Moossname géife geholl ginn. Et muss een natierlech wëssen, datt d'Exploitatioun privat ass. D'Terraine gehéieren zum PED respektiv zum Wirtschaftsministère.

An enger Diskussioun, wou den Här Wegener an ech derbäi waren, gouf gesot, datt e Projet misst zustane kommen an datt eventuell eng Méiglechkeet besteet fir an deem Hiwwel, deen si erofwanderen, eng Ariichtung géif gemaach gi fir d'Mouken duerch e Rouer ze leede bis an d'Waasser. Dat wier awer dann an enger zweeter Phas. Et ass och esou, datt de Budget erschöpft war. Dat Ganzt huet eppes iwwer 50.000 € kascht, ewéi si eis gesot hunn. Et ass awer och esou, datt mär als Gemeng mussen dohannert bleiwe fir datt effektiv eppes weider soll geschéien. Mär sinn och der Meenung, datt eppes muss geschéie well et awer schonn eng ganz Rei Joeren hir ass, datt mer agräifen. D'Gemeng huet finanziell guer näischt an dëse Projet investéiert, mee se huet ganz vill Zäit investéiert, well mer zënter 3 Joer amgaange si beim Ëmweltministère ze reklaméiere fir datt eppes soll geschéien. Ech weess, datt eng vun deene ganz groussen Dageszeitungen e groussen Artikel hat mam Titel „Blutbad auf der Athuser Straße". Ech mengen, et sinn och Leit, déi do wunnen, déi och mat intervenéiert hunn. Mer sinn och frou, datt endlech eppes do geschitt ass. Mee wéi gesot, mer mussen och dohannert bleiwen, datt effektiv déi zweet Phas och zustane kënnt, déi si eis annoncéiert hunn. Och hu se eis an däer Reunioun gesot, datt se eventuell géifen drun denke fir bei de Fëschweieren zu Rolleng eppes z'ënnerhuelen an der nächster Zäit.

Carlo Gira (CSV):

Jo, well et war meng Absiicht, datt keen esou en Artikel méi an d'Zeitung kënnt. Et mécht kee Sënn fir se dohinner ze leeden, wa se dann do iwwerrannt ginn.

An enger leschter Fro wëll ech dann nach wëssen, ob et dëse Summer virgesinn ass fir d'Gréngbeeter, déi virum leschte Summer gebotzt goufen, vun deene Planzen ze befreien, déi net dohinner gehéieren. An och fir duerno alles nees mat Mulch ze bedecke fir datt net erëm Kraider do opkommen, déi net geplangt sinn. Ech hu mech elo an dëser Fro op d'Jenken bezunn, awer ech sinn och an der Tëschenzäit ugeschwat gi vun aner Plazen, wou schonn zanter annerhallwem Joer näischt méi geschitt ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hat mer geduecht, datt der iech géift op d'Jenken bezéien. Ech hunn och de Moie mat eisem Gäertner geschwat. Wann d'Wieder et dës Woch erlaabt, an et reent net all Dag esou wéi de Moien, da wäert nach ausganks vun dëser Woch an de Jenken ugefaange gi fir weiderzekommen a fir déi Gréng-beeter nees a Form ze setzen. Wann ech awer esou drun denken, wat mär eventuell virschwieft, dat wier, ob mer net och emol sollen op de Wee goe wéi dat an anere Gemengen de Fall ass. Ech zitéieren hei eng Gemeng aus dem Süden, näämlech Diddeleng. Do si verschidden Awunner, déi eng Patenschaft iwwer e Bam oder e Gréngbeet iwwerholl, dat se virun hirem Haus hunn. Ech mengen, et ass jo ëmmer ganz schéin, wann d'Gemeng dat installéiert an och ënnerhält, mee déi Leit ënnerhalen et selwer. Déi maache sech eng Éier draus fir dat ze ënnerhalen, esou datt et ganz flott ass. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob een net och emol sollt bei eis an der Gemeng op dee Wee goen, well mer hu vill Citéën. Iwwerall gëtt Grénge gefrot, mee et muss ee sech dann natierlech d'Fro stelle mam Personal a mam Budget, well dat steet natierlech ëmmer hannendrun.

Carlo Gira (CSV):

Géint esou Konventiounen hätt ech bestëmmt näischt anzewennen, mee ech mengen, dat ass eng Aarbecht wou een d'Leit eng Kéier muss zesummeruffen a kucken, ween do bereet ass matzeschaffen. Do sinn awer Hecken, do muss ee genee kucken, wee wat mécht an och wat fir e Material do zur Verfügung steet. Well dat muss jo awer fachmännesch gemaach ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech bezéie mech och net op d'Hecken, mee ech denke just un déi kleng Stécker, déi virun den Haiser stinn. Do steet emol e Kiwwel mat Blummen oder e Bam mat Grénge ronderëm. Et ass haaptsächlech dorëms, wou et geet. Wa mer do schonn eng Léisung hätten, da wier scho vill geschitt. Da wier och fir aner Aarbechte méi Zäit.

Carlo Gira (CSV):

Hei sinn et haaptsächlech Straiss. An doduerch datt Mulch do war, sinn och keng Kraider gewuess, déi net dohinner gehéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss och soen, datt mer schonn an der Gemeng Situatiounen hu wou d'Leit matschaffen. Zu Rolleng, wéi de Buer nei gemaach gouf an der rue de la Fontaine, do hunn d'Nopere sech bereet erklärt fir déi Rousen z'ënnerhalen, ze netzen an och de Buer an der Rei ze halen. An ech weess – ech ginn och regelméisseg an déi Strooss -, datt dat exemplaresch fonctionnéiert.

Dat heescht, wa mer effektiv an déi Richtung ginn, da wäert mer och déi

eng oder aner Saach verbessert kréien.

Carlo Gira (CSV):

Heiansdo – an de Jenken ass dat och de Fall – läit einfach eng gréng Sträif hanner den Terrainen, wou et och méiglech wier, datt d'Besëtzer géife mat der Méimaschinn driwwer fueren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et misst een d'Leit emol drop uschwätzen, e klenge Questionnaire erausginn oder Quartiersversammlungen aberuffe fir op deen dote Punkt hinzeweisen. Ech wette mat, mer kréichen eng ganz Rei vu positiven Äntwerten.

Albert Muller (LSAP):

Dëslescht hunn ech gesinn, wéi zwee Mataarbechter vun der Gemeng an enger Niewestrooss zu Péiteng d'Onkraut laanscht eng Fassad, déi a schlechtem Zoustand ass, ewech gemaach hunn. Ewéi ech si du gefrot hunn, ob dat net dem Besëtzer seng Aarbecht wier, krut ech als Äntwert: „Si (ech huelen un, datt vum Schäfferot Rieds geet) hunn an der Haaptstrooss bei de Geschäfter ugefaang, an elo kommen och déi aner Leit froen".

Am Numm vun all deenen Awunner vun der Gemeng Péiteng, déi hiren Trëttoir selwer propper halen, wollt ech froen, ob de Schäfferot do en neie Service agefouert huet. Et wier jo net schlecht. Da géif endlech dat Gespréich ophéieren, datt eis Gemeng nach ni esou dreckeg war ewéi an der leschter Zäit. An ech muss iech éierlech soen, datt déi Bemierkunge mech immens nerven.

Awer zeréck zu menger Fro. Wann esou en neie Service besteet, wou kann ee sech melle fir och den Trëttoir gebotzt ze kréien, a wat kascht dat? A wa keen esou en Service besteet, kann de Schäfferot dann net bei deene Besëtzer intervenéieren amplaz nozekucke bis d'Onkraut en halwe Meter héich ass a fir et da vun de Gemengebetriber ewech maachen ze loossen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Muller, ech hu mech informéiert, an ech weess net, wat fir e Betrib vun eiser Gemeng dat war a wat fir Aarbechter do geschafft hunn. Et krut vum Parkservice gesot, datt si et sécher net waren.

Et ass och net vun eis ausgaangen, datt eis Betriber sollen – op alle Fall déi Servicer, déi a mengem Ressort sinn – den Dreck virun esou Haiser ewech maachen. Dat ass nach ëmmer dem Besëtzer seng Aarbecht fir säin Trëttoir propper ze halen. Esou en neie Service ass och net geschaf ginn an e besteet och net, esou datt ech iech dorop keng Äntwert ka ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll och nach soen, datt ech dee Saz, datt eis Gemeng nach ni esou dreckeg war wéi an der leschter Zäit, net kann novollzéien. Mer wëssen, datt sécherlech d'Disziplin net méi déi gréissten ass. Mee dat ass e Problem, deen d'Gemengen all hunn. Well wann ech meng Kollegen aus anere Gemenge froen, dann ass dat d'selwecht. Ganz vill fuere mam Auto laanscht a geheien hiren Dreck zur Fënster eraus amplaz e mat heem ze huelen. Dat stéiert mech immens. Mer mussen do Weeër fanne fir dat eng Kéier ze sanktionéieren. Mer sinn och amgaangen dat an eisem Polizeireglement nei ze definéieren a wou mer déi do Saachen och opgräifen an eis dorop konzentréieren. Mer hunn och méi héich Strofe fir esou Zwecker virgesinn. Et muss natierlech kontrolléiert ginn an et muss een natierlech déi Leit fannen, déi dat maachen. An eréischt da kann ee se sanktionéieren. Et ass näischt méi feig wéi iwwer d'Collectrice oder d'Autobunn ze fueren an einfach eng Tut mat Dreck erauszegeheien, dat ka bal jiddereen. Mee dat musse keng Leit aus der Gemeng sinn, dat kënnen och Leit vun auswäerts sinn, dat kann een net soen. Et ass e Problem, mee esou bal mer esou eppes gesinn, da gi mer dohinner a botzen do.

Mee och bei däer Geschicht, wou der elo sot wou d'Onkraut ewech gemaach gouf, kann ech iech garantéieren, datt mär als Schäfferot keng esou Informatioune ginn hunn. Well jidderee muss viru senger eegener Dir kieren. Well wa mer dat och nach ufänken, da komme mer dohinner, datt eisen ordinäre Budget net méi opgeet, well da musse mer nach eng etlech Leit astellen. An dat kënne mer eis finanziell net leeschten. Wann awer jiddereen en Effort mécht a mer d'Bierger och méi abannen – och am Kader elo vun dem Här Gira senger Interventioun -, da fanne mer awer vläicht aner Méiglechkeete fir eis Gemeng nach méi propper ze maachen ewéi se ass ouni nach massiv Leit anzestellen. En neie Service gëtt et sécherlech net.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Just nach eng Fro un den Här Muller. Dir hutt jo mat deenen zwee Aarbechter geschwat, déi do gebotzt hunn. Hutt dir se net zoufälleg gefrot, zu wat fir engem Service se gehéieren?

Albert Muller (LSAP):

Neen.

Wann ech gesot hunn, datt et mech nervt, wann d'Leit soen, eis Gemeng wier nach ni esou dreckeg gewiescht, dann ass dat net eng Kritik vu mär. Dann ass dat wierklech eppes wat mech nervt, well ech sinn net der Meenung, datt eis Gemeng an der leschter Zäit méi dreckeg ginn ass.

Mee d'Leit maache sech et einfach. Si soen einfach eis Gemeng wier knaschteg. A wann een ufänkt ze diskutéieren, da kënnt ee guer net virun. Allerdéngs fannen ech dat mat deem Onkraut net an der Rei wa Leit do sinn, déi et einfach wuesse loossen an denken, datt d'Gemeng dach iergendwann kënnt fir et ewech ze maachen. Dofir wier ech frou, wann do e bësse méi Suivi gemaach géif ginn an deen een oder aneren och drop higewise gëtt, datt e soll säin Onkraut ewech maachen. Well soss sinn déi aner jo wierklech domm wa se hiren Trëttoir an der Rei halen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wat een do kéint maachen, dat ass, datt ee systematesch deene Besëtzer e Bréif schreift. Dat ass a mengen Aen nach ëmmer déi bescht Method.

Albert Muller (LSAP):

Da kënnt mäin zweete Punkt, den Entretien vun den Trëttoiren an de Borduren. Et fält mer op, datt kaum nach Trëttoirsplacken oder Bordurë gefléckt oder ersat ginn. Dogéint kënnt ëmmer méi d'Praxis op, déi futtis Placken einfach eraus ze geheien an déi Lächer, déi do entstane sinn, mat Tarmac opzefëllen. Dat geet zwar méi séier an et mécht manner Aarbecht. Awer professionell ass dat net, an och guer net schéin. Et muss dach méiglech sinn, eng Aarbecht esou ze maachen ewéi dat sech gehéiert. An zwar „selon les règles de l'art". Oder muss neierdéngs am Akkordtempo geschafft ginn?

An deem Kontext wëll ech drop hiweisen, datt eng bekannte Perséinlechkeet vu Péiteng emol gesot huet: „..ob se dat maachen oder schaffen, d'Pei kréien se souwisou". Domat huet e sech keng Frënn geschaf. Mee et ass kloer, datt een an dësem Kontext kéint froe firwat se esou séier schaffen. Firwat d'Aarbecht net anstänneg maachen? Dofir hätt ech och vill léiwer wann an Zukunft net mat Tarmac mee mat Trëttoirsplättercher operéiert géif ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech mengen net, datt de Problem doranner läit, datt ze séier geschafft

gëtt. Ech mengen net, datt mer d'Explikatioun dohinner siche musse goen.

Albert Muller (LSAP):

Dann hunn ech nach méi en delikate Problem, an dat ass d'Liewens- a Wunnqualitéit an eiser Gemeng. An do wollt ech froen, wat e Bierger maache kann, wann hie sech an senger Liewens- a Wunnqualitéit gestéiert fillt? U wie kann hie sech adresséieren?

Zum Beispill ass do en Noper, deen e Scheinwerfer a sengem Haff installéiert huet. All Kéier wann eng Kaz laanscht leeft, da geet dee Scheinwerfer un a liicht mengem Bekannten direkt an d'Stuff. Dat war och am Ufank net weider schlëmm, mee elo, no enger gewësser Zäit, geet dat him dach lues a lues op de Wecker.

Oder en anert Beispill. All Kéier wann d'Lokomotiv vum Train 1900 an der Gare zu Péiteng steet, da mussen d'Leit an der Ëmgéigend direkt hir Fënsteren zoumaachen. De Gestank vum Damp ass näämlech net auszehalen. Ausserdeem leet sech e schwaarze fettege Film op alles, wat vum Damp gesträift gëtt. An dësem Fall: null Liewensqualitéit an och nach eng immens Belaaschtung fir d'Ëmwelt. Op däer aner Säit ginn awer eis Ministere kritiséiert, wa si mat décken Autoen op d'Schaff fueren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Muller, där hutt Recht doran. Mee op däer aner Säit gëtt et och nach aner Saache wat d'Liewensqualitéit hei an der Gemeng ugeet. An déi ass awer net esou schlecht, mee et kéint een och nach déi verstoppte Stroossen opzielen. Déi Leit, déi do wunnen, hunn och net esou vill Liewensqualitéit ewéi déi aner. Ech wollt awer versichen, op déi zwee Punkten zeréckzekommen.

Beim Punkt 1 mam Scheinwerfer schéngt et mer awer esou ze sinn, datt do eng gewësse Sécherheet matspillt. Wann den Noper do Sensore mécht, datt de Scheinwerfer ugeet, da kann ech mer gutt virstellen, datt, wann emol ee sollt dohinner kommen, deen näischt do verluer huet, déi Persoun, déi sech elo gestéiert fillt, och mat ofgeséchert ass. Wann et zwee Nopere sinn – an där stellt jo d'Fro, u wien ee sech do adresséiere kann -, da misst een emol virun allem selwer mat dem Noper schwätzen a froen, ob de Scheinwerfer kéint geréckelt ginn esou datt en net méi an d'Stuff eraliicht. Dat wier a mengen Aen de Wee, op deem ee sech op eng einfach Manéier kéint eens ginn. Wann et awer elo esou ass, datt déi Nopere scho méi laang an engem Sträit sinn, da gesinn ech just nach d'Méiglechkeet, eventuell iwwer en Zivilgeriicht ze goen. Et ass nun eben esou, datt d'Gemeng sech net doranner mëscht, well soss wéisste mer net méi wou ufänken a wou ophalen.

Och wat den Train 1900 ugeet, do ass ze soen, datt et eng Privatgesellschaft ass, déi eis eng eemoleg Touristenattraktioun bitt. Si gëtt ënnerstëtzt vun enger ganzer Rei Ministèren, fir den Tourismus ganz besonnesch hei am Süden ze fuerderen. Et ass richteg, datt et fir verschidde Leit, déi an der Géigend vun der Péitenger Gare wunnen, och Nodeeler huet. Mer solle versichen, zesumme mam Ëmweltbüro a mat de Responsabele vum Train 1900 Kontakt opzehuelen an iwwer dës Problematik ze diskutéieren. Et misst een och kucken, ob déi Zäiten, wou d'Dampmaschinn an der Péitenger Gare steet, nach kéinten erofgesat ginn. Wann der mech frot, u wien ee sech nach kéint adresséieren, da kéint ech mer just nach den Ombudsmann virstellen, bei deen ee reklaméiere kéint goen. En anere Wee gesinn ech och hei net, well déi Attraktioun awer vun der Allgemengheet gewënscht ass an ech mer och net virstelle kann, dann en Train 1900 ouni schwaarzen Damp fiert.

Albert Muller (LSAP):

Datt den Train 1900 mat schwaarzem Damp fiert, dat ass normal. Wat awer net normal ass – dat hunn ech och gëschter nach eng Kéier gekuckt -, dat ass, datt just dee Moment, wou si do stinn, Kuelen nogeschëppt ginn. An dee Moment entsteet jo deen immens schwaarzen Damp. Do misst ee vläicht kucken, ob een dat net kéint op enger aner Plaz maachen , an net an der Péitenger Gare.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech huelen dat gäre mat op de Wee a wäert och mam Här Wolter doriwwer schwätzen. An da kucke mer, wat dobäi erauskënnt.

Guy Brecht (LSAP):

Zanter enger gewësser Zäit scho gëtt de PiKo vu ganz drolege Geselle besicht, bei deenen et sech ëm eng Zort Zigeiner – hei muss een natierlech virsiichteg si mat deem Ausdrock - handelt. Si maache grouss Wäsch an de Lavaboen, wat een net grad agréabele Geroch hannerléisst. Déi selwecht Leit sprangen dann duerno just mat hirer Ënnerbox an d'Waasser, well si emol keng Schwammsaachen unhunn. An deem Zesummenhang miisste schonn divers Reklamatioune bei iech komm sinn. Geet et elo einfach duer, datt d'Schwammmeeschtere méi Chlor an d'Waasser geheien oder wat gedenkt der z'ënnerhuele fir däer Problematik entgéint ze wierken?

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Brecht, an dëser Saach kann ech iech zwou Erklärunge ginn. D'Police, dat heescht de Proximitéitskommissariat vu Péiteng an de Centre d'intervention vun Déifferdeng, hunn hir Mataarbecht verséchert. Dëst ass och an enger vun de leschte Reuniounen am Kader vum „Plan local de la sécurité" ënnerstrach ginn. Agente waren och schonn e puer Mol op der Plaz. Ausserdem sinn d'Effektiver vun der Sécherheetsfirma am PiKo eropgesat ginn. Bei groussem Zoulaf vu Cliente steet nieft de Sécherheetsagenten, déi ëmmer um Terrain sinn, och ewell e Mataarbechter „auf Abruf" doheem prett fir jidderzäit kënnen anzegräifen. Och an dësem Punkt huet de Schäfferot net gezéckt fir dofir ze suergen, datt d'Leit an der Rodanger Schwämm schéin a roueg kënnen hir Stonne verbréngen. D'Personal aus der Schwämm soll och net vun esou komesche Geselle belästegt oder, wéi där se nennt, verbal oder physesch attackéiert ginn.

Ech géif awer och nach gären eng weider Informatioun hei lass ginn iwwer Saachen, déi wahrscheinlech an deenen nächsten Deeg un iech erugedroe ginn. Mëttwochs, den 3. Juni, ass tëscht 17 an 18 Auer eng männlech erwuesse Persoun, géint deen och en Haftbefehl virlouch, vun der Police verhaft ginn. Mär hunn op alle Fall keng Detailer. Mer wëssen awer, datt vill Leit am PiKo waren, a wann do sechs so der siwe Leit kommen an een an Handschellen offéieren, da kéint et sinn, datt dozou och déi eng oder aner Fro kéim.

Guy Brecht (LSAP):

Do hutt der mer awer net richteg op meng Fro geäntwert. Wësst der da vun deene Saachen, déi ech ugeschwat hunn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Jo, sécher.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht, wat där mer elo gesot hutt, datt sinn d'Moossnamen, déi der ergraff hutt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Jo, dat sinn déi Moossnamen op déi Tëschefäll hin.

Guy Brecht (LSAP):

Meng zweet Fro betrëfft d'Spidol zu Nidderkuer. Ech wëll iech opmierksam maachen op Zoustänn, déi um 5. Stack

herrschen. D'Leit, déi do an de Better leien – sief dat scho méi laang oder eréischt frësch operéiert – mussen hiert Waasser an de Gank an den Automat siche goen. Just Kréi vun engem Liter gi vun den Infirmièrë vum Krunn gezaapt. D'Leit kréien da kee Glas mee e Plastikbecher. Frësch operéiert Leit ginn domat net eens a mussen aus dem Literkrou drénken.

An den Zëmmere si keng Toiletten. D'Toiletten um Gank, eigentlech jo fir d'Patiente geduecht, ginn nëmmen ee Mol am Dag gebotzt a gesinn no der Besuchszäit grausam eraus, esou datt déi krank Leit sech scho méi wéi eng Infektioun do opgeraf hunn. Futtis Déieren (Insekten) leien iwwerall an den Ecker vun den Toiletten. D'Iessplateauen, déi d'Leit dohigestallt kréien, si knaschteg an zum Deel och verbrannt. An der Toilett um Gank ass meeschtens kee Pabeier, weder fir d'Fangeren nach fir nom Geschäft. Am Buedzëmmer steet kee Behälter fir d'Seef dran ze leeën an och kee Glas fir d'Zännbiischt. D'Leit leien zum Deel a futtissem Bettgezei, esou datt d'Famill Kappkësse vun doheem musse matbréngen. Um Stack ginn et just nach 2 Infirmièren, well elo och nach sollen d'„aide-soignantes" gestrach ginn. Déi 2 Infirmière musse sech ëm d'Iessensplateaue bekëmmeren an och nach niewelaanscht ëm déi 5 Patienten, déi moies liicht Operatioune gemaach kréien an owes nees heem ginn. Dat Personal ass einfach iwwerfuerdert. Am Gespréich mat enger vun den Infirmièrë sinn ech da gewuer ginn, datt déi Moossname vun uewen erof ordonnéiert si ginn. Dofir meng Fro: Wien huet esou Zoustänn ordonnéiert?, Wat gedenkt den Här Buergermeeschter, dee jo och Member vum Conseil Administratif ass, ze maache fir esou Zoustänn ze ënnerbannen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ginn et jo zwou Froen a jee zwee Voleten dozou. Dat eent ass, wat de Fonctionnement ugeet, an dat aner wat d'Gebai vum Nidderkuerer Spidol ugeet.

Wat de Volet vum Gebai ugeet, also wat d'Toiletten um Gank betrëfft, esou läit am Kader vun dem fusionéierte CHEM – wou d'Spideeler vun Nidderkuer, Esch an Diddeleng vereent goufen – en Dossier beim Gesondheetsminister iwwer d'Moderniséierung vun eenzelne Siten. Do soll sech och ëm déi Saache gekëmmert ginn. Et sollen am Süden – an dat ass e Problem wou mer hei am Süden eng Defizienz géintiwwer vum Zentrum hunn – méi éischt Klasse geschaf ginn, wou dann automatesch déi Problematik vun de Buedzëmmer mat geregelt ass. Mer wëssen awer och, datt déi Situatioun, esou wéi se vun Ufank um am HPMA ass, net méi zäitgeméiss ass. Mee mer sinn amgaang ze kucke fir déi Zoustänn ze regulariséieren.

Wat d'Personal ugeet, esou fält dat ënner d'Kompetenz vun der Direktioun vum CHEM. Dat heescht, d'Konditiounen, wéi se am Nidderkuerer Spidol sinn, ginn et och zu Diddeleng an zu Esch. Et sinn déi selwecht Konditiounen an deene Spideeler. Ech hunn och de Moien nach mat der Directrice administrative, der Madame Arend, geschwat. Si huet mer matgedeelt, datt, wann esou konkret Reklamatioune virleien, de Service "Relations avec les Patients" soll an d'Bild gesat ginn. Do soll ee konkret Fäll opzielen. An nodeem déi Fäll analyséiert goufen, kritt een och eng schréftlech Äntwert. Dofir géif ech och proposéieren, d'Plainten esou ze formuléieren an och u si ze adresséieren. Dat heescht, et ass net méi d'Aufgab vum Politiker – wéi dat fréier am HPMA war – fir eng deeglech Gestioun ze maachen, well d'Politiker waren einfach net „à même" fir dat ze maachen. Haut ass eng Direktioun mat 7 Leit zu Esch, déi dat musse verwalten. Dat si professionell Leit, déi och musse kucken, ob déi Zuel vun den Infirmièren de Standardkriterien entsprécht. A wann do e Problem ass oder wann d'Impressioun ënner de Patienten ass, datt net genuch Personal do ass, da muss een zum Beispill ganz konkret soen: „Ech hat gëschter Owend e Problem. Ech hunn d'Infirmière dräimol geruff an et huet dräi Stonne gedauert bis se komm ass well se 20 Zëmmere musse bedéngen." An da gëtt dee Fall och analyséiert an et kritt een duerno eng Äntwert vun dem Service "Relations avec les Patients". Dat ass de Wee, wéi ee soll goen.

Mär als Politiker hunn eis an dem Verwaltungsrot net méi mat deenen Dossieren ze beschäftegen. Ech hunn, wéi gesot, dat ugeschwat, an dat do als Äntwert vun der Direktioun kritt.

Guy Brecht (LSAP):

Ech soen iech Merci fir d'Äntwert Här Buergermeeschter. Ech ginn zou, datt et eng delikat Fro war, mee ech wollt iech einfach op d'Zoustänn, déi do herrschen, opmierksam maachen. Et ass jo och zum Wuel vun eiser ganzer Bevëlkerung aus der Gemeng. Ech soen iech op alle Fall Merci, datt der mer esou konkret dorop geäntwert hutt.

Meng drëtt Fro geet zeréck op den Dezember 2008. Do war de Fräizäitzenter vu Rolleng un e Veräi verlount ginn, deen eng Sauerei hannerlooss huet wéi d'Botzfraen dat nach ni erlieft haten. Wee war dee Veräin, deen de Schlëssel schéngs nach un eng aner Gesellschaft viruginn huet? Wat fir eng Schrëtt a Moossname si géint dee Veräi geholl ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn am Dezember eng Ufro vun engem subventionéierte Veräin iwwer deen normale Wee hei era kritt. Dat war de Schiveräin ‚La Gamelle', dee wollt eng intern Soirée veranstalten. Dat gouf och accordéiert. Et ass och keng Tax bezuelt gi well et esou eng intern Soirée war, an et sollt och keng Reklamm gemaach ginn. Et huet sech erausgestallt, datt de Veräin dat un en aneren Organisateur weiderginn huet ouni eis ze informéieren. Dat stoung net dran. An en huet sech och net dru gehalen, datt keng Reklamm hätt dierfe gemaach ginn. Et huet sech duerno erausgestallt, datt do wierklech eng grouss Sauerei geschitt war. Déi Schwéngereie sinn opgelëscht an héichgerechent ginn. Et war e Schued vun 1.100 € entstanen. Dat huet et kascht fir alles a Stand ze setzen. De Veräin huet eng Rechnung iwwer 1.100€ zougestallt kritt, déi an der Tëschenzäit och bezuelt gouf. An de Veräin huet och matgedeelt kritt, datt en de Sall net méi géif kréien.

Guy Brecht (LSAP):

Ech soen iech Merci. Déi Fro hei war och am Intressi vun de Botzfraen, déi di Sauereien hu missen ewech maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mengen Informatiounen no ass de Café Eck Athuser Strooss a Belairer Strooss méindes, den 27. Abrëll, moies um 9 Auer zougemaach ginn. Kënnt der eis soen, firwat de Café zougemaach gouf? Kënnt der eis soen, wat fir Kriterien déi Leit hu missen erfëlle fir a manner wéi engem Mount nees opzemaachen? Wéi ass et mat Wunnengen oder Zëmmeren iwwer dem Café, well et ass nääämlech opgefall wéi alles virun der Dier um Trëttoir louch, datt eng schéin Zuel u Matratzen derbäi war. Wéivill Wunnenge waren an deem Haus, wéivill sinn der elo dran? Sinn déi Wunnenge kontrolléiert gi respektiv gi se kontrolléiert? Hunn déi Zëmmer eng Kichen, eng Toilett an e Buedzëmmer? Wéi ass et mat der Hygiène an der Kiche vun deem Café, well do ass och vill gekacht ginn an et gëtt och wahrscheinlech nach weiderhi vill gekacht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Här Becker, dee Café, deen där do uschwätzt, ass net vun der Gemeng zougemaach ginn, mee et war den Dierwiechter, deen en Déguerpissement gemaach huet an dat ganzt Haus raume gelooss huet. Dat heescht de

Café an d'Logementer. Dat Gebai gëtt am Block verlount.

Well mär awer de Café net zougemaach hunn – dofir si mer eigentlech net zoustänneg -, kënne mer och näischt maache wann dee Café e Mount méi spéit nees opgeet. Et bestinn, laut eisem Reglement, zwee Logementer an deem Gebai – eent op all Stack. Et si maximal véier Leit pro Wunneng do autoriséiert, also aacht Leit maximal fir dat ganzt Gebai. Déi Logementer si virun e puer Joer kontrolléiert ginn, an do war alles an der Rei. Op all Stack si gemeinsam sanitär Anlagen, eng Kichen ass awer keng do. Mee fir d'Kichen ass eigentlech de Gesondheetsministère an d'„Inspection sanitaire" verantwortlech. Dat ass alles, wat ech dozou ka soen. Op alle Fall däerfen net méi wéi aacht Leit do ugemellt sinn. Wann et der méi sinn, da miissten se illegal do sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech si vu besuergten Eltere vu Rolleng drop opmierksam gemaach ginn, datt, wéi d'Kanner den 22. Mee an de PiKo op Rodange schwamme goungen, den Daach op war. Well et immens waarm war, hu sech och vill Kanner an der Sonn verbrannt. Datt d'Sonn schiedlech ass fir d'Haut, dat misst jo bal jidderengem bekannt sinn. Hei am Land ginn ëmmer neess Opklärungscampagne gemaach wéi zum Beispill ‚Safer Sun' vun der Fondation Luxembourgeoise contre le Cancer. Zu Déifferdeng huet d'Gemeng eng eege Campagne lancéiert fir dem Hautkriibs virzebeugen. Kënne mär net och esou eng Campagne am PiKo lafe loosse fir d'Kanner, d'Léierpersonal, d'Elteren ze sensibiliséieren? Kann een de Kanner net am Viraus soen, datt si miisste Sonnecrème matbréngen? Misst net d'Schoulpersonal oder d'Personal vum PiKo dofir suergen, datt an esou engem Fall d'Kanner uerdentlech agecrèmt sinn. Oder wann dat alles net klappt, misst een den Dag vun der Schwämm an esou engem Fall net einfach zouloosse fir d'Schoulklassen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Opgronn vun ärer Ufro hunn ech mech bei de Schwammmeeschteren informéiert an nogefrot. Ech hunn och effektiv bestätegt kritt, datt den Daach den 22. Mee op war. Fir d'Schoulkanner ass et och ëmmer en Erliefnes, wa si vun esou enger Geleeënheet profitéiere kënnen. Mer wëllen eigentlech eise Schoulkanner dëse Privileg net virenthalen.

Effektiv kréien d'Schoulkanner – haaptsächlech déi, déi nomëttes schwamme ginn – en Ziedel vun de Schwammmeeschtere mat heem, op deem se gebiede ginn, sech bei guddem Wieder anzecrèmen. Och wann dëse Schwammunterrecht nëmme ronn eng Stonn dauert. D'Schwammmeeschteren hunn och fir esou Fäll Sonnecrème an der Schwämm. Den 22. Mee ware mer allerdéngs iwwerrascht ginn an nach net esou richteg op dat gutt Wieder ageriicht.

Wat d'Sensibiliséierungscampagne ubelaangt, esou ass do ze soen, datt déi Campagne ‚Safer Sun', déi ugeschwat gouf, un all eis Schoulkanner vun den ieweschte Klasse weidergeleet ginn ass. Dat heescht, déi hunn dat alleguer. Trotzdem fannen ech är Iddi gutt, dat a méi enger grousser Mooss am PiKo ze thematiséieren. Ech mengen, déi Iddi soll een opgräifen, an et soll een an nächster Zukunft esou eng Aktioun ënner däer Form starte wou mer dann d'Leit och iwwer de Risiko opklären, dee si agi wann se stonnelaang an der Sonn leien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech soen iech Merci, mee ech wier awer e bësse méi berouegt, wa mer kéinte bestätegen, datt, wann d'Kanner Schoulschwammen hunn an et esou waarm soll dobausse sinn, d'Schoulpersonal respektiv d'Personal aus dem PiKo sech misst drëm këmmeren, datt all Kand richteg agecrèmt ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv, dat hunn ech och mat de Schwammmeeschteren esou ausgemaach. Si sollen dat kucken. Fir awer ze soen, si solle vu vir era Sonnecrème zur Verfügung stelle wier vläicht e bësse riskant, well vläicht dat eent oder anert Kand allergesch ass géint e Produkt. Dofir sollten se den Elteren dat iwwerloossen. Mee se sollen awer och all Kéier kontrolléieren ob eng Noutwennegkeet besteet oder net. A wann net, da miisste si selwer dofir suergen, datt d'Kanner agecrèmt sinn. Dat ass eng wichteg Saach, och wann et nëmmen eng Stonn dauert. Mee do kann ee scho ganz schéi verbrennen. Ech hunn an der Lescht – do waren et zwar e puer Stonne méi – op der Rodanger Braderie d'Erfahrung gemaach, wou ech nawell e bësse rout gi war.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi ech virun enger Woch den Auto am Haff vun der Eigent-Schoul ofgestallt hunn, do ass mer opgefall, datt an enger Fënster véier oder fënnef kleng Lächer waren. Esou wéi wa mat enger Loftpistoul oder mat engem Loftgewier dra geschoss gi wier. Ass de Schäfferot doriwwer informéiert? A wa jo, kann ech do déi eng oder aner Opklärung kréien?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, mär sinn den 8. Mee vun eisen Servicer informéiert ginn. Do ass net mat engem Loftgewier oder mat enger Loftpistoul geschoss ginn, mee do ass einfach mat klenge Steng dra geschoss ginn. Do louche kleng Steng direkt nieft dem Trafo, deen do steet. An ech mengen, eis Kanner klammen haut jo op alles. Et ass och heiansdo e Sport fir si. A wa se do och nach eppes fannen, da gëtt och nach dermat geschoss. Esou war dat dann och de Fall an der Eigent-Schoul. Et goufen awer och schonn direkt Moossnamen ageleet. De Portier huet all déi Steng gekiert an ewech gefouert. An och ronderëm den Trafo huet eise Parkservice de Buedem gläich gemaach, esou datt elo näischt méi do läit an esou Affairen ewéi déi do an nächster Zäit net méi virkommen.

Déi Lächer sinn och net duerchgaange well et Sécherheetsglas ass. Et besteet also keng Gefor. Mer hunn d'Fënsteren nach net ersat, well mer einfach ganz vill Fënsteren duerchgeschoss kritt hunn. An esou bal een dohannen eng ersetzt, da sinn se nees do. Wa mer eng Partie zesummen hunn, dann ersetze mer se.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, duerch d'Sécherheetsglas gëtt et natierlech nëmmen esou kleng Rëss. Mee vun ënne gesäit et esou aus wéi wann dra geschoss gi wier.

Eng zweet Fro nach zur Spillplaz am Lotissement Vullesang. Déi ass ausgewise fir Kanner ënner 12 Joer. Dat ass déi iewescht vun deenen, wann een an d'Lotissement erafiert. Leider spillen ëmmer méi dacks anerer Fussball do, esou datt fir déi méi kleng Kanner keng Plaz méi bleift. Kënnt déi Plaz net zum Beispill mat engem Zonk getrennt ginn, esou datt jidderee säin Deel hätt fir ze spillen. An déi kleng Däbbesse wieren dann och ofgeséchert. Kënnt een net virgesinn, déi ganz Plaz mat engem Zonk ze ëmginn an eventuell eng Dir mat engem Schlass anzebauen. Et wier och gutt fir d'Benotze vun der Spillplaz – besonnesch an der Vakanz – owes zäitlech ze reglementéieren. Doduerch géifen déi Leit, déi do wunnen, net bis Mëtternuecht oder eng Auer belästegt ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Linden, mär si souwisou amgaangen, déi ganz Spillplaz am Lotissement Vullesang z'ënnersichen. Mer sinn och amgaang eng Analys ze

maache fir ze wëssen, wéivill Kanner an dësem Alter do wunnen. Dir sot elo, déi Kleng hätte keng Plaz méi fir hire Spiller nozegoe well déi grouss Kanner Fussball spillen. Do sinn natierlech aner Leit, déi déi grouss Kanner gäre ganz eraus hätten an déi guer net méi wëllen, datt do Fussball gespillt gëtt. Mär sinn awer der Meenung, datt och déi grouss Kanner, déi do wunnen, sech sollen austoben. Dofir si mer elo mol amgaang déi Analys ze maachen an ze kucken, wéivill Kanner an deem ganze Lotissement wunnen. An da gëtt déi Spillplaz och nei aménagéiert, well verschidde Spiller hu mer jo missen ewech huele well se net méi konform waren.

Dir sot, fir alles mat engem Zonk ze ëmginn. Dat ass eng Iddi, déi een emol kann analyséieren. Et muss een natierlech dovunner ausgoen, datt, wann een d'Kanner zevill akesselt, awer nach vill futti gemaach gëtt. An och wann e Schlass un der Dir ass – déi déi eragoe wëllen, déi kommen awer eran.

Wa mer wëllen dat Ganzt reglementéieren, da kënne mer dat maache mat deem neie Polizeireglement, dat mer amgaange sinn auszeschaffen. Mee da musse mer natierlech och Ënnerstëtzung vun der Police kréien, déi owes do Kontrolle mécht an déi, déi do Kaméidi maachen, och stéiert. Dat ass natierlech déi Hëllef, déi mer fir d'Zukunft hoffen ze kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu jo am Vullesang och nach ënnen eng zweet Spillplaz. Do kënnte jo awer d'Flantesse spille goen an uewe kéint een deene méi klenge Kanner vu véier oder fënnef Joer d'Spillplaz loossen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer mussen och souwisou op dee Wee goe fir an deene Lotissementer déi méi kleng Kanner do ze behalen an dann de Rayon auszemoosse fir ze kucken, wou eng gréisser Spillplaz ass wou se kënne gemeinsam spillen. Well mer si jo amgaang ënne bei der Neiwiss-Schoul d'Spillplaz ganz nei ze maachen. Do kënnen se jo och Fussball spillen, esou datt een deene Groussen duerno eventuell seet, se sollten dohinner goen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat berout jo och e bëssen op der Zäit, wou déi Lotissementer ugeluegt gi sinn. Ech erënneren un d'Grousswiss ënnen zu Rolleng, do ass dann eng Spillplaz an d'Mëtt gemaach ginn. Alles schéin a gutt, mee wéi déi ronderëm um 1 Auer mëttes op d'Rascht wollte goen, da sinn d'Kanner do verdriwwe ginn. An hei ass och nach eng Spillplaz aus däer Ära, wou d'Spillplaz no bei d'Haiser geluegt ginn ass. Vun aner Plaze vum Land weess ech, datt se net direkt bei den Haiser, mee e bëssen ausserhalb leien, esou datt d'Kanner e bësse méi kënnte jäizen. Mee ech géif et effektiv begréissen, wann et owes kéint reglementéiert gi fir datt – bei guddem Wieder - net bis eng Auer Knäll gedoe gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass natierlech eng Iddi fir an eisem neie Bebauungsplang déi Spillplazen e bëssen anescht ze leeën an och anescht anzeriichten. Dat ass Zukunft.

Jeannot Linden (LSAP):

Well datt d'Aarbechte fir d'Verleeë vun den décke Réier fir d'Eechelsbaach ëmzeleeden tëscht der rue Jean Thill an der rue des Prés esou gutt wéi ofgeschloss sinn, an elo nach an der rue Thill an an der rue du Vieux Moulin esou wéi an der rue des Prés muss geschafft gi wollt ech dës Saach froen: d'Bauplaz nieft der Zänndoktesch ass jo e Privatterrain. De Schäfferot kéint jo versichen – wéi dat och schonn op aner Plaze geschitt ass – iwwer eng Konventioun mat dem Besëtzer déi Plaz ze loune fir e klenge Parking do unzeleeën. Keen Tarmac, mee mat Material, wéi et zu Rodange virun der Sportshal verschafft ginn ass. Doduerch stéingen en etlech Parkplaze méi zur Verfügung an d'Plaz wier propper.

Roland Breyer, Schäffen:

Also mer kënne versiche mam Propriétaire Kontakt opzehuelen. Mee esou wäit ech nach d'Diskussiounen an Erënnerung hunn, déi ech mat dem Propriétaire hat fir iwwerhaapt den „droit de passage" do ze kréien, wäert dat do esou séier eriwwer si wéi mer ufroen. Den Här, deen ech elo net hei wëll nennen an deen zu Péiteng op der Longkescher Strooss wunnt, deen ass ganz sensibel wat seng Plaz ugeet. En huet schonn deemools nëmmen ënner bestëmmte Konditiounen deen „droit de passage" do gi fir mam Kanal duerchzefueren. E war ëmmer ganz daf wa mer gefrot hu fir iergendeppes mat däer Plaz do unzefänken.

Also mer kënnen et versichen. Ech hunn och d'Servicer scho gefrot, wat esou eppes géif kaschten. Mer hunn do séier fir 50.000 € gedréint fir esou eng Plaz z'aménagéieren. Dat Material, dat där mengt, ass kee gutt Experiment. Et ass wierklech eppes, wat Knascht développéiert an och nach mat an d'Autoe schleeft. Da misst een et schonn anescht do maache fir et anstänneg ze maachen. A wann ee sech virstellt, wat dee Mann och nach verlaangt, dat gëtt et natierlech deier. An dann, ass dat fir eng méi laang Zäit oder soll nëmme fir déi Zäit, wou geschafft gëtt, sinn. Wann et fir eng méi laang Zäit ass, da misst een emol kucke fir wéi laang et wier. De Mann huet ganz kloer Virstellunge wat seng Plaz wäert ass an och wat hien domat wëll maachen. Ech gleewen net, datt et einfach ass fir mat him en Arrangement ze maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Gutt, ech wosst jo elo och net, datt esou Problemer do wieren. Mee ech hunn einfach geduecht, datt, wann et meng Plaz wier an ech eng Konventioun kéint maachen, da kéint ech se och all Joer nees opléisen. Hie muss dat do jo och propper halen. Well dat huet net schéin ausgesinn do. D'Leit hunn niewendrun hir Gäert an da steet d'Onkraut nees esou héich do, datt d'Gemeng e muss uschreiwe fir datt en alles ewech mécht. Elo muss e jo souwisou propper maachen. Well de Bulli ass praktesch ewech. An ech hat einfach geduecht, datt een einfach esou eppes mécht – vläicht mat Splitt, deen och eng Kéier e bësse méi haart gëtt. Da kéint een awer aacht bis 10 Plazen dohinner kréien. A wann de Mann seet, et wéilt gären dohinner bauen, dann ass eben zou. Also et wier elo net fir vill doranner ze stiechen. Mee et kéint ee jo mat Schlaken opfëllen oder esou. An et kéint een d'Konventioun jo esou schreiwen, datt, wann hien d'Plaz bräicht, alles fäerdeg wier. D'Zäit kéint där jo och festleeën.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer probéieren dat.

Séance publique du 13 juillet 2009

Durée de la séance: *15.00 à 16.20 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	/

ORDRE DU JOUR

Séance publique:

1. Personnel: Création d'un poste dans la carrière de l'expéditionnaire administratif (m/f) pour les besoins de l'office des citoyens - décision.
2. Propriétés: Maison de la culture « A Rousen » à Pétange - réfection du revêtement du sol - vote d'un devis et d'un crédit extraordinaires - décisions.
3. Culture et loisirs: Projet du Moulin Waxweiler, de la Maison Rouge et des alentours à Pétange
   3.1. Remise en valeur du Moulin Waxweiler à Pétange - projet définitif (devis, mémoire descriptif et plans) - approbation.
   3.2. Remise en valeur de la Maison Rouge et des alentours - projet définitif (devis, mémoire descriptif et plans) - approbation.

COMPTE RENDU

1.

Personnel.

Création d'un poste dans la carrière de l'expéditionnaire administratif (m/f) pour les besoins de l'office des citoyens - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi der wësst ass dat heiten eng kuerz Sëtzung, an däer mer haaptsächlech den Dossier vun der Waxweiler Millen op d'Dagesuerdnung gesat hunn, an dat, well mer do am Zäitdrock sinn. D'Ursaach ass déi, well mer vum Ministère de la culture e Subsid kritt hunn ënner der Konditioun, datt mer nach dëst Joer mat den Aarbechten ufänken. An doduerch hu mer deen Dossier haut virgeholl, fir datt mer virun der Vakanz déi Dossieren nach kënnen op den Instanzewee ginn, an datt mer doduerch hoffentlech d'Chance hu fir datt no der Vakanz den Dossier prett ass fir d'Ausschreiwungen ze maachen.

Mir hunn awer och vun der Geleeënheet profitéiert fir nach zwee aner Punkten op d'Dagesuerdnung ze setzen. A fir den 1. Punkt vun der Sëtzung ginn ech d'Wuert weider un den Här Breyer.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir haten am Office des citoyens e provisoresche Poste geschaf fir iwwer d'Distanz ze komme bei der Aféierung vun de Chèques-Service. Mir hunn elo festgestallt, datt mer bei de Chèques-Service elo net iwwerrannt gi sinn - et sinn eng ronn 150 Stéck, déi bis elo gemellt sinn - mä d'Chèques-Service gi jo awer op aner Prestatiounen ausgedehnt, wéi zu Beispill am 'enseignement musical' oder 'occupations sportives'. Esou datt domatter ze rechnen ass - wann d'Leit et elo richteg verstanen hunn, a wann alles richteg fonctionnéiert - , datt nach vill Demanden dobäikommen.

Op der anerer Säit musse mer och elo d'Päss am Biergerzenter maachen, esou datt dat och eng weider Belaaschtung fir de Service ass. Mir hu fonnt, datt mer mat engem Apprenti - dee mer ëmmer nëmme geléint hunn - net iwwer d'Distanz kommen. Dofir si mer der Meenung - fir de Service um Bierger wierklech kënnen ze garantéieren - fir en definitive Posten an der Carrière vum 'expéditionnaire administratif' ze schafen an dee Posten dann och auszeschreiwen, fir datt dee Service dann och erëm kann optimal fonctionnéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

An enger méi klenger Ronn hat ech schonn eng Kéier gefrot fir e Mann heihinner ze kréien, deen eis als Gemengerot emol eng Kéier Erklärungen zu de Chèques-Service gëtt, wat domatter geschitt, mat allem wat do hannendru kënnt. Ech ka kengem dobaussen eng genee Definitioun ginn, wéi dee Service leeft. Well et ass guer näischt do. An dofir froen ech elo op dëser Plaz, ob net

d'Méiglechkeet besteet, datt eventuell een aus dem Ministère eng Kéier heihinner kënnt fir eis genee ze erklären, wéi déi Chèques-Service gehandhaabt ginn. Da wiere mer als Gemengeréit och am Bild iwwer déi ganz Saach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt mer dat kënne maachen. Mä dat doten ass ministeriell iwwerschreidend. Fir de Moment beschränkt et sech sécherlech op d'Maisons Relais an op d'Betreiung vun de Kanner während der Fräizäit no de Schoulen. Et gëtt natierlech och geschwat - an dat ass e weidere Volet deen elo an der Maach ass - fir d'Musekschoulen dobäizeféieren. An et gëtt och d'Diskussioune fir de Sport mat bäizehuelen. Och do kënnen d'Sportsveräiner - ënner bestëmmte Konditiounen, wa se dat néidegt, qualifizéiert Personal hunn - vun dësem Chèque-Service profitéieren. Mä fir elo een ze fannen, deen d'Iwwersiicht iwwer dat Ganzt huet, wäert net esou einfach ginn. An dat ëmsou méi, well den Haaptmann vun de Chèques-Service - de Mill Majerus - och fir de Moment Deputéierten ass. A mer musse kucken, ob mer nach ee fannen, deen eis op deem Ministère Informatioune ka ginn. Mir sinn informéiert ginn, datt den Nico Meisch elo den Haaptmann am Ministère de la Famille ass fir deen Dossier. Mir kënnen emol mat him schwätzen, ob hie bereet ass fir eng Kéier heihinner ze kommen. Mä dat ass awer net garantéiert.

Jeannot Linden (LSAP):

D'accord. Mä ass scho beschloss, datt de Chèque-Service ausgedehnt gëtt mat der Musek a mam Sport?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass beschloss, mä Critère sinn nach net kloer.

Lily Gansen (LSAP):

Dierf ech kuerz intervenéieren, well ech jo an däer Plattform do mat dra sinn. Den Nico Meisch ass net responsabel. Hien huet wuel dem Mill Majerus säin Service kritt, mä de Responsabelen ass d'Christiane Meyers vun de Maisons Relais. An dann ass nach e bëssen de Ralph Schroeder mat dran.

Ech kann iech awer elo scho soen, datt - wann der am Ministère nofrot - da der 5 Leit un d'Strëpp kritt, an déi 5 zielen iech eppes aneschters.

D'Circulairë sinn eraus fir de Sport, d'Vakanzekolonien, asw., mä et ass nach kee Kloertext do. Well déi Leit mussen awer op den Office social goen. An duerno kënnen se eréischt op d'Gemeng goen. An da muss d'Famill oder de Prestataire alles avancéieren, a wann alles um Enn vum Joer ofgeschloss ass, da rembourséiert de Stat dat erëm.

Mä, wéi gesot, wann ee gäre méi genee Renseignementer wëll, da roden ech fir nach e bëssen ze waarden. Well fir de Moment ass et een totale Chaos.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif proposéiere fir ofzewaarde bis déi nei Regierung steet, an dann deen zoustännege Minister oder Ministesch froe fir eis déi zoustänneg Persoun ze schécke fir eis déi néideg Informatiounen ze ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Domatter kann ech liewen, an ech soen iech elo schonns Merci.

Da wollt ech och nach froen, ob dee Posten, dee mer elo hei schafen, intern ausgeschriwwe gëtt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Näischt verhënnert, fir dee Posten hei intern auszeschreiwen. Mä et bleift jo awer um Enn ee Poste fräi an däer Carrière, an dee wäerte mer och auswäerts ausschreiwen. Mä wann elo ee vun heibannen un deem Posten interesséiert ass, da kéint deen e Changement maachen, an dann ass et dann deem seng Plaz déi opsteet.

Albert Muller (LSAP):

Ech liesen hei, datt den Inneminister schreift "... j'approuve la délibération sous réserve que l'intéressé(e) sera engagé(e) sous le statut de l'employé privé ...". Ech wollt froen, ob dat och esou ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat war fir dee Posten, dee mer op ee Joer ausgeschriwwen haten. Dee war als employé privé agestallt. Mä deen heiten, dee gëtt elo Fonctionnaire.

Accord à l'unanimité.

2.

Propriétés.

Maison de la culture 'A Rousen' à Pétange: réfection du revêtement du sol - vote d'un devis et d'un crédit extraordinaire - décisions.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Am Kulturhaus 'A Rousen' hu mer wëlles den Teppech um 1. Stack ze erneieren. Et ass allgemeng gewosst, datt d'Kulturhaus 'A Rousen' en Haus ass, wou déi meeschten Aktivitéite sinn. A mir hunn um 1. Stack e grousse Verschläiss un Tapis plein, et sinn och Flecken dran, déi mer net méi eraus kréien. Mir haten och e Spezialist op der Plaz, an dee sot och, datt mat deem Tapis net méi ganz vill ze maache wier.

Dofir hu mer décidéiert fir de Buedembelag nei ze maachen. Den Devis beleeft sech op 13.000 Euro, an d'Aarbechte kéinten nach elo während der grousser Vakanz gemaach ginn.

Roger Klein (LSAP):

Déi Aarbechte sinn net vu Muttwëll, an déi musse gemaach ginn. An et ass och gutt, datt se elo gemaach ginn. Ech hätt awer elo just nach e weidere klenge Wonsch. Ech erënnere mech drun, wou mer d'Kulturhaus a Betrib geholl hunn, dunn hu mer och eng Plack dévoiléiert. A mer waren alleguerten erféiert, well op däer Plack stoung drop 'Maison de culture' an net - wéi et miisst sinn - 'Maison de la culture'.

Et gouf gesot, datt dat direkt géif geännert ginn. Mä et sinn awer elo 11 Joer vergaangen an d'Plack mat 'Maison de culture' ass nach ëmmer do. Vläicht kéint een eng Kéier higoen, an aus 'de culture' en 'de la culture' maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wie war deemools um Rudder?

Roger Klein (LSAP):

Et ass net d'Fro, wien deemools um Rudder war. Well duerno waren nach zwee anerer um Rudder, an déi hunn et och net geännert.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech huelen et mat eriwwer an de Service Bâtiments, fir datt déi duerno kucken an d'Plack an deem Sënn änneren.

Lily Gansen (LSAP):

Ech gesinn, datt mer haut erëm eng Kéier Tapis dohinner leeën. Mir wëssen alleguerten, datt den Tapis ganz schnell ofnotzt, obschonn en de Schall dämpft. Mä et kritt een haut awer och aner Saachen. Well néierens gëtt an deenen neie Gebaier nach Tapis geluegt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hunn eis och informéiert, a mer huelen en Tapis, wéi mer en och an der Musekschoul hunn, an deen effektiv och soll dämmen. Et ass och en Tapis, dee sech ganz gutt ofmaache léist a wou d'Flecken anscheinend och gutt erausginn. Dat hu mer emol verséchert kritt. Natierlech hält en Tapis ni esoulaang wéi en Holzbuedem. Mä wa

mer elo géifen Holzbuedem maachen, a well den Ënnergrond net dofir geschaf ass, géif dat nach méi eng grouss Envergure ginn a mir wieren och mat den Aarbechten net bis de September fäerdeg.

Albert Muller (LSAP):

Ech sinn dozou verleet fir dem Schäfferot bal ze félicitéieren, datt hien deen Teppech mat Zäiten ersetzt an net waart bis een d'Schapp géif gesinn. Dat soll och esou sinn, well et soll ee seng Gebaier net verkomme loossen a mat Zäiten d'Reparature maachen. Dat soll iwweregens och fir d'Stroosse gëllen.

Ech wollt awer am Kontext heivunner froen, ob net dru geduecht ginn ass fir emol eng Kéier eng Klimaanlag am Kulturhaus anzebauen? Et gëtt oft genuch reklaméiert, datt et ze waarm wier. Ass nach net dru geduecht gi fir eng Etude ze maache fir eng Klimaanlag?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bis elo nach net. Wat awer am Haus ass - a wat ech mer och soe gelooss hunn - , dat ass, datt eng Ventilatioun am Kulturhaus ass, just datt se net ëmmer richteg géif fonctionnéieren. Ech war eemol op der Plaz, an do huet se fonctionnéiert, an du war et och ganz agréabel. Et miisst een ëmmer just déi Persoun bei Hand hunn, déi och weess domatter ëmzegoen.

Ech sinn awer iwwer de Fonctionnement vun der Ventilatioun net esou am Bild, well ech net dobäi war, wou se deemools agebaut ginn ass. Mä wësst dir net doriwwer Bescheed, Här Muller? Dir waart jo deemools um Ball.

Albert Muller (LSAP):

Et ass ëmmer gutt ze héieren, datt - wann ee fréier dobäi war - och vun allem miisst Bescheed wëssen. Ech weess, datt eng Ventilatioun do ass. Mä ech hunn eigentlech elo éischter un eng Klimaanlag geduecht, datt heescht net eng Anlag déi nëmme frësch, respektiv waarm Loft vu baussen erabréngt, mä déi et och fäerdeg bréngt fir d'Loft ze killen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech ka mer denken, datt esou eng Anlag an deem Gebai net vu Muttwëll wier. Natierlech miisst een emol eng Analys maachen an Offeren ufroen. Ech ka mer awer denken, datt et eng ganz deier Geschicht gëtt. Mä wann de Budget eis et awer géif erlaben, da kéint een eventuell emol duerno kucken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll do nach eppes hannendrun hänken. Déi Fro stellt sech och an anere Gebaier, wéi zum Beispill an de Kulturzentren, am Home, oder elo och bei der Waxweiler Millen. Dat sinn alles Saachen, déi e gewëssene Käschtepunkt hunn. Et ass och esou, datt am Summer - wann et déck waarm ass - d'Aktivitéiten och do reduzéiert sinn. Sécherlech ginn et Momenter wou et waarm ass. Mä et muss ee kucke fir d'Käschten dem Besoin géintiwwer ze setzen. A wann een nëmmen eng gewëssen Zomm an der Täsch huet, da muss een déi no engem gewëssene Schema asetzen. Et kann een natierlech driwwer nodenken. Et muss een et awer ëmmer am Kontext vum ganze Budget kucken. A wann ee weess, datt 2010 an 2011 méi schwéier Zäiten op eis duerkommen, da muss ee sech froen, ob dat doten d'absolut Prioritéit ass.

Albert Muller (LSAP):

Do hutt der Recht. Mä et kann ee jo kucken, wann emol bis d'Reportë vun den Exercicë gemaach sinn, an et bleift nach deen een oder aneren Euro iwwereg, fir eventuell esou eng Etude ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss awer soen, datt ech net ganz zouversiichtlech sinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mir gaange wéi der Madame Gansen. Ech war och relativ erféiert, wéi ech am Devis estimatif gelies hunn, datt mer en alen Tapis duerch en Neien ersetzen, woubäi ee wësse muss, datt aus hygiènesche Grënn esouguer de Stat esouwäit higeet an iwwerall, wou nach Tapis an de Statsgebaier ass, deen duerch Lino ersetzt. Dofir fannen ech, datt mer hei net onbedéngt erëm miissten en Tapis dohinnerleeën.

D'Dämmung - déi d'Madame Conter ugeschwat huet - kéint een och mat Laminat erreechen, well jo do nach en Ënnergrond ënnert de Laminat geluegt muss ginn.

Mir wësse jo och scho laang, datt den Tapis an engem schlechten Zoustand ass. Dofir wollt ech froen, firwat mer déi Aarbechten net schonn am Budget 2009 virgesinn haten?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Fro ass berechtegt. Et muss ee wëssen, datt mer et hätte kënne maachen. Mir hunn awer elo eng Krisenzäit, wou mer och ëmmer erëm gesot kréien, datt mer solle kucke fir eis Geschäftswelt um Fonctionnéieren ze halen. A well déi Demande do war fir dat ze maachen, a well mer haut an enger Situatioun si wou mer gutt drun doe fir eise lokalen a regionale Betriber Aarbecht ze ginn, a well mer och nach Kreditter hunn, hu mer dru geduecht fir déi Aarbechten exceptionnellement virzezéien an net ze waarde bis mer déi Aarbechten am Budget 2010 drastoen hunn.

Och well mer am September grouss Festivitéiten hunn, hu mer gesot, datt et der Saach géif gutt doen, wann déi Aarbechte bis dohinner fäerdeg wieren.

Dir hutt awer Recht. Et hätt een déi Saach och kënnen am Virfeld vum Budget virgesinn.

Lily Gansen (LSAP):

Wéivill Geschäfter aus der Gemeng sinn dann un deenen Aarbechte bedeelegt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Een aus der Regioun. Ech muss awer och soen, datt mer am gaange sinn eng ganz Rei Aarbechten ze maachen. Mir hunn eng ganz Rei Aarbechten un eise Gebaier am Budget stoen, a wann ech dat heiten zesummerechnen, a wou lokal Betriber sech kënnen dru bedeelegen, da wäert dat e ganz grousse Batz ginn. Well et kritt een éischter bei klengeren Aarbechten eis lokal Betriber mat agebonne wéi wann een eng gréisser Aarbecht ze maachen huet. A wa mer emol um Enn vum Joer den Total vun den Ëmbau- a Renovatiounsaarbechte maachen, un deenen eis lokal Betriber dru bedeelegt sinn, da wäert dat e grousse Pak sinn an eise Betriber sécherlech gehollef hunn.

Accord à l'unanimité.

3.1.

Culture et loisirs.

Projet du Moulin Waxweiler, de la Maison Rouge et des alentours à Pétange: remise en valeur du Moulin Waxweiler à Pétange - projet définitif (devis, mémoire descriptif et plans) - approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

An deem leschte Gemengerot hate mer jo ugekënnegt, datt mer Sue kritt hunn. A wann ee den Historique kuckt, dann ass et relativ schnell an allem gaangen. D'lescht Joer, den 25. Juli huet den Inneminister den Avant-projet sommaire ugeholl. Duerno sinn déi eenzel Ministère gefrot gi fir hiren Aval ze ginn, esougutt d'Kultur, d'Direktioun vun der Santé an d'Sécuritéit an der Fonction publique. Et ass eng Conventioun mam Ministère de la culture gemaach ginn, a wa mer dëst Joer géifen ufänken, a bannen zwee

Joer mat den Aarbechte fäerdeg wieren, géife mer schonn e Subsid kréien, dee substantiell ass, näämlech 1.865.201 Euro. Dobäi sollen och nach 346.771 Euro vun Sites et Monuments dobäikommen, esou datt mer ronn 2,2 Milliounen Euro u Subside versprach kritt hunn a wou mer déi 1,8 Millioune scho kritt hunn. Mir mussen also Gas ginn. Mir hu ronn 30% vun dem Devis zougesprach kritt an e groussen Deel hu mer schonn an de Keesen.

Mir hunn eis also dru ginn a mir hunn décidéiert fir - wéinst der Transparenz - de Projet op zwee verschidden Artikelen opzedeelen.

D'Millen ass een Deel fir sech, well d'Mille méi urgent ass wéinst der Bausubstanz. Et ass ganz séier eppes do geschitt.

An deen zweeten Deel ass dat Rout Haus mat den Alentouren, déi mer op en zweeten Artikel gesat hunn, an deen och an enger zweeter Etapp soll realiséiert ginn, an dat - wann eis finanziell Mëttelen et erlaben, no der Astandsetzung vun der Millen.

Mir hunn elo den definitive Projet vum Architektebüro Tatjana Fabeck vu Käerch virleien. No laangen Diskussioune mat eis gouf d'Konzept nach eng Kéier duerchdiskutéiert.

Et soll e soziokulturelle Projet sinn, wou am Fong geholl sech d'Generatioune solle begéinen.

Et sinn och e puer Opportunitéiten, déi ee sech kann an deem Gebai virstellen. Et ass eng aal Millen, déi elo net soll an hirer Exploitatioun erhale bleiwen. Mä all déi Installatiounen, déi an der Mille sinn, gi virsiichteg erausgeholl, gi konservéiert a ginn duerno erëm agebaut. Esou datt den Aspekt vum Musée erhale bleift. Et kann ee sech an der aler Ambiance vun der Millen zeréckfannen, wou ee gesäit wéi fréier geschafft ginn ass, a wou och d'Geschicht vun der Millen ze gesinn ass. Mä et sollen och nei Aktivitéiten entstoen.

Esou soll ënnen och e Point de rencontre entstoen. An dat duerch e Bar, wou een no den Aktivitéite vum 1. oder 2. Stack e Pättche kann zesummen huelen an diskutéieren.

An deem rietsen Deel vum Rez-de-chaussée soll dann och e Restaurant kommen, eng Zort Taverne, mat enger oppener Kichen, wou e kann déi artisanal Kichenaarbecht observéieren.

Um éischte Stack solle Atelieren entstoen. 4 gréisser Raim, déi polyvalent gestallt solle sinn, a wou all déi 'activités artistiques' opgefouert ginn déi mer wëlles hunn op d'Been ze setzen. Dat heescht vum Molen, iwwer den traditionelle Skulptur/Modellage, iwwer 'expression corporelle', Danzen, Theater, eben alles wat an d'Konscht oder d'Artistik erakënnt. Nieft deene 4 Atelieren ass nach e gréissere Raum do, deen zum Beispill als klenge Proufsall oder Sall fir experimentelen Theater kann déngen.

Um ieweschte Stack ass dann eng kleng 'Kunstbühne' aménagéiert, déi eng Kapazitéit vu ronn 80 bis 100 Plazen huet, a wou kleng Produktioune vun deem, wat ënne geprouft gëtt, kéinten opgefouert ginn.

Dat Ganzt ass geduecht, fir datt d'Generatioune sech kënne begéinen, an datt sech esouwuel Kanner, Schüler, Beruffstäteger, asw, kënnen do fannen. Et sollen Aktivitéiten iwwer de ganzen Dag proposéiert ginn, a wou déi eenzel Atelieren esou kënne fonctionnéieren, datt se vu mueres bis spéit owes kënnen e 'point de rencontre' duerstellen.

Et ass och geduecht, datt hannert der Mille selwer - do ass jo nach e gréissere Berég - nach e klenge Potager kéint ugeluegt ginn, deen deelweis fir d'Kiche kéint déngen an anerersäits awer och als 'jardin' oder 'potager éducatif' fir d'Kanner ka genotzt ginn. Et kann een och nach eventuell eng 'Kleng Déieren Zuucht' mat dobäihuelen.

Dat Ganzt soll einfach e 'point de rencontre' sinn, wou ee sech einfach wuel ka fillen a sech artistesch a kënschtlerech kann ausdrécken.

Et ass net geduecht, datt grouss Ausstellungen do solle stattfannen, mä et soll lieweg Konscht op der Plaz sinn.

Am Rouden Haus selwer soll och eng Verwaltung hikommen. Well déi ganz Struktur soll kënnen - wann alles fäerdeg ass - onofhängeg vun der Gemeng a selbsttragend fonctionnéieren. Do wäert héchstwahrscheinlech eng kleng administrativ Struktur mussen drakommen. An déi kéint am Rouden Haus hiert Heem fannen. Um éischten an um zweete Stack vum Rouden Haus kéint eventuell eng permanent Ausstellung drakommen. Um éischte Stack vum Rouden Haus ass och eng gréisser Fläch virgesinn, wou een eng gréisser Ausstellung iwwer eng bestëmmten Zäit ka lafe loossen, oder e bësse méi touristesch orientéiert eppes kann ausbauen.

Dat Ganzt soll duerno mat engem Paravent, dee laanscht Collectrice geet, verbonne ginn. Dee Paravent soll engersäits e Lärmschutz duerstellen, an anerersäits eng Verbindung tëscht der Millen an dem Rouden Haus duerstellen. Dësweidere soll domatter och d'Méiglechkeet geschafe ginn, datt een hanner der Millen och Manifestatiounen am Fräie ka maachen, esou datt een am Summer ka Fester maachen, eng Terrass aménagéieren an datt ee gemittlech ënner de Beem ka sëtzen.

Wat de Käschtepunkt ugeet, esou hu mer mer do eng Augmentatioun zum éischten Devis vu ronn 3%, bedéngt duerch d'Deierecht an duerch déi Erkenntnisser déi vun der Technik hir muss investéiert ginn. Dir wësst, datt déi aal Mille relativ kleesper op enger Säit ass, an datt do de Giewel bal fält. An do mussen d'Fundamenter gefestegt ginn. Et huet sech och bei den Etuden erausgestallt, datt bei der aler Millen en Deel vun däer Millen net ënnerkellert ass. An deen Deel muss fir d'éischt ënnerkellert gi fir déi Stabilitéit hirzestellen. Et ginn also relativ vill Suen an d'Stabilitéit vun deem Gebai. An dofir ass de Käschtepunkt deementspriechend adaptéiert ginn.

Mir hunn e Gesamtkäschtepunkt vun 7.344.092 Euro. An deen Deel 'Millen' beleeft sech op 4.821.373,29 Euro. Um Budgetsartikel fir dëst Joer hate mer nëmmen 119.869 Euro virgesinn, a mer wollten deen Artikel op 1 Millioun eropsetzen, fir esou d'Méiglechkeet ze schafe fir dëst Joer schonn déi Aarbechten ze maache fir de Giewel ze stabiliséieren. Net datt mer nach eng Kéier e Wanter musse matmaachen an op eemol méi Schued hätten.

Eis Finanzsituatioun, déi am Dossier bäiläit, weist, datt et méiglech ass fir den Artikel op 1 Milliounen eropzesetzen a keng finanziell Contrainte duerstellt.

Norbert Pierre (LSAP):

De Projet u sech ass jo scho laang gemautscht, an do hunn ech net direkt eppes dogéint.

Et ass mer bei deem ganze Projet, esougutt bei der Millen, wéi och beim Rouden Haus, opgefall, datt weider kee Parking virgesinn ass. Et sinn 8 Parkplaze virgesinn. Mä wéi ech elo vum Här Breyer héieren hunn, fanne muench Manifestatiounen do statt. Mat Millioune Gelder wier wuel Parkraum ze schafen, an dofir froen ech mech, ob net dru geduecht ginn ass fir op der Säit vun der Athuser Strooss provisoresch e Parking ze maachen. Well ouni Parkraum kann een do net vill maachen. Fir mech hunn déi Installatiounen ouni Parking keng Valeur.

Vu Goblet a Lavandier si verschidde Konzepter opgestallt ginn, a beim Heizkonzept si wuel Méiglechkeeten do fir op verschidde Systemer iwwerze-

goen, sief dat zum Beispill mat engem Killsystem oder enger Wärmepompel. Mä op watfir ee System ass sech dann elo schlussendlech gëeenegt gi fir an de Bau?

Ech sinn och gespaant wéi et mat der Bausubstanz selwer virugeet. Wann ech d'Fondatiounen huelen, esou sinn déi wierklech zimlech ënnerwässert. Do mussen effektiv gréisser Aarbechte virgeholl gi fir kënnen dee ganze Bau ze stabiliséieren. An ech sinn der Meenung, datt mer do nach déi eng oder aner Iwwerraschung wäerten erliewen, obwuel et schwéier ass fir alles virauszegesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Richteg ass, datt de Parkraum, deen noutwenneg ass wann de Projet Mille bis funktiounsfäeg ass, nach de Moment feelt. Mir sinn awer am gaangen eis op e puer Niveaue Gedanken ze maachen. Et soll een, wann een am gaangen ass verschidde Saachen ze diskutéieren oder unzekafen, net onbedéngt alles nominell op den Dësch leeën. Mä an der noer Ëmgéigend si Potentialitéiten do, déi sech dofir géifen eegenen. D'Präisser sinn natierlech net déi, déi mir eis virstellen. An engem Ëmkrees vun 100 Meter ronderëm d'Mille ginn net zwou, wann net dräi Méiglechkeete fir Parkraum ze kréien. Mir sinn am gaangen ze observéiere wéi sech d'Situatioun entwéckelt. Spéitstens - géif ech mengen - wa mer am gaange sinn hei ze bauen, a wierklech beweisen, datt mer eppes op däer Plaz wëlle maachen, da falen déi Präisser, esou komesch wéi dat och kléngt. Et si Leit, déi do wunnen an déi net drun interesséiert sinn, datt grouss Saachen do geschéien. Ech behaapten, datt wéinstens een, wann net zwee, d'Präisser erofsetzen, wann d'Aarbechte bis lass ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dir sitt Spezialist an däer Saach. Mä ech sinn zwar net grad der Meenung, datt d'Präisser erofginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir géift gären nieft der Mille wunnen?

Norbert Pierre (LSAP):

Mech stéiert dat net. Et ass kee Bau, deen däermoosse schro ass, datt een net kéint do wunnen. Ech hu laang genuch nieft dem Home gewunnt, a wann een dat matgemaach huet, da kann ee roueg nieft enger Mille wunnen.

Roland Breyer, Schäffen:

Loosse mer elo keng Spekulatioune maachen. Et si Méiglechkeeten do, déi sech als Parkraum géifen eegenen.

Wat d'Heizung ubelaangt, esou si vun Goblet a Lavandier e puer Alternativen opgelëscht ginn. Si eegene sech awer net alleguerte fir déi Plaz. Et war vun enger Pelletsanlag an enger Holzschnëtzelanlag Rieds. An dat eegent sech net, well mer keng Méiglechkeet hu fir esou eppes an de Buedem ze setzen.

Wat d'Photovoltaïque a d'Solarzellen ugeet, esou ass et erëm de Sites et Monuments dee seet, datt een näischt dierf änneren um Aspect extérieur, an datt déi aal Substanz muss erhale bleiwen.

Dofir proposéiere si, fir e gemeinsame Gasbrenner dohinner ze setzen, fir d'Millen an d'Rout Haus.

Bei der Stabilitéit, do wësse mer, datt se schlecht ass. Dat hunn Ingenieure gesot déi sech domatter befaasst hunn. Et muss een awer och emol heiansdo deen ale Propriétaire lauschteren. An dee seet, datt d'Substanz guer net esou schlecht ass. Et ass just deen ee Giewel dee schlecht ass, well de Keller ënnendrënner net bis un dee Giewel geet. Den ale Propriétaire huet mer Pläng gewisen an huet mer gesot, datt dat Ganzt op Betonspiliere gebaut ass, esou datt déi Stabilitéit guer net esou schlecht ka sinn. Den Ënnergrond ass schlecht, dat wësse mer. Mir sinn am Kordall, an déi, déi méi aal sinn, déi wëssen, datt ëmmer Iwwerschwemmungen do waren.

Vun de Spezialiste krute mer elo recommandéiert, fir mat Betongsasprëtzungen déi Saach nach eng Kéier ze stabiliséieren, esou datt mat kenge weideren Iwwerraschungen ze rechnen ass. Ech fannen, datt déi opwenneg an deier Sanéierung mat Betong vläicht iwwerdriwwe virsiichteg ass an datt een emol net hätt miissten esouwäit goen. Mä léiwer dann dës Kéier an der Mëllech gekacht an et ass een duerno roueg.

Norbert Pierre (LSAP):

Zu der Photovoltaïque-Anlag sot der, datt wéinst der Modernitéit esou eng Anlag net dierf agebaut ginn. Mä haut kann een esou eng Anlag mat abauen, well den Daach jo souwisou nei gemaach gëtt. Déi Anlag gëtt komplett an den Daach integréiert, esou datt et guer net méi stéiert.

Dofir sinn ech awer der Meenung, datt ee sollt kucken, ob déi Saach net awer ze realiséieren ass a mam Fortschrëtt soll matgoen. Mir schwätze vun CO2-Aspueren, an hei hätte mer eng Méiglechkeet fir zu engem gewëssenen Deel autonom am Energieverbrauch ze ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn et hei schwaarz op wäiss stoen. Bei denkmalgeschütze Situatioune wier et net ze recommandéieren. Mir kréie ronn 346.000 Euro vun Sites et Monuments, op déi mer natierlech och wéinst dem CO2 kënne verzichten. Dat sinn Décisiounen, déi mer mussen ofweien.

Albert Muller (LSAP):

Dat mannst wat ee soe kann ass, datt dee Projet gutt verkaf gëtt. Do ass keen Zweiwel drun, wann ee gesäit, wat mer alles wëlles hunn do ze maachen. Ech denken do un de Gaart, Potager, Déierenziichter, asw.. Effektiv si mer frou, datt eppes mat däer Plaz geschitt. Mir sinn och frou, datt dat Haus sanéiert gëtt, asw.. Et ass alles 'Friede, Freude, Eierkuchen'. Wat sech awer wéi e roude Fuedem duerch déi ganz Presentatioun zitt, ass, datt mer musse Gas ginn. Dat huet den Här Breyer zimlech kräfteg betount. Mir musse Gas ginn, an dat belaascht mech e bëssen. Well et passt zum gudden Toun, datt ee quasi hëlleft mat drécken, datt eppes aus deem Projet do gëtt.

Et sinn och lauter positiv Akzenter gesat ginn a sécherlech kann ee sech iwwer dat freeë wat eng Kéier soll do fonctionnéieren. Awer een negative Punkt stéiert mech awer elo schonn. Mir musse schonn haut e Crédit supplémentaire stëmmen. An et deet mer scho bal leed, datt ech mech esou fir de Projet do interesséiert hunn, well elo schonn e supplementare Kredit gestëmmt gëtt a mer hunn nach net ugefaangen. Mir hunn elo grad héiere wéi schlecht de Bauënnergrond soll sinn. Mir hunn och héiere wat vu Betong soll verschafft gi fir dat Ganzt ze stabiliséieren. Den Här Breyer mengt zwar, datt mer dat net alles bräichten, awer trotzdem. Wann een esou Devisë presentéiert, da soll een och an de Fong goen, speziell bei esou engem Objet wéi deen heiten, deen awer verschidde Risike beherbergt.

A vun do hier gekuckt, wëll ech de Schäfferot invitéiere fir an Zukunft Devisen a Kreditter ze presentéieren, déi der Situatioun ugepasst sinn. Well ech kéint mer virstellen, datt ech op eemol d'Flemm kréien an dann net méi mam Projet averstane sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt emol nach eng Kéier den Ënnerscheed tëscht engem Devis supplémentaire an engem Crédit supplémentaire erklären, obwuel ech der Meenung war, datt dat miisst gewosst sinn. Mir hunn hei keen Devis supplémentaire, mä e Crédit supplé-

mentaire hei gestëmmt, well mer elo ufänke mat den Aarbechten. An dir kënnt iech erënneren, datt mer d'lescht Joer am Dezember gesot hunn, datt mer mat den Aarbechten net ufänken esoulaang mer d'Zouso vum Minister net hunn. Mir wollten net higoen an eis fir 7,5 Milliounen Euro engagéiere wann de Ministère net matgeet. Mir hunn eréischt virun 3 Méint gesot kritt, datt mer e Subsid vun 1,8 Milliounen Euro géife kréien, a vun deem Moment un hu mer décidéiert fir déi Saach unzegoen. An dofir wëlle mer och - well mer wëlle mat den Aarbechten ufänken - de Kredit haut stëmmen. Mä beim Devis - wann ech den Devis aus dem Avant-projet mat dem Devis aus dem definitive Projet vergläichen - leie mer bei enger Augmentatioun vun 3%, an dat ass eng ganz normal Evolutioun an et ass just d'Deierecht déi dobäikomm ass. Et muss ee kloer soen, datt mer de Crédit supplémentaire hu well mer - fir déi 1,8 Milliounen Euro kënnen ze kréien a kënnen ze halen - dëst Joer mussen ufänken. A well mer vun Ufank un am Budget net virgesinn hate fir dëst Joer nach mat den Aarbechten unzefänken - well mer jo net wossten, datt mer dee Subsid kréien - musse mer dat elo nostëmmen. Déi 800.000 Euro, déi mer elo haut nostëmmen, dat sinn u sech déi 1,6 Milliounen Euro gedeelt duerch zwee déi mer vum Stat krut hunn. Méi ass et net. Et ass just eng technesch Saach, an dofir muss ech soen, datt dat heiten eng ganz normal Saach ass well mer soss hätte miissten zum Ministère soen, datt e seng Sue soll zeréckhuele well mer se net wëllen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et soll och ganz kloer sinn, datt déi Urgence, déi elo hei besteet, net op d'Käschte vun der Qualitéit geet. De Projet ass laang gemautscht. Mir schwätzen elo schonn 20 Joer heiriwwer. E war wuel ni an deem heite Konzept do. Mä wann ee kuckt, wéini den Architekteconcours gemaach ginn ass, esou sinn dat och schonn eng 5 Joeren hir. A mir hunn eis all Joer mat deem Projet ausernee gesat a preparéiert. Mä wéi de Buergermeeschter et gesot huet, mir wollte keng gréng Luucht gi bis mer duerch de Kulturministère ofgeséchert wieren. An dat ass elo de Fall, an elo geet et lass. An do ass alles gutt iwwerluet. Et ass net esou, datt nëmmen déi lescht zwee Méint sech mat deem Projet hei ausernee gesat ginn ass. Do sinn e ganze Koup Viraabechten an Diskussioune virdru gelaf.

An elo mussen d'Ausschreiwunge séier gemaach ginn. An ech hoffen, datt mer do net zevill Dommheeten an den Adjudicatioune kréien. A wann dat alles klappt, da leie mer ganz gutt am Timing, an da kréie mer och keng Hektik an déi ganz Affaire hei eran.

Albert Muller (LSAP):

Wann ech den Text vun der Délibératioun richteg interpretéieren, da stëmme mer hei e Crédit supplémentaire, fir datt mer kënnen ufänken. An et ass dat, wourop ech wollt hiweisen. Elo kënnt schonn deen éischte Crédit supplémentaire, an deen ass och e bësse verstoppt an der Iwwerschréft vun der Délibératioun. Well do geet nëmme Rieds vun 'projet définitif, devis, mémoire descriptif et plans'. Mä am leschte Punkt steet '... approuver le devis définitif de la rénovation du Moulin Waxweiler et prévoir maintenant un montant de 250.000 euros ...'. Dat ass kloer an däitlech e Crédit supplémentaire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass e Crédit supplémentaire, dat ass richteg. Mä wou mir am Dezember 2008 de Budget gestëmmt hunn, hu mer gesot, datt mer net géifen ufänken, well mer nach keng Zouso vum Ministère hunn datt hie mat participéiert. Am Mäerz/Abrëll 2009 hu mer déi Zouso schréftlech matgedeelt kritt. Mir hunn eis awer - fir déi Zouso an Héicht vun 1,8 Milliounen ze kréien - miissten engagéiere fir dëst Joer unzefänken. Dat wosste mer Enn 2008 nach et, an dofir hate mer och näischt an de Budget gesat. Soss hätte mer de Gemengerot jo iergefouert, well mer am November gesot hätte mir géifen ufänken, an ënner Ëmstänn hätte mer guer net ugefaangen.

Virun 3 Méint si mer gewuer ginn, datt mer 1,8 Millioune kréie wa mer direkt ufänken. Dofir war de Werdegang deen, datt mer hu miissten - par la force des choses - dëse Crédit supplémentaire hei stëmmen. An dat hu mer jo och ganz kloer gesot wou mer déi Konventioun hei virgeluegt hunn. Wann den definitive Projet géif kommen, da géife mer och de Kredit stëmmen dee mer brauche fir déi Aarbechten unzefänken, a wou mer eis och als Gemengen- a Schäfferot dofir engagéiert hu fir dat unzefänken.

Et hänkt alles zesummen, a fir mech ass et eng ganz normal Saach, datt mer dat heiten elo maachen, bedéngt duerch dat Engagement, dat mer vis-à-vis vum Ministère de la culture geholl hunn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass eng technesch Prozedur. Well et ass u sech eng Konterpartie zu der Recette déi mer kritt hunn. Mir hunn 1,8 Milliounen an der Keess a mer géife gären 1 Millioun ausginn. Mir mussen déi Dépense awer fir d'éischt emol schafen. Et ass eng Prozedur déi muss agehale ginn. An dee Crédit supplémentaire ass elo net en Imprévue. Dat ass net de Fall. Et ass nëmmen en Imprévue, datt mer elo éischter mat den Aarbechten ufänke kënnen.

Albert Muller (LSAP):

Ech acceptéieren déi Explicatiounen. Ech weise just drop hin, datt een awer muss vigilant sinn, an datt keng weider supplementar Kreditter spéider solle kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Gleeft mer, et ass net eis Intentioun, a scho guer net meng.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hunn e puer Detailfroen ze stellen. Ech liesen hei vun engem experimentellen Theater, wat och als Proufraum soll fonctionnéieren. Do ass awer keng Bühn virgesinn, ass dat richteg?

Roland Breyer, Schäffen:

Do ass keng Bühn virgesinn. Et ass en normale Sall. Mir hu versicht, fir alles polyvalent ze maachen. Mir denken och drun, datt eventuell emol Ballet oder aner Saache kënnen do sinn, an dofir sollen déi Säll polyvalent sinn a sech fir alles eegenen. Dofir ass jo um zweete Stack eng Bühn virgesinn.

Guy Brecht (LSAP):

Doropper wollt ech och nach ze schwätze kommen. Dat ass déi Kleinkunstbühne. Mä déi ass net als fest Bühn virgesinn. Gëtt déi da mat Podiumen opgeriicht?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass en Detail wat d'Equipement ugeet. Si ass net fest, well se och soll kënne polyvalent genotzt ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Ënnen, zu der viischter Säit hin - kënnt jo déi Taverne. Virun enger hallef Doze Joeren - wéi mer fir d'lescht mat der Kulturkommissioun op der Plaz waren - mengen ech gesinn ze hunn, datt just uewendriwwer e grousse Silo ass, deen och an dee Raum ënnendrënner geet. Gëtt dee Silo ewechgeholl?

Roland Breyer, Schäffen:

Dee gëtt ewechgeholl, an duerno nees dohinner gemaach. Dat heescht, d'Ambiance gëtt erëm hirgestallt. Et gëtt just raimlech adaptéiert. Alles wat elo aus Holz ass, déi ganz Maschinnerie, gëtt erausgeholl, versuergt, restauréiert an duerno nees op d'Plaz gesat. Esou

datt ee sech duerno eng Iddi ka maache wéi dat fréier war. Et ass u sech e Musée als Taverne.

Guy Brecht (LSAP):

Dann hunn ech nach eng Fro zu de Beem, déi laanscht d'Athuser Strooss stinn. Bleiwen déi bestoen, oder ginn déi ewechgeholl?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat sinn deelweis Trauerweiden an Dännen. Et sinn awer nëmmen Dännen déi ewechgeholl ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Dat ass an der Rei. Well déi Beem halen de Kaméidi vun der Collectrice awer e bëssen ewech.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Dännebeem si schonn zimlech aal, an déi trëllen eng Kéier vum selwen ëm a maache vill Dreck. An dofir huele mer déi ewech.

Guy Brecht (LSAP):

Ech gesinn, datt och net virgesinn ass fir eng Abrochsanlag z'installéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

De Moment net. Mä mir leeën awer déi néideg Gainen, esou datt mer dat zu all Moment nach kënne bäimaachen. Haut kann een och vill mat Funk maachen. Et muss ee kucke wat esou eng Anlag kascht, mä d'Réier kann een emol virgesinn.

Carlo Gira (CSV):

Wann een net als éischte Riedner drun ass, da si scho verschidde Saache gesot déi een och wollt soen. Am Prinzip kann een dee Projet begréissen, zëmools well dat soll mat liewegen Aktivitéite gefëllt ginn. Ech bedaueren awer nach ëmmer, datt mer hei eng Ierfschaft vum Stat zeréckkréien, wou mer relativ vill investéieren. An déi 1,8 Milliounen ass keen extra héije Chiffer, zëmools datt mer och nach e ganze Koup Oploen hunn.

Ech wollt och op dat agoen, datt mer elo relativ séier mussen ufänken, mä do huet den Här Breyer jo scho gesot, datt dat wuel iwwerluet ass a keng Inzidenzen op de Bau huet.

Wat de Parking ugeet, esou hunn ech mer och scho Gedanke gemaach. Ass et do net méiglech fir an der Périphérie, zum Beispill op der Lénger Strooss, de Gemengesite wou eis Betriber dra sinn, esou ze gestallte wéi hanner 'Rousen', dat heescht, datt en no Feierowend ka genotzt ginn. Well et ass de Leit schonn zouzemudden, datt se bis dohinner kënnen zu Fouss goen.

Erlaabt mer awer och nach eng méi kritesch Umierkung, an zwar ass et eppes, wat den Här Pierre och schonn ugeschwat huet. An zwar, datt wéinst dem Denkmalschutz d'Solarthermie an och d'Photovoltaïque net méiglech sinn. Ech wollt déi Bemierkung maachen, well ech net wëll vun nokommende Generatiounen de Virworf gemaach kréien, datt mer eis Hausaufgab net gemaach hunn. Well d'ëffentlech Hand ass och gefuerdert wann et drëm geet fir alternativ Energien ze promovéieren. D'Haus, esouwäit ech weess, ass zwar net optimal ausgeriicht fir eppes op den Daach ze maachen, mä wier et net méiglech gewiescht fir dat vläicht an den Hannerhaff ze maachen?

Mir hunn och gesot kritt, datt mer vun Sites et Monuments 400.000 Euro kréien. Ass dann net gefrot ginn, ob mer vläicht net méi kréiche vum Ëmweltministère wa mer alternativ Energie promovéieren?

Hunn ech richteg verstanen, datt beim Rouden Haus den Daach gehéicht gëtt? Mä do ass awer e groussen Deel, deen duerno net genotzt gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Dee ganze Raum uewe gëtt esou, datt d'Dagesliicht erakënnt an eng speziell Skulptur duerstellt. An dee ganzen Daach gëtt esou gemaach, datt et e groussen, offene Raum ass.

Carlo Gira (CSV):

Et entsteet awer keen zousätzleche Raum, dee genotzt ka ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Dee ganze Späicher ka genotzt ginn. Et geet mat enger Trap erop, an et huet een e grousse Raum, dee vill méi ka genotzt gi wéi dee Späicher, deen de Moment do ass.

Carlo Gira (CSV):

Tëscht deenen zwee Haiser gëtt relativ vill versigelt, an dofir wollt ech froen op et net méiglech wier, fir dat Haus Waxweiler mat engem Grénggürtel ofzeschiermen. Oder ass et méiglech, datt dat Haus eng Kéier an de Besëtz vun der Gemeng kënnt, an datt een elo net sech eppes sollt verbauen?

An dann hätt ech nach eng lescht Bemierkung. Ech stelle fest, datt mäi Wonsch vun enger Bibliothéik an dësem Projet nach ëmmer net berücksichtegt ginn ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Fir de Moment beschäftege mer eis jo haaptsächlech mat der Millen. D'Rout Haus ass jo déi zweet Etapp, an do kann een nach eng Kéier méi genee driwwer schwätzen. Fir de Moment hu mer eis nëmme virgestallt, datt et déi Ausstattung sollt kréien, an déi Fonctiounen och kritt. An do soll elo net dat selwecht gemaach gi wéi an der Millen, mä éischter den administrativen Deel. Wann d'Nécessitéit fir eng Bibliothéik sollt do sinn, an et stellt sech eraus, datt se an dat Rout Haus géif passen, dann ass dat de Moment net ausgeschloss. Déi Raimlechkeete sinn am Fong geholl nach net versprach oder an iergendengem Sënn verbaut.

Bei de Spekulatiounen, wat d'Proprié-téitsverhältnisser ronderëm ugeet, ass alles denkbar. Do wäert mat der Zäit och eppes geschéien. Mir wäerten och op mannst 2 Joer mat den Aarbechten am gaange sinn, an do komme vläicht nach eng Rei Erkenntnisser dobäi.

Wat d'Energiespuermoossnamen ugeet, esou deele mir déi Reflektiounen och. Et muss een awer och realistesch bleiwen. Mir schwätzen hei vun engem alen Haus, enger aler Substanz, déi mer iergendwéi e bëssen an Stand setzen. Elo wëlle mer dat modernst vun der Technik do dra kréien. Mir hunn aner Gebaier gebaut, an ech hu bis elo nach keng Photovoltaïque an engem vun deene Gebaier gesinn. Mir sollen eis als Zil setze fir esou Saache bei Neibaute virzegesinn. Well dir wësst och, datt - wann ee wëll an engem alen Haus nei Saachen, nei Technik erakréien - datt dat Saache sinn déi ee sech wënscht, mä einfach net ze bezuele sinn. An datt et, wéi an dësem Fall, heiansdo net passt. Dofir soll ee realistesch un de Projet erugoen. Dat hei ass eng aal Substanz, déi an deem ale Styl soll erhale bleiwen. Et soll eng aal Mille bleiwen, eng nostalgesch Affaire, an do geet net alles esou wéi ee sech dat virstellt.

Ech sinn direkt averstane fir bei engem neie Gebai déi Saache virzegesinn a mat anzeplangen.

Carlo Gira (CSV):

Fir aner technesch Saachen autori-séiere mer, datt mer niewendrun en Tuerm opriichte fir datt verschidde Saache fonctionnéieren. Mir mussen eng Kéier dohinner kommen, datt mer eis méi Gedanke maache fir déi Saachen ze promovéieren. Mir verschiben dat ëmmer an et gëtt awer vun der Politik verlaangt, datt d'Privatleit et solle maachen. A mir fannen all kéiers Ausriede fir et net ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, mir fanne keng Ausrieden. Mir fanne just, bei deem ale Gebai hei, eng Erklärung firwat mer et net maachen.

A wann et sollt sinn, datt mer dat kënnen abauen - ouni datt et den Aspect général stéiert - da solle mer dat kucken. Wann et méiglech ass fir eng Photovoltaïqueanlag an den Daach anzebauen ouni datt een et gesäit, an ouni datt de Sites et Monuments en Awand huet, da soll een dat selbstverständlech maachen.

Carlo Gira (CSV):

Nach just eng Saach zu der Bibliothéik. Et ginn an anere Gemengen och Liesatelieren, an esou eppes kéint een och hei mat abauen.

Roland Breyer, Schäffen:

Komm mer maachen emol e Sondage, wéi gewënscht datt dat ass. Et soll een emol eng Kéier sondéieren a wéi fern d'Populatioun eng Bibliothéik wënscht. Ech sinn op dat Resultat gespaant.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt dem Här Gira nach soen, datt - mat all Versteesdemech fir den Intressi, deen hien do weist - mir och alleguerten am Schäfferot interesséiert si fir esou Projeten ze maachen. Iwweregens si mer am gaangen un enger Cogénératiounsanlag ze schaffen, déi den neie Keelenzenter, d'Sportshal, d'Maison Relais an d'Schwämm bedénge soll. D'Etuden dofir si scho gemaach, a mir sinn am gaange mat engem Partner ze kucke fir dat ze realiséieren. An dat ass sécherlech e Schratt, wou mer och als Gemeng kënne soen, datt mer e groussen Effort maachen.

Ech sinn awer der Meenung, datt mer hei wäerte sécherlech net esou einfach mat de Ministèren eens ginn. Well hei hu mer eng aal Substanz, wou de Ministère drop hält, datt se soll an iergendenger Form bestoe bleiwen. An ech weess ganz genee, datt - haaptsächlech wat den Daach an d'Daachform ubelaangt - wann dat net méi passt, si net méi d'accord sinn.

An dofir soll een - esou wéi den Här Breyer et gesot huet - éischter déi alternativ Energie bei neie Gebaier virgesinn. A mer wäerten - wann alles riicht leeft - bis Enn vum Joer e Konzept op den Dësch leeë fir enger Cogénératiounsanlag zu Péiteng a mat däer mer wesentlech méi erreeche wäerten. Well dat sinn Objeten, déi vill méi Gebrauch vun Energie hu wéi de Projet 'Millen'. An dee Projet ass éischter realisabel a mer maache sécherlech méi e groussen Effort wéi bei der Millen. Mä ech verstinn är Bedenken.

Carlo Gira (CSV):

Ech hat jo och selwer gesot, datt et bei deem heite Projet héchstwahrscheinlech schwiereg ass, well d'Gebai net no 'Nord/Süd' ausgeriicht ass fir et kënnen um Daach ze maachen. Mä ass et dann net méiglech fir et hannen an der Wiss ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass net vill Plaz do. Mir kucken awer nach eng Kéier duerno.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo scho villes gesot ginn. Mä trotzdem sinn ech frou, datt mer an deem Projet 'Millen' endlech virukommen. An eng Millen an enger Uertschaft ass e Patrimoine vun engem Duerf. Genee wéi eis Bueren déi renovéiert si ginn. An esou Saache sollen erhale bleiwen.

Ech hätt mer awer gewënscht, datt mer eng Reewaassernotzung mat virgesinn hätten.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass richteg, datt dat net virgesinn ass. Mir kucken awer nach eng Kéier no firwat eng Reewaassernotzungsanlag net am Projet virgesinn ass.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hätt nach eng Fro zum Restaurant. Gëtt dee verlount, a kënnt do e regelrechte Betrib dran? Oder ass et éischter geduecht, datt d'Veräiner kënnen dovunner profitéieren?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass geduecht, datt e Pächter drakënnt. Et soll e Restaurant ginn, deen anstänneg fonctionnéiert an e 'point d'attractivité et de rassemblement' soll duerstellen. An de Loyer, dee muss bezuelt ginn, soll och deelweis hëllefe fir déi verschidden Aktivitéiten ze finanzéieren.

Eis Virstellung ass, datt de Loyer an d'Cotisatioune fir déi eenzel Aktivitéiten duergi fir d'Onkäschten ze decken.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Beschreiwung vum Projet geet Rieds vun engem 'Restaurant à la carte'.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kucken, datt eppes dohinner kënnt, wat hei zu Péiteng nach feelt. Mir hu genuch Italiener a Chineesen, an et soll eppes dohinnerkomme wat bei de Styl vun der Mille passt, wéi zum Beispill wou gudde lëtzebuerger Kascht zerwéiert gëtt.

Approbation à l'unanimité.

3.2.

Culture et loisirs.

Projet du Moulin Waxweiler, de la Maison Rouge et des alentours à Pétange: remise en valeur de la Maison Rouge et des alentours - projet définitif (devis, mémoire descriptif et plans) - approbation.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer opgefall, datt an der Beschreiwung Rieds geet vun 'exposition 1', 'exposition 2', asw. . Dat ass wahrscheinlech den 1. Stack, 2. Stack, asw. . Mä et muss een iwwer eng Wendeltrap op déi verschidde Stäck goen. Et ass kee Lift virgesinn, esou datt e Behënnerten net ka vun deenen Ausstellunge profitéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu laang a breet driwwer geschwat. Wa mer un dat Rout Haus erëm klappen a rappe ginn, da kréie mer do Problemer. Fir de Moment hu mer an deem Haus kee Lift virgesinn. Et war e Lift banne virgesinn, an deen hu mer awer aus Käschtegrënn erausgeholl.

D'Rout Haus ass deen zweete Projet, an deen ass jo nach net am Detail ausgeschafft, esou datt een nach kann driwwer schwätzen. Fir de Moment hu mer eis décidéiert fir de Lift aus Käschtegrënn emol net virzegesinn. Et wier eng Affaire vun 2 Millioune ginn.

Et muss een och wëssen, datt d'Fonctioune vun deem Rouden Haus nach net ganz kloer sinn. Fir de Moment leie just Iddien um Dësch. Et kann ee sech och virtstellen, datt eng Institutioun, déi am Tourismus schafft, oder an der Mémoire collective schafft, vläicht dohinner wëll goen. Et ginn nach genuch Gedanken, déi een nach développéiere kann. Et soll fir d'éischt emol en administrativen Trakt drakommen. A wéiwäit deen ieweschten Deel nach fir de grousse Public ausgebaut soll ginn, muss ee kucken. Et kann een zum Beispill eng permanent Ausstellung do maachen, oder aner Ausstellungen, mä et kéint een awer och nach aner Saachen do maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Alleng den Ëmbau vum Daach kascht jo awer Milliounen, an dofir muss ee jo awer och eppes domatter kënnen ufänken.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass eng grouss Fläch ënner dem Daach, mä - wéi gesot - fir de Moment hu mer kee Lift virgesinn.

Lily Gansen (LSAP):

Tatsaach ass, datt mer eng ganz Rei Leit ausschléissen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An deem Kontext muss een awer ganz kloer soen, datt mer emol d'Millen hunn, déi zougänglech ass fir jiddwereen. Dat heescht, déi grouss Aktivitéite fannen an der Mille statt, an net onbedengt am Rouden Haus. Natierlech kann een am Rouden Haus e Lift abauen, mä dat ass mat engem gewëssene Käschtepunkt verbonnen, et ass eng Wartung ze maachen, an et muss ee kucken, ob ee sech dat alles ka leeschten. An op ee muss an all Haus mam Lift bis ënner den Daach fueren, ass eng Fro fir sech, an déi muss een diskutéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn am Päschenhaus kee Lift. Mir hunn a kenger Schoul e Lift. Mir hu vill ëffentlech Gebaier, an deene kee Lift ass. Mir mussen eis arrangéieren, an d'Aktivitéiten dann deementspriechend maachen. Mir kënnen d'Ausstellung och ënne maachen.

Wat een och eng Kéier muss maachen, dat ass fir all eis Gebaier, an deene sech Leit kënne begéinen, ze analyséieren. Mir hu Kulturzentren, de Fräizäitzentrum, d'Kulturhaus, den Home, d'Millen, an et muss een emol erëm eng Kéier d'Fonctioun vun deenen eenzelne Gebaier definéieren. Dat war am Ufank kloer, mä mat de Joeren huet sech dat verwässert. Mir maachen zum Beispill Ausstellungen an der Sportshal, a mer maache geschwë Sport am Kulturhaus. An et muss een emol erëm eng Kéier kloer definéiere wat an all Gebai vun Aktivitéit kann a soll stattfannen. A wa mer alles iwwerall zouloossen, da musse mer och all Gebai mat allem ausstatten. Mer mussen eis emol kloer ausschwätzen, a wann en Haus fir de Sport geduecht ass, da soll och nëmme Sport dra gemaach ginn. An d'Maison de la culture ass dat beschte Beispill. D'Maison de la culture ass kee Kulturhaus méi. Ausser datt heiansdo eng Ausstellung dran ass, ginn haaptsächlech Versammlungen doranner ofgehalen.

Roger Klein (LSAP):

Mir hu virdru vun der Mille geschwat, an datt mer knapp 5 Milliounen an d'Millen investéieren, fannen ech absolut gerechtfäerdegt. Et ass e Gebai, dat einfach zum Patrimoine vun der Gemeng gehéiert. Et ass ee vun deene wéinege remarquabele Gebaier, déi mer an der Gemeng hunn. An datt een do muss eng ganz opwenneg Restauratioun maachen, an datt ee vill Geld muss drastiechen, schéngt mer nëmmen normal.

Ech sinn awer e bësse méi erféiert iwwer dee Montant, deen d'Restauratioun, respektiv den Ausbau vum Daach vum Rouden Haus kascht. Et ass jo awer e Gebai, dat mer esou zoufälleg mat der Mille kritt hunn, wat awer kee Gebai ass, wat eng bestëmmte Roll an der Geschicht vun der Gemeng Péiteng spillt, oder iergendwéi e besonnescht remarquabelt Gebai an der Gemeng Péiteng wier.

An da freet ee sech, firwat et ëmmer muss esou deier gi wann d'Gemeng e Projet mécht. A wa mer eis elo ganz éierlech alleguerte géinge froen, a wa mer duerch Zoufall d'Haus geierft hätten, géife mer da selwer higoen an 1.155.000 Euro dran investéiere fir d'Renovatioun, respektiv fir den Daach ganz spektakulär auszebauen?

A wann ech gesinn, datt een 2 Kilometer méi wäit, hanner der Grenz, fir dee selwechte Präis - wann een de Präis vum Terrain ewechrechent - en 'immeuble commercial' vun 1.800 m2 kritt. An an engem Ëmkrees vun 100 Meter ronderëm d'Mille kritt ee ganz sécher och e fräileiend Haus ze kafen, wat an engem bessere baulechen Zoustand ass, a wat ganz sécher vill manner kascht. A wann et richteg sollt sinn, datt an däer Géigend Präisser sollen erofgoen, da muss ee sech froen, ob en d'Renovatioun vun deem Rouden Haus, an deem Genre wéi et hei presentéiert gëtt, soll unhuelen, oder ob een net soll doropper verzichten, a fir déi - an der Haaptsaach administrativ Raim - net eng aner Léisung sollt sichen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn eis och schwéier gedoe fir dat Rout Haus esou do mat eran ze huelen. Mir haten ee Moment ganz haart driwwer nogeduecht fir et einfach ewechzerappen. Dat war ee Moment eng Alternativ. Mir sinn awer haaptsächlech vun Sites et Monuments a vum Ministère gebremst ginn, déi einfach soen, datt et eng gewuesse Substanz ass déi do ass. A si hunn drop gehale fir dat Rout Haus bestoen ze loossen. Mir haten näämlech gesot, datt mer dat Rout Haus net onbedéngt mussen hunn an datt mer eis och aneschters kënnen arrangéieren.

Et ass awer e markante Punkt. A beim Concours huet den Architekt dat och esou gesinn. Et ass e markante Punkt op deem Rond-point, deen op déi Plaz hiweist. Well d'Mille läit jo u sech de Moment ganz verstoppt do. An och wann een d'Haus géif ewechrappen, da wier dat net gutt, well een domatter d'Millen aneschters géif presentéiere wéi se geschichtlech gewuess ass a geschichtlech an eiser Erënnerung ass. An dofir ass vun Sites et Monuments a vum Kulturministère gesot ginn, datt mer dat Haus musse bäibehalen, well et einfach zu der Struktur an zum Patrimoine, dee sech do entwéckelt huet, gehéiert.

Ech fäerten, datt se - well et steet jo och nach en drëtt Haus do - datt se do och dat selwecht soen. Well domatter géife mer ni Loft an dat Ganzt kréien. Oder mer mussen eis eng Kéier driwwer ewechsetzen.

Dat Rout Haus ass och an engem ganz schlechten Zoustand, an et ass joerelaang net duerno gekuckt ginn. Et sinn u sech nëmme Grondmaueren, déi nach kënnen erhale bleiwen, an de Rescht muss komplett sanéiert ginn.

Roger Klein (LSAP):

Dat Rout Haus, wann ech mech gutt erënneren, ass kuerz virum Krich gebaut ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

An den 30er Joeren.

Roger Klein (LSAP):

An d'Millen ass vun ëm 1900?

Roland Breyer, Schäffen:

1749 ass fir d'éischt vun enger Mille geschwat ginn. 1922 ass se duerch d'Feier zerstéiert ginn. 1924 gouf se nei opgeriicht a modifizéiert gouf se 1934.

D'Rout Haus ass vun 1937.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, duerch de Bau vum Rouden Haus ass den Originalsite modifizéiert ginn. Dat heescht, wann een dat Rout Haus elo géif ewechhuelen, dann hätt een de Site schonn erëm méi original, och wann dann nach en Haus géif do stoen. De Site wier dann net esou, wéi mir en an Erënnerung hunn, mä e wier awer esou, wéi déi ganz aal Péitenger en nach an Erënnerung hunn. Well déi hu wahrscheinlech de Site kannt ouni dat Rout Haus.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Rout Haus ass 10 Joer no der Millen dohinner komm. Virdru war d'Millen do. Mä se gouf komplett duerch d'Feier zerstéiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif an deem Kontext nach soen, datt en Architekteconcours gemaach ginn ass, an do huet e Projet de

Concours gewonnen, an an deem Projet ass dat Rout Haus een 'élément phare' vun deem Ganzen. An ech ka mer virstellen, datt wann een dat Rout elo géif aus deem Projet eraushuelen, een domatter de Projet, deen de Concours gewonnen huet, géif amputéieren. An ech weess net, ob een dat zu deem Zäitpunkt nach ka maachen. Et deet wéi, dat ass ganz kloer. Mä ech sinn awer der Meenung, datt de Projet - wann e bis fäerdeg ass - eis alleguerte wäert gefalen. E kascht eis natierlech 1,2 Milliounen Euro méi wéi wa mer dat Rout Haus net hunn. Mä ech sinn iwwerzeegt, datt de Projet, wann e fäerdeg ass, e ganz flotte Projet ass, an datt et eng Saach gëtt déi eis hei zu Péiteng zefriddestellt. An dofir muss een och eng Kéier fir deen Zweck op d'Zänn bäissen, och wann et a schwéieren Zäiten ass, wou een all Euro muss dréinen.

Approbation par 14 voix et 1 abstention (M. Klein).

Roger Klein (LSAP):

Ech hu mech enthale well mer de Käschtepunkt einfach ze héich ass, och wann et en Ensembel vun engem Projet ass, deen en Architekteconcours gewonnen huet. An de Buergermeeschter seet zwar, datt ee muss op d'Zänn bäissen, mä wann ee bis deelweis seng Drëtt huet, da bäisst een net méi gären esou fest drop, well soss kënnen se emol futti fueren.

Séance publique du 20 juillet 2009

Durée de la séance: *9.15 à 11.00 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - jusqu'au point 6.5. inclus
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - à partir du point 7. Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel: Nomination provisoire d'un fonctionnaire (m/f) dans la carrière du rédacteur - décision.
2. Prévisions sociales
   2.1. Engagement de trois apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau dans les services administratifs - décisions.
   2.2. Engagement de deux apprentis (m/f) dans le métier d'instructeur de nation dans les piscines communales - décisions.

Séance publique (début probable: 9.30 heures)

3. Prévisions sociales: Construction d'une Maison Relais Pour Enfants - projet définitif (mémoire descriptif, devis et plans) - approbation.
4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale: Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
6. Propriétés
   6.1. Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue Adolphe », à M. Zdravko MARIC de Rodange - décision de principe.
   6.2. Cession à la commune d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « chemin de Brouck », par Mme Marie-Yvonne MEISCH épouse DESORBAY de Pétange - approbation de l'acte.
   6.3. Cession à la commune d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp », par M. et Mme Claudiano TRAVESSA-BATATA de Rodange - approbation de l'acte.

6.4. Vente de deux parcelles sises à Pétange, lieu-dit »rue du Parc », à M. et Mme Nicolas MAJERES-HANSEN de Pétange - approbation de l'acte.

6.5. Installation d'une centrale de détection d'incendie et d'intrusion au centre de secours à Pétange - approbation du devis et d'un crédit supplémentaire - décisions.

7. Prévisions sociales: Convention, avec le Ministère de la Famille et de l'Intégration pour le Centre de Rencontre et d'Information pour Jeunes « Péitenger Jugendhaus » asbl pour l'année 2009 - approbation.

8. Enseignement

8.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

8.2. Commission scolaire - nouvelle composition - décisions.

8.3. Organisation scolaire pour l'année 2009/2010 - décisions.

8.4. Organisation scolaire pour l'année 2009/2010 - indemnités - décisions.

8.5. Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2009/2010 - approbation.

9. Enseignement musical: organisation scolaire provisoire pour l'année 2009/2010 - décision.

10. Vie associative

10.1. « Latino Dancers Pétange » - changement du subside de base - décision.

10.2. « Foi et Lumière, Fireneen Minette » - changement du subside de base - décision.

10.3. Octroi de subsides à des associations - décisions.

11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination provisoire d'un fonctionnaire (m/f) dans la carrière du rédacteur - décision.

- Mme Leick Alexandra de Lamadelaine

Engagement de trois apprentis (m/f) dans le métier de l'employé de bureau dans les services administratifs - décisions.

- Mme Gomes Sara de Pétange
- M. Schaack Marc de Rodange
- Mme Tarsi Samantha de Pétange

Engagement de deux apprentis (m/f) dans le métier d'instructeur de nation dans les piscines communales - décisions.

- Mme Dos Reis Moreira Daniela de Pétange
- M. Schiltz Yann de Belvaux

3.a.

Prévisions sociales.

Construction d'une Maison Relais à Pétange: projet définitif - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hate jo schonn de provisoresche Projet fir de Bau vun enger Maison Relais a vun engem Précoce hei am Gemengerot gestëmmt. Haut solle mer dann den definitive Projet stëmmen.

Déi nei Maison Relais soll um Site vun der Eigent-Schoul hei zu Péiteng gebaut ginn. Déi ganz Constructioun soll 12 Säll kréien, déi op 3 Stäck verdeelt sinn. All Sall huet 65 m2. Am Ganze solle eng 260 Kanner do kënnen opgeholl ginn. Eng professionell Kiche soll dobäikommen, an däer bis zu 420 Molzechten den Dag kënne preparéiert ginn, an dat net nëmme fir d'Maison Relais, mä och fir de Repas sur roues. D'Sanitaire ginn natierlech esou gemaach wéi et sech soll gehéieren, dat heescht fir Jongen a Meedercher getrennt. Eng grouss 'salle polyvalente' vun 167 m2 kënnt och mat an déi Maison Relais. Dat ass och haut erfuerdert fir datt d'Kanner an der Maison Relais sech kënnen austoben an och Aktivitéite maachen, an net dee ganzen Dag nëmmen an hire klenge Säll sech ophalen.

E Bureau mat engem Séjour ass och fir d'Personal virgesinn, déi fir Versammlunge vum Personal a fir d'Directrice vun der Maison Relais geduecht sinn. Um leschte Stack sollen déi ganz technesch Infrastrukturen hikommen.

De Käschtepunkt beleeft sech op ronn 7 Milliounen Euro. Mir erwaarden eis natierlech och vum Stat Subsiden an der Héicht vun 50% vun der Gesamtausgab mat engem Maximum vu ronn 10.000 € pro Schüler, 50% vun der Ausgab vun der professioneller Kiche mat engem Maximum vun 37.500 € bis 60 Molzechten, 75.000 € fir 120 Molzechten, respektiv 125.000 € wann et iwwer 120 Molzechten erausgeet. Esou datt mer denken, datt mer fir d'Kichen och nach 125.000 € Subside géife kréien.

Een Drëttel vun der Dépense fir den Aménagement vun der Spillplaz, mat engem Maximum vun 8.500 € soll och nach als Subsid dobäikommen. Den Aménagement vun der Spillplaz ass haut am Projet mat dran, mä mir mussen dat awer nach mam Léierpersonal beschwätzen a si mat abanne fir datt mer hei och op dee Wee gi wéi mer et scho bei anere Schoule gemaach hunn. Well do sinn haut aner Iddien, déi matspillen. Et soll net méi alles mat Tarmac zougemaach ginn, mä et sollen haut jo éischter Naturschoulhäff ginn. An domatter komme mer spéider nach eng Kéier drop zeréck fir dat Ganzt ze beschwätzen.

Wann elo sollten technesch Froen zu dësem Projet sinn, da kënnt der déi un déi Leit vun den Architektebüroe stellen. Si stinn iech gäre Ried an Äntwert.

Marco Bidaine, vum 'Atelier d'architecture Beng' erkläert dem Gemengerot deen technesche Volet vum Projet, deen aus zwee Deeler besteet. Engersäits aus dem Bau vun enger Maison Relais, an anerersäits aus dem Ausbau vun der Eigent-Schoul, wou de Précoce soll ënnerdaach kommen, Säll fir de Primaire solle bäikommen an bestoend Säll sollen ëmgebaut ginn.

Wat déi verschidden Autorisatiounen ugeet, esou weist den Här Bidaine drop hin, datt dee ganze Projet scho mat deenen eenzelnen Instanzen, déi hiren Avis mussen ofginn, ofgekläert ass. Dat

wieren de Ministère de la Santé, division de l'inspection sanitaire fir d'Kichen, de Ministère de l'Education nationale fir d'Primärschoul, de Ministère de la Famille fir d'Maison Relais, esou wéi och d'Pompjeeën an d'Securité dans la Fonction publique.

Wat d'Maison Relais betrëfft, esou wier déi net ënnerkellert ginn, fir domatter dem Problem vum Waasser wéinst der Kor, déi no bäi wier, oder bei staarkem Reen, aus de Féiss ze goen. Weider ass d'Maison Relais nom Prinzip vun der Nidderegenergie ausgeluegt, dat heescht et wier eng Belëftung mat 'Wärmerückgewinnung' vu sämtleche Säll virgesinn.

Beim Ausbau vun der Eigent-Schoul wier ervirzesträichen, datt déi bestoend Schwämm an der Schoul ofgerappt géif ginn, an datt bei déi doduerch gewonne Plaz en 'terrain multisports' mat syntheteschem Belag, deen de Kanner zegutt géif kommen, ugeluegt géif ginn.

Roby Eischen, vun Goblet Lavandier & Associés:

Ech wollt e puer Explicatiounen zum Energiekonzept an Technikkonzept ginn.

Wou déi Planung ugaangen ass, ass vum Schäfferot och de Wonsch geäussert gi fir a Richtung vun energetesch optiméierte Gebaier ze goen. Et ass elo esou, datt mer d'Maison Relais komplett als Nidderegenergie ausféieren. Et ass esou, datt d'Gemengen duerch d'Gesetz vum 31. Mee 1999 kënne Subside kréie wa se Nidderegenergie- oder Passivgebaier bauen, dat heescht wa se bei der Isolatioun a bei der Belëftung e gewëssene Standard ënnerschreiden. D'Maison Relais ass elo geplangt als Nidderegenergiehaus, dat heescht ganz gutt isoléiert an op der aner Säit och eng hygienesch Bean Entlüftung fir d'Lëftungsverloschter am Wanter, also an den Heizphasen, op e Minimum ze reduzéieren.

Wat d'Vergréisserung an d'Renovatioun vun der Schoul betrëfft, esou wéi d'Mise en conformité vun de bestoenden Deeler, esou si mer do verbliwwen, datt mer net a Richtung Nidderegenergiestandard ginn, mä datt mer e ganz pousséierten energetesche Standard maachen, an dat aus deem Grond fir engersäits net wëllen an der Schoul selwer musse verschidde Lëftungssystemer ze hunn, an anerersäits ass awer eng ganz gutt Isolatioun virgesinn.

Bei der Schoul ass also deen éischte Volet fir d'Gebai gutt anzepaken, an deen zweete Volet ass d'Beheize vun deem Gebäi. Am Moment si 40 Joer aal Chaudièren an deem Gebai. Mir sinn eigentlech e bësse méi wäit an de Iwwerleeunge gaangen a mir hu gekuckt, wéi mer mëttelfristeg kënnen dee ganze Site, dee ganze Campus beheizen. Mir hunn do de Schoulkomplex, mir hunn niewendrun d'Schwämm, déi nei gemaach gëtt, an et ass esou, datt am Kader vum Commodo d'Gemeng bis 2013 muss eng nei Energieversuergung um Niveau vun der Schwämm an der Sportshal realiséieren. An et lafen am Moment Iwwerleeunge fir ze kucke wéi een dat kann energetesch méi sënnvoll maachen, sief et iwwer alternativ Energieträger, sief et iwwer Cogeneratiounen. Do si verschidde Machbarkeetsstudien am gaange gemaach ze ginn. An enger Iwwergangszäit hu mer gerechent, datt am Prinzip mat deene bestoende Chaudièren, déi zwar e gewëssenen Alter schonn um Bockel hunn, déi Leeschtung duergeet fir de Schoulkomplex mat der Maison Relais an der Waarmwaasserbereedung vun der Kichen mat ze iwwerhuelen.

Wéi gesot, fir méi eng rational Energieverwendung fir dee Campus duerno gëtt nach e separate Projet - deen nach ze elaboréieren ass - gemaach. An dee Projet soll och d'Schwämm mat eranhuelen, an eventuell och de Keelenzenter an den Hotel, wou dann alles an e Wärmeverbund mat erageholl kéint ginn. Do lafen Iwwerleeungen, wou mer awer nach net ganz duerch sinn.

Dat erkläert och, firwat de Moment keng solarthermesch Anlage virgesi sinn. Mir wëssen de Moment nach net, op mer net vun der anerer Säit vläicht esouguer ganz propper Energie kréien, wann eng zentral Léisung géif gemaach ginn. Dofir wollte mer elo bei der Solaranlag net anticipéieren. Wann een an e puer Méint méi wäit gesäit, da kann een ëmmer nach eng Ratifikatioun maachen am Kader vum Gesamtkonzept.

Bei der Beliichtung gëtt fir déi ganz Schoul och quasi Nidderegenergiestandard gemaach. Mir kommen op eng Dagesliichtoptiméiert Beliichtung, dat heescht d'Beliichtung gëtt no Bedarf dem reele Besoin am Sall ugepasst, esou datt mer e Maximum vun Dagesliicht ausnotzen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi zwou Saache si jo elo matenee virgestallt ginn. Mir haten zwar op der Dagesuerdnung zwee separat Punkten heifir virgesinn. Mä den techenesche Volet vun der Maison Relais an der Schoul goufen elo matenee presentéiert, esou datt der elo am Bild sitt vun deem, wat mer wëllen do realiséieren. Et kann ee vläicht nach eng Kéier kuerz zesummefaassen.

Mir hu wëlles den Ausbau vum Précoce an dem Primaire do ze maachen. De Précoce wëlle mer och conforme setzen, well dee fonctionnéiert jo fir de Moment op engem éischte Stack. Mir kéie fir de Précoce 4 nei Säll zu jee 105 m2, esou wéi et och virgeschriwwen ass. Primärsäll kéie mer och nach um éischte Stack dobäi. An déi aal, kleng Schwämm - déi jo och net méi conforme ass - rappe mer definitiv ewech, a mer maachen eng flott Plaz dohinner wou d'Kanner kënnen an der Paus spillen. D'Vestiären an d'Sanitäre gi bei der Turnhal och nei gemaach, well och déi hunn e gewëssenen Alter an déi sinn och net méi esou an der Rei.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hu verschidde Froen zu deenen zwee Projeten. Wann ech et richteg verstanen hunn, da sollen d'Pläng vun den Alentoure spéider nach nogereescht ginn. Dee ganze Finanzement dovunner ass awer schonn am Projet virgesinn. Dat ass awer e bësse gelungen, well da steet jo awer elo scho relativ fest, wat soll dohinnerkommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir wollten effektiv hei e Gesamtprojet op den Dësch leeën, fir datt mer och wësse wat dat Ganzt kascht. Dat ass op Erfahrungswäerter definéiert ginn, déi mer bei anere Schoule beim Aménagement ageholl hunn. Mi wäerte sécherlech awer nach eng Kéier mam detailléierte Plang an de Gemengerot kommen. Mir wollten awer elo schonn e Montant hei actéiere fir datt mer wësse wat op eis duerkënnt.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hat dat och esou verstanen.

Ech hätt awer nach eng aner Fro zu den Aussenanlagen, dat heescht zu deene verschiddene Spillplazen, déi mer do solle kréien. Ass do och en Zonk virgesinn, fir datt d'Leit zum Beispill net mat hiren Hënn dohinner ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt mer et esou musse maache wéi och bei deenen anere Schoulhäff.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass an der Rei. Well et gëtt jo vill Vandalismus bedriwwen, an et soll schonn ofgeséchert sinn.

Da soll och Parking fir d'Personal virgesi sinn. Ech hunn awer nëmmen

zéng Plazen um Plang gesinn, an dat laanscht d'Pierre Hamer Strooss. Ass dat dee Parking? Soll d'Léierpersonal op de Parking vum Centre sportif goen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt dee Parking, wou et eran an d'Spillschoul geet, verschwënnt. Dat ass och gutt, datt dee Parking verschwënnt, well et ass ee Sécherheetsfactor, deen eis ëmmer schonn um Häerz louch. An d'Léierpersonal wäert op de Parking vun der Sportshal parke goen.

Norbert Pierre (LSAP):

An der Maison Relais ass e Lift fir d'Iesse virgesinn. Ass dee Lift och fir Persoune virgesinn? Well u sech miissten déi zwou Saache getrennt bleiwen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dee Lift ass un éischter Stell fir d'Iesse virgesinn. Wann awer elo eng Kéier en handicapéiert Kand do ass, da kéint een dat eventuell och mam Lift transportéieren. Mä dat soll awer d'Ausnam sinn. Dee Lift ass haaptsächlech fir d'Kiche geduecht.

Mir wëlle jo och net higoen, an e Lift fir de Persounentransport installéieren. Dogéint hu mer eis jo bis elo ëmmer gestäipt, well soss miisste mer higoen, an an all Schoul e Lift installéieren.

Hei si mer elo forcéiert fir e Lift dranzemaachen, well d'Maison Relais iwwer 3 Stäck geet, a well mer mat den Iesssaachen och mussen op déi verschidde Stäck kommen.

Norbert Pierre (LSAP):

Vum Stat gëtt jo gefuerdert, datt d'Iessen an d'Persoune musse getrennt gefouert ginn. Ech hunn elo héieren, datt de Lift jo reng fir d'Iesse soll do sinn. Ech fannen et awer net gutt, datt trotzdem soll kënnen zum Beispill en Handicapéierte mat deem Lift transportéiert ginn. Et sollt een déi zwou Saachen trotzdem trennen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass jo net esou, datt dee Lift andauernd vum Personal oder vun de Kanner benotzt gëtt. An dat wëlle mer jo net, well d'Kanner solle sech bewegen, an et ass och méi sécher wa se d'Trapen huele wéi wa se andauernd mam Lift hin an hier fueren. Well et si jo awer kleng Kanner an déi hunn näischt alleng an engem Lift verluer.

Norbert Pierre (LSAP):

Beim Projet vun der Primärschoul steet, datt wahrscheinlech de Projet vum Ministère de l'Education nationale wäert subventionéiert ginn. Dat ass jo duerchaus méiglech, mä sinn do scho Verspriechen agefrot gi fir Subsiden ze kréien? Well gewéinlech ginn déi verdeelt 'suivant les disponibilités financières de l'Etat', an do kann et emol laang dauere bis mer eppes kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Schoul ubelaangt, esou hu mer awer ganz spezifesch Prozeduren, wéi déi Subside kënne verdeelt ginn. Fir de Précoce hu mer nach ëmmer Subside krut, wa mer deen ausgebaut hunn, esou datt ech dovunner ausginn, datt mer an dësem Fall och Subside kréien, an déi ech op 40% aschätze mat engem Plafong pro Sall. Wahrscheinlech wäerte mer - doduerch datt mer d'Alentouren nei maachen - iwwer dee Schnëtt ewechfalen dee virgesinn ass pro Sall. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer hei bis 1 Millioun Euro kënnen erwaarden. Och bei der Maison Relais hu mer 50% agesat, wat de Moment Usus ass. Mir wëssen awer och, datt de Stat soll 75% iwwerhuelen, mä do sinn ech mer awer net esou richteg schlësseg, ob dat sech reng op d'Frais de fonctionnement bezitt, oder ob dat sech och op d'Acquisitioune bezitt. Mir hunn elo emol de Minimum dragesat fir ze weisen, wat ongeféier ze erwaarden ass.

Esoubal de Projet elo gestëmmt ass, wäerte mer och déi Demande maachen a mir wäerten och insistéieren, datt mer eng offiziell Zouso fir déi zwee Projete kréien, wat mer als Subsid ze erwaarden hunn, fir datt mer och e finanzielle Planning kënne maachen dee Kapp a Fouss huet an datt mer net an d'Blannt eraginn.

Dat hei ass een Invest vu bal 14 Milliounen Euro, dee ganz staark op eise Budget wäert drécken, an do wäerte mer wahrscheinlech kucke fir déi Suen opzebréngen, an all Euro, dee mer vum Stat kréien, dee brauche mir manner ze ginn an dee kënnt eiser finanzieller Situatioun zegutt.

Dat hei ass e grousse Projet, bei deem mer am Intressi vun eise Kanner net derlaanscht kommen. Mir mussen hei agéieren a mer wäerte mat dësem Projet och deem Rechnung droe wat vun eis erwaart gëtt.

Norbert Pierre (LSAP):

Natierlech ass et ëmmer eng finanziell Saach. An och wann de Bau mat senge 14 Millioune finanziell ofgedeckt ass, esou sinn et d'Frais de fonctionnement, déi eis spéider méi wéi wäerten doen an all Joer en Impakt op eise Budget wäerten hunn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann d'Subside bei der Maison Relais weider esou komme wéi se versprach sinn, da sti mer natierlech bei de Fais de fonctionnement besser do. Well do schwätzen se jo vun 75%. Et ass jo och vum Stat gefrot, datt solle Maisons Relais gebaut ginn, an da kënne mer eis jo awer och eng substantiell Hëllef erwaarden.

An datt eng Maison Relais gefrot ass, gesäit een un der Waardelëscht, op däer mëttlerweil schonn 100 Kanner dropstinn. A wann et esou virugeet, da fäerten ech, datt mer - wann de Bau bis hallef fäerdeg ass - dee schonn erëm ze kleng ass. Mir mussen eis awer och e bëssen der Decken no strecken, a mer kënnen och net an d'Onendlecht era bauen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt e puer Froen zu der Technik. Et besteet fir de Moment schonn en Trafo, mä ass dee staark genuch fir déi Energie, déi mer brauchen?

Roby Eischen, vun Goblet Lavandier & Associés:

Deen Trafo ass net staark genuch. Am Moment - et muss een do e bësse méi wäit aushuelen - ass et esou, datt esouwuel an der Sportshal wéi och hei um Site en Trafo ass. A mat de Gemengenservicer gëtt am Moment diskutéiert fir déi komplett nei ze organiséieren, an dat och am Kontext vum neie Keelenzenter. Do gëtt en neit Gesamtkonzept gemaach, an dat hänkt och nach e bëssen dovunner of, ob eng Cogeneratiounsanlag gebaut gëtt oder net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat si mer am gaangen ze klären. Mir hunn och Gespréicher mat Sudgaz, a mer hunn och schonn e Courrier u si adresséiert, fir ze kucke wéi déi Cogeneratiounsanlag kéint opgeriicht a bedriwwe ginn. An ech hoffen, datt mer no der Vakanz op engem Punkt sinn, datt mer dem Gemengerot kënnen de Projet op den Dësch leeën.

Jeannot Linden (LSAP):

D'Heizung ass eng Saach. Mä wann ech mat bauen ufänken, da muss ech och d'Energie hunn. Dat heescht do kënnt nach eppes op eis zou. Do mussen entweder Quierschnëtter geännert ginn oder Kabele bäigezu ginn. Do kënnt nach eng Ausgab bäi, alleng nëmme fir den Trafo auszebauen.

Dann hätt ech nach eng Fro zum 'local technique', deen op den zweete Stack vun der Maison Relais soll kommen.

Kommen do Pompelen dran, oder wat kënnt do dran? Well mir wësse jo, datt déi Apparater och Kaméidi maachen, an da geet dat duerch dat ganz Gebai. Ass garantéiert, datt dat ofgedicht ass fir datt net Raimlechkeeten ënnendrënner oder dernieft gestéiert ginn?

Roby Eischen, vun Goblet Lavandier & Associés:

Am Prinzip ass dee Raum virgesi fir eng hygiènesch Be- an Entlüftung. Och - wéinst der Kichen - gëtt alles wat Hotte ass no uewen evakuéiert. Dee Raum ass also haaptsächlech geduecht fir Lëftungstechnesch Anlagen, wou natierlech iwwer Kompensatoren an ähnlech Techniken dofir gesuergt gëtt, datt sech Kaméidi oder Vibratiounen net op aner Raim iwwerdroen.

Jeannot Linden (LSAP):

Och muss zu der Pierre Hamer Strooss esou ofgeséchert ginn, datt - wann zum Beispill Fussball gespillt gëtt - näischt ka geschéien, oder datt Béischten do erakommen.

Da gesinn ech awer nach e Problem beim Fligel, dee bäigebaut gëtt. Do ass jo virgesinn, datt d'Primärklassen uewenop an de Précoce ënnena soll kommen. Do hu mer jo awer en Noutausgang, an déi Dire mussen no baussen opgoen, an déi dierfen net gespaart sinn. Besteet do net d'Gefor, datt Kanner aus dem Primär duerch déi Dir erausginn, an da steet d'Dir beim Précoce op?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt ee bei all Sécherheetsdir kann erausgoen. Et muss een natierlech eng gewëssen Disziplin am Haus hunn. Mir hunn esou Dire jo an all Gebai, an et ass um Léierpersonal fir dofir ze suergen, datt do Uerdnung herrscht. Ech si mat iech averstanen, datt do emol kënne Konfliktsituatiounen entstoen, mä da musse mer dofir suergen, datt déi aus der Welt geschafe ginn. Mä mir kommen awer net derlaanscht en Noutausgang ze maachen. Ech weess net, ob et technesch machbar ass fir déi zu der anerer Säit ze maachen, esou datt deen Noutausgang zum Haaptschoulhaff erausgeet. Dat wier ze iwwerleeën. Mä dat anert wier awer och als Léierpersonal ze managen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nëmmen doropper opmierksam maachen. Ech kann awer och mat domatter liewen, esou wéi den Noutausgang elo virgesinn ass. Dee läit jo och gutt esou. Mä et muss een awer och drun denke wéi d'Schüler haut iwwerleeën.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir haten hei am Gemengerot eng Kéier iwwer eng Passerelle geschwat, déi déi verschidde Gebaier solle matenee verbannen. Déi ass awer elo net am Projet hei virgesinn. A mer kennen alleguerten d'Pierre Hamer Strooss, a mer wëssen, datt do vill Verkéier ass. An et ass dem Gemengerot seng Aarbecht, fir entweder déi Strooss massiv ze berouegen, oder d'Passerelle ze bauen. Dofir sinn ech e bëssen enttäuscht wann déi Passerelle elo eréischt an enger spéiderer Phas géif realiséiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Passerelle kann eigentlech nëmme realiséiert gi wa mer déi aner Säit, wou mer erauskommen, an dat ass an der Schwämm, och dat adaptéiert hunn. Dir wësst, datt mer fir de Moment just deen ee Volet an d'Rei setzen, dat heescht de Volet Schwämm, an deen zweete Volet Sportshal gëtt eréischt an enger zweeter Phas realiséiert. An dat wäert 2011/2012/2013 sinn. An an deem Kader kann eréischt déi Passerelle Sënn maachen. Dat heescht, wa mer op der enger Säit mat der Passerelle fortginn, da musse mer och op der anerer Säit erauskommen, an dat muss adaptéiert ginn. An ech ka mer virstellen, wann d'Sportshal an d'Rei gesat gëtt, mer iwwer de 'Jo' oder den 'Neen' vun esou enger Passerelle décidéieren. An an deem Kontext kann een dat klären an do gëtt et och gekläert.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech gesinn einfach e Problem, well de Verkéier enorm zougeholl huet, a well d'Autoen zevill do geflu kommen. A bei der Maison Relais musse mer dofir suergen, datt sech dat Ganzt berouegt.

Ech hunn och vum Här Eischen héieren, datt net direkt virgesinn ass fir eng Cogeneratioun ze maachen. An do wollt ech eis selwer mat op de Wee gi fir dat net aus den Aen ze verléieren. An eng Photovoltaïqueanlag ass och net virgesinn. An dat ass natierlech schued, well mer hunn eng massiv Fläch vu Flaachdaach, op deem een d'Panneauen alleguerte schéin no Süde kéint ausriichten. Mir hätten dat kéinten no bannen hi mat engem éducative Volet verbanne fir de Kanner ze weise wéi dat fonctionnéiert a fir se drop hinzeweisen, datt dat d'Zukunft ass. An et deet mer leed, datt dat net direkt virgesinn ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir kënnt méi ewéi sécher dovunner ausgoen, datt eng Cogenerationsanlag dohinner kënnt. Mir si just nach net prett fir en definitivt Konzept vum Finanzement a vun der Gestioun virzeleeën, well mer nach mussen a Gespréicher mat Sudgaz trieden. Mä dee Projet wäert awer - ausser et géif een technesche Problem optrieden, dee mer net gesinn hätten - realiséiert ginn.

Mir wollten awer deen heiten Dossier schonn op den Instanzewee ginn, well mer wësse wéi laang datt et dauert bis esou eppes steet. A mer wollten d'Diskussiounen iwwer déi Cogenerationsanlag am Hierscht hei am Gemengerot féieren, well mer dovunner ausginn, datt bis dohinner de Projet kann dem Gemengerot virgeluegt ginn.

Wat d'Photovoltaïqueanlag ubelaangt, esou géif ech dem Här Eischen d'Wuert ginn, fir datt hien eis ka soen, wat do méiglech ass oder net.

Roby Eischen, vun Goblet Lavandier & Associés:

Technesch ass d'Surface fir eng Photovoltaïqueanlag do, an et kéint een och ouni Problem esou eng Anlag opriichten. Am Gesamtkontext vum Projet hu mer gesot - an dat ass d'Philosophie vun eisem Bureau - datt mer ëmmer fir d'éischt d'Gebai wëlle gutt apaken an de Bedarf reduzéieren. An d'Kiischt um Kuch - wann een dat esou ka soen - ass dann d'Photovoltaïqueanlag. Näischt verhënnert, datt een als Gemeng seet, datt een engersäits den éducative Facteur wëll mat eranhuelen, an zum Beispill ënnen eng Ansichtstafel mécht wou d'Kanner gesi wat vun der Anlag produzéiert gëtt. Technesch ass och virgesinn, datt déi Kabele kënne gezu ginn. Et stellt sech einfach d'Fro, ob een déi Kiischt um Kuch wëll hunn oder net. Technesch ass et kee Problem.

Et muss een awer och kucken, a wann ee weess wéi reduzéiert d'Budgeten an deenen nächste Joere wäerte sinn, a wéi enge Beräicher een de meeschten CO2 kann aspueren. A wann d'Budgete méi reduzéiert ginn, da muss een och Choixen treffen. Eppes ass sécher, an dat ass, datt am Kader vum Commodo d'Gemeng bis 2013 an der Sportshal an an der Schwämm eppes muss aneschters maachen. An an deem Kontext muss een dat sécher nach eng Kéier diskutéieren. Et ass awer elo net meng Aufgab fir dat ze décidéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif proposéiere fir am Kader vun der ganzer Diskussioun, déi mer am Hierscht wäerte féieren, dat doten nach eng Kéier mat ze analyséieren an ze kucke wat sënnvoll ass a wat een dobäi ka gewannen.

Carlo Gira (CSV):

Ech si frou, datt bei deem heite Projet en Energiekonzept virgeluegt gëtt, a wou dann och d'Méiglechkeet besteet fir dat wäitméiglechst auszebauen, an dat no deene finanzielle Mëttelen déi eis zur Verfügung stinn.

Ech hunn awer eng Fro zum Ausbau vun der Schoul. Während der Zäit wou ëmgebaut gëtt, sti jo awer eng Rei Säll net zur Verfügung. Entstinn do keng Enkpäss?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hu schonn driwwer geschwat, a mer hunn dem Architekt schonn d'Messer op d'Broscht gesat. An hien ass am gaangen eng Léisung ze siche fir datt déi Aarbechten esou mann wéi méiglech Repercussiounen op eise Schoulbetrib hunn. Wann an engem Haus geschafft gëtt, da ginn et sécherlech Repercussiounen op de Fonctionnement vum Betrib, mä mir kucken awer fir dat op e maximale Minimum ze reduzéieren an an der grousser Vakanz de Gros ze maachen.

Wa Problemer sollten entstoen, da rechne mer mam Versteesdemech vum Léierpersonal, well duerno kréien se awer e ganz flotte Projet dohinnergestallt.

Carlo Gira (CSV):

Hunn ech richteg verstanen, datt beim Repas sur roues d'Zouliwwerung net iwwer de Gank vun der Maison Relais, mä duerch d'Kiche selwer, geschitt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg.

Carlo Gira (CSV):

Ze begréissen ass och, datt dee Raum, deen uewenop entsteet, och ka genotzt gi wann d'Maison Relais net fonctionnéiert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass eise Wonsch fir esou vill wéi méiglech déi Säll, déi mer hunn, polyvalent kënnen ze bedreiwen. D'Schoul ka vun deene Säll profitéieren, d'Maison Relais kann dovunner profitéiere wann d'Schoul aus ass. Et sinn och keng Iwwerschneidungen do. Ob mer déi Säll och fir Veräiner sollen opmaachen, musse mer eis nach iwwerleeën.

Carlo Gira (CSV):

Konferenzen, déi an Zesummenhang mat der Schoul sinn, kéinten awer do stattfannen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat dierft kee Problem sinn.

Carlo Gira (CSV):

Wat d'Fonctionnementskäschten ugeet, esou ass och schonn an anere Gemenge gesot ginn, datt ëmmer méi Chargen op eis duerkommen. Well Chèques-service ginn ëmmer méi genotzt, an et schéngt jo awer esou ze sinn, datt mer eis déi Käschten eng Kéier musse ganz mam Stat deelen.

Da sinn ech och der Meenung, datt dofir gesuergt muss ginn, datt de Parking vun der Sportshal muss genotzt ginn. An net, datt d'Eltere bis virun d'Maison Relais fueren, an datt domatter weider Geforepunkten entstinn. Dofir soll dat gutt ofgeséchert ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass och eng Erzéiung vun den Elteren. Wa se wëssen, datt se net méi do duerfe parken, a wa genuch Kontroll op der Plaz duerch d'Police gemaach gëtt, da gi se sech vum selwe schonn op de Parking vun der Sportshal stellen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir loossen de Moment och duerch eng spezialiséiert Firma eng Etude maache fir ze kucken, wat mer op verschiddene Plaze vun 'mesures d'appaisement' am Verkéier kënnen maachen.

Carlo Gira (CSV):

D'Sécherheet op der Spillplaz ass och schonns ugeschwat ginn. Ech sinn och domatter d'accord, datt sech do keng Hënn sollen erëmtoben. Et ass jo awer gutt, datt d'Kanner och am Dag déi Anlage kënnen notzen, well soss si se awer ze deier wa se no de Schoulzäiten direkt zougespaart ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do ginn ech iech vollkomme Recht. Mir sinn och am gaange fir eis am Kader vum Polizeireglement Gedanken ze maachen, wéi mer den Accès vun deene Spillplazen, respektiv vun deene Schoulhäff reglementéieren. Mä d'Police ka keng Kontrolle maachen, an och keng Interventioun maache wa kee Reglement do ass. An dat Reglement ass och net esou einfach ze maachen. Well e Kand vu 15 Joer, huet dat nach e Recht fir an e Schoulhaff ze goen? Do kann ee gedeelter Meenung sinn. Engersäits kann ee frou si wa se mat 15 Joer am Schoulhaff Fussball spillen. Anerersäits kann ee soen, datt de Schoulhaff just fir d'Primärschoul do ass. An dat sinn Diskussiounen, déi mer musse féieren. Mir mussen eis iwwerleeë wat gutt ass a wat net. An am Kader vum Polizeireglement wäerte mer doropper ze schwätze kommen.

Carlo Gira (CSV):

Dat ass awer och - esou wéi d'Madame Conter et scho gesot huet - eng Saach vun der Erzéiung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ganz richteg.

Roger Klein (LSAP):

Mir bauen elo eng ganz Rei vun neie Schoulsäll, an dofir meng Fro: Wéivill Klasse sinn duerno definitiv op deem Site? Wa mer elo d'Zuel vun de Klassen huelen, a mer multiplizéieren dat mat 18, da wësse mer jo fir wéivill Schüler dee Site ausgeluegt ass. Well ech sinn der Meenung, datt - duerch den Ausbau, d'Renovéieren an d'Ëmänderungen - mer u sech méi verbaue wéi mer effektiv u Plazen erëmkréien. Ass och gewosst, wéivill Quadratmeter Schoulhaff nach iwwereg bleiwen? Si mer dann - wat déi erwaardend Schülerzuel ugeet - nach an de Normen wat Gréisst vum Schoulhaff ugeet?

Marco Bidaine, vum 'Atelier d'architecture Beng':

Et ass effektiv esou, datt mer méi verbaue wéi mer zeréckkréien. Mä mir hunn awer trotzdem déi ganz Fläch, déi fräibleift, par rapport zu de Schüler ausgerechent an erausfonnt, datt déi Surfacen duerginn an an den Norme leien. Mir hu bei der Ausrechnung déi Gesamtfläch geholl. Wann een natierlech elo déi eenzel Häff fir sech hélt, da fënnt ee vläicht eraus, datt eppes géif feelen. Mä déi Häff gi jo och zu vereenzelten Zäite genotzt, esou datt déi Gesamtfläch par rapport zu der Schülerzuel an der Rei ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Klassesäll ubelaangt, esou kann ee soen, datt fir de Moment 2 Précoceklassen do sinn, esouwéi 10 Préscolaire- an 17 Primärklassen. Dat heescht et sinn am Ganzen 29 Klassen. Duerch den Ëmbau hei komme menges Wëssens nëmme 4 Préscolaire- an 1 Primärsklass dobäi, dat heescht mir géifen da bei 34 Klasse leien. Et ass net esou, datt mer wahnsinneg vill Klasse bäikréien, mä et kommen awer mat 5 zousätzleche Klasse ronn 100 Kanner méi op dee Site.

Guy Brecht (LSAP):

Meng Froe sinn am Fong geholl schonn alleguerte beäntwert ginn. Ech hätt awer nach eng Fro zu der Schwämm. Wou ass elo virgesinn datt d'Kanner schwamme ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer an der grousser Schwämm e Léierbecken hunn, deen

elo ganz nei gemaach a mat Inox agekleet gëtt. An dee Léierbasseng sollen déi Kleng bis zweet, maximal drëtt Schouljoer goen. Am ganze sinn dat maximal 18 Klassen pro Semester. An déi méi grouss Kanner, souwéi de Lycée, gi jo an dee grousse Basseng, esou datt déi zwou Saache kënne matenee fonctionnéieren.

An datt mer d'Schwämm an der Eigent-Schoul suppriméieren huet e puer Ursaachen. Mir kënnen eis net erlaben nach eng drëtt Schwämm an der Gemeng ze hunn. An un déi Schwämm hei hätte mer miissten - laut eisen Héichrechnungen - eng 3 Milliounen Euro drun hänke fir se a Stand ze setzen. An et géif eis nees Plaz feele fir de Schoulhaff, well do, wou elo nach d'Schwämm ass, soll jo de Schoulhaff hikommen nodeems d'Schwämm ewechgerappt ginn ass.

Guy Brecht (LSAP):

Dat ass richteg, well eppes aneschters géif och kee Sënn maachen.

Approbation à l'unanimité.

3.b.

Prévisions sociales.

Extension et rénovation de l'éducation précoce et de l'école primaire à Pétange: projet définitif - approbation.

Approbation à l'unanimité.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wollt matdeelen, datt den Organigramme vun eise Betriber fäerdeg ass. Mir ergänzen en awer nach mat deenen Décisiounen déi mer haut geholl hunn. En ass och nach bei den Delegatiounen, fir datt déi och nach eng Kéier kënnen driwwer kucken. Ech rechnen also domatter, datt de Gemengerot och geschwënn am Besëtz vun deem Dokument wäert sinn, esou datt dir och d'Iwwersiicht hutt iwwer déi Leit, déi op der Gemeng agestallt sinn. Am Ganze sinn et 247 Mataarbechter, déi an eise verschiddene Servicer schaffen. Wéi gesot, de Gemengerot wäert dat Dokument elo an der Vakanz zougestallt kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt eng Fro zum Dokument iwwer d'Versammlung vum Comité vum Siach, dat am Sekretariat auslouch. Do konnt e liesen, datt se wëllen op de Wee goen, datt am ganze Süden nëmme méi ee Syndikat soll bestoen. Ech selwer si guer net waarm fir déi Saach. Well da kréie mir duerno nees deen drëtte Präis, dat heescht, déi déck Gemenge räisse sech alles ënnert de Nol, d'Sue gi bei deene verschafft a mir hunn näischt. Während de Moment hu mer um Niveau vum Siach eng Iwwersiicht, an et kann ee seng Aarbechte selwer andeelen, ouni datt ee muss soen, datt eppes net ka gemaach gi well mer keng Suen aus deem Ganze kréien. Dat ass meng Meenung, wou ech dat gelies hunn datt proposéiert ginn ass fir aus deene 4 Siten nëmme méi ee Syndikat ze maachen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wann ech als President vum Siach dierf äntweren, da kann ech iech soen, datt de Siach déi selwecht Meenung huet wéi dir. Mir sinn der Meenung, datt mer genuch Potential a genuch Capacitéit hu fir alleng kënnen ze schaffen. Et war e Wonsch vum Inneministère, dee gesot huet, datt et flott wier wann nëmme méi een Ofwaassersyndikat am Süde wier. Mir hunn awer festgestallt, datt déi zwee aner Syndikater net déi selwecht Missiounen hunn ewéi Péiteng. Mir maachen nëmmen Ofwaasser, an déi aner maachen och nach zum Deel Recyclage dobäi. Mir schaffe mat ënnerschiddlechen Techniken. A wann een dann d'Plus-value ofweit, da géif ee just um politeschen Deel eppes gewannen andeem een déi eng oder aner Delegatioun géif aspueren. Mä um techneschen an um mënschleche Plang géif näischt agespuert ginn. Mir hunn an deem Sënn och vun deenen 3 Syndikater eng 'prise de position' ënnerschriwwen, déi mer och un de Minister geschéckt hunn. An doranner steet, datt mer selbstverständlech Synergie sichen, awer net drun denke fir an absehbarer Zäit ze fusionéieren.

5.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 8.993.823,04 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt eng ganz Rei vu Recette virleien, an eng vun de Recetten ass e Montant vun 1.678.680,90 €, wat 90% vum Subsid vum Ministère de la culture fir d'Waxweiler Millen ausmécht. Da gesitt der och nach, datt mer d'Dotation de l'Etat an den Impôt commercial vum 2. Semester kritt hunn. A besonnesch beim Impôt commercial mierkt ee schonn, datt d'Avancen zeréck ginn. Et ass zwar nach net alarmant, mä et ass manner wéi déi Trimestere virdrun.

Guy Brecht (LSAP):

Erfreelech ass och, wann ee gesäit datt d'Recette vun eiser Buvette an der Schwämm erëm an d'Luucht ginn. Ech ginn also och dovunner aus, datt de Moment déi Schwämm ganz gutt besicht ass.

Ech gesinn, datt mer nach e Subsid 'pour la transformation de la piscine en plein air' kréie vun 2.600 €. War deen iergendwéi vergiess ginn, oder kënnt dee Subsid all Joer erëm? Oder wat ass dat genee fir ee Subsid?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass e Sold, dee mer kritt hunn. Mir hu virun engem gudde Joer en Dekont gemaach, a mir hunn do nach 2.600,96 € kritt. Mä et kënnt awer elo näischt méi do no.

Approbation à l'unanimité.

6.1.

Propriétés.

Cession d'une contre-emprise sise à Rodange, lieu-dit "rue Adolphe", à M. Zdravko MARIC, de Rodange - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dës Contre-emprise huet eng Gréisst vun engem Zentiar. Déi Cessioun kascht 8 €.

Approbation à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.2.

Propriétés.

Cession d'une emprise à Rodange, lieu-dit "chemin de Brouck", par Mme Marie-Yvonne MEISCH épouse DESORBAY, de Pétange - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dës Emprise huet eng Contenance vun 62 Zentiar. Dës Acquisitioun gëtt awer gratis gemaach an de But dovunner ass eng 'utlité publique' an d'Emprise gëtt integréiert an den 'domaine communal'

Approbation à l'unanimité. MM. Brecht et Pierre, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

6.3.

Propriétés.

Cession d'une emprise sise à Rodange, lieu-dit "rue du Clopp" par

M. et Mme Carlos TRAVESSA-BATATA, de Rodange - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Gréisst vun dëser Emprise ass 12 Zentiar. Déi Acquisitioun mécht sech gratis an d'Emprise gëtt integréiert an den 'domaine communal'.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.4.

Propriétés.

Vente de deux parcelles sises à Pétange, lieu-dit "rue du Parc" à M. et Mme Nicolas MAJERES-HANSEN de Pétange - approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi zwou Parzellen hunn zesummen 2 Zentiar an de Verkafspräis beleeft sech op 408 €.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.5.

Propriétés.

Installation d'une centrale de détection d'incendie et d'intrusion au centre de secours de la Protection Civile à Pétange - approbation du devis et d'un crédit supplémentaire - décisions.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi der wësst si mer jo beméit eis Gebaier ëmmer méi sécher ze maachen, esougutt géint Feier wéi och géint Vandalismus an Abroch. Esou Installatiounen hate mer nach net op eisem Site vun der Protection Civile. A wann ee weess wat a leschter Zäit esou an de Gebaier vun der Protection civile oder bei de Pompjeeë lass war, dann ass et ganz gutt wa mer op dee Wee géife goen an och déi Gebaier méi sécher maachen. Den Devis fir dës Aarbechte läit bei 22.000 €. Dat ass natierlech net bëlleg, mä et ass awer wichteg, datt mer dat Gebai mat esou enger Anlag ausrüsten.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass ze begréissen, datt een déi Gebaier ofséchert, well ebe vill Vandalismus ass a besonnesch well dat Gebai och e bëssen alleng läit.

Ech wollt awer nach froen, a wéi fern déi Saach mat der Protection Civile an de Pompjeeën hei am Kordall steet? Leeft do schonn eppes, oder bleift de Moment nach alles esou bestoe wéi et elo ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Pompjeeswiesen ubelaangt, esou ass dat eigentlech jo e Gemengeservice, an do huet d'Péitenger Gemeng Installatiounen, déi adequat sinn an déi tipp topp an der Rei sinn. Wat d'Protection Civile ubelaangt, esou lafen do Bestriewunge fir déi op enger Plaz ze zentraliséieren. Do hate mer schonn eng Kéier eng Diskussioun mat Käerjeng, Kënzeg an Dippech, fir ze kucke wéi mer eng gemeinsam Situatioun kënne schafen. Do komme mer awer net esou richteg vun der Plaz, well et ëmmer Diskussiounen iwwer de Site ginn. Et ware schonn 2, 3 Siten am Gespréich, mä déi Site sinn ëmmer erëm aus ënnerschiddleche Grënn vun deenen Acteuren, déi do sollen hiren Déngscht maachen, net acceptéiert ginn. Mir wäerten also kuerzfristeg kaum eng Léisung do fannen. Mir waren och schonn um Inneministère fir ze kucke wéi een dat kéint zesummeleeën. Mä dat ass awer nach e klenge Wee bis mer do sinn. A bis dohinner wëlle mer gären d'Raimlechkeeten op der Lénger-Strooss ofsécheren. A wann eng Kéier d'Protection Civile sollt aus deene Raimlechkeeten erauskommen, da ginn déi Raimlechkeeten net ewechgerappt mä géife fir aner Zwecker gebraucht ginn, esou datt déi Anlag net verluer ass. Well déi Raimlechkeete si jo nach an engem ganz gudden Zoustand.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.

Prévisions sociales.

Centre de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes "Péitenger Jugendhaus" asbl - convention pour avec le Ministère de la famille et de l'intégration pour l'exercice 2009 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass och een Exercice, deen all Joer erëmkënnt. An zwar ass et d'Conventioun mam Familljeministère am Kader vum Péitenger Jugendhaus, dat mir jo zur Halschent mat finanzéieren. A wa mer haut déi 140.300 € stëmmen, da kann ee roueg soen, datt mer déi Sue gutt ausgi fir eist Jugendhaus. Well mer hunn e Jugendhaus, dat gutt fonctionnéiert, esouwuel zu Péiteng wéi och zu Rodange. Et gëtt gutt besicht, an si gi sech ganz vill Méi a maache ganz flott Aktivitéiten, wéi zum Beispill Projeten iwwer d'Toxicomanie, d'Bedeelegung bei der Kavalkad, Virféierunge mat Danz, d'Besiche vum Péitenger Fleegeheem, asw. . Et kann an et soll een also roueg déi Saach nach wieder ënnerstëtzen.

Carlo Gira (CSV):

Ech begréisse wierklech déi Aarbechten, déi an deem Jugendhaus gemaach ginn. Mä wier et net méiglech, datt se am Jugendhaus och heiansdo drun denke fir bei gréisser Saachen de Gemengerot och ze invitéieren, well da kéint ee sech nach méi e Bild driwwer maache wat 'sur place' gemaach gëtt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mitr wäerten eis dorëmmer këmmeren.

Approbation à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Ratification à l'unanimité. M. Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.2.

Enseignement.

Commission scolaire - composition - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat neit Schoulgesetz gesäit vir, datt d'Zesummesetzung vun der Schoul-kommissioun aneschters ass. Mir haten dat schonn hei diskutéiert wéi déi ausgesäit. Mir haten och en Appel un déi eenzel Parteie gemaach fir datt se hir Kandidaturen sollen eraginn. Et huet sech net vill geännert, just datt den Här Paschtouer elo duerch d'Madame Marianne Termont-Ihry vun 'Déi Gréng' ersat gëtt, well den Här Paschtouer elo am Prinzip net méi e gesatene Member vun der Schoul-kommissioun ass. A well 'Déi Gréng' bis haut nach kee Member an der Schoulkommissioun haten, hu mer gesot, datt se och sollen hir Kandidatur stellen. Esou datt mer haut 6 Nimm virleien hunn, an dat ass d'Madame Christiane Hamen an den Här Daniel Köhler vun der CSV, den Här Alain Krecké an den Här Albert Muller vun

der LSAP, den Här Jakob Tautges vun der DP an d'Madame Marianne Termont-Ihry vun der grénger Partei. De Buergermeeschter bleift weiderhi President vun der Schoulkommissioun. A wa mer déi Leit haut hei stëmmen, dann hu mer de Volet vun de Politiker ofgedeckt. Déi 3 Membere vum Léierpersonal, déi nach feelen, wäerte mer bis September nach kréien an déi 3 Membere vun den Eltere ginn eréischt am Oktober - esou wéi d'Gesetz et virgesäit - definéiert. Mir mussen also nach bis Oktober / November rechne bis déi ganz Kommissioun erëm komplett do steet, an da si mer zu 13 an däer Kommissioun.

Des 13 bulletins trouvés dans l'une, tous portent la mention 'Oui'. En conséquence, M. Pierre Mellina est nommé président de la commission scolaire, tandis que Mme Christiane Hamen, MM. Daniel Koehler, Alain Krecké, Albert Muller, Jacob Tautges et Mme Marianne Termont-Ihry sont nommés membres de ladite commission.

8.3.

Enseignement.

Organisation scolaire 2009/2010 - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass relativ schwiereg fir d'Schoulorganisatioun ze maachen. Mir hunn iech de leschten Detail, dee mer de Moment hunn, an d'Schoulorganisatioun dragesat, de Volet wou déi eenzel Léierpersounen affektéiert sinn. Vun deenen neien, déi mer krut hunn, - dat ass eng ganz Rei vun deene brevetéierten op der Lëscht 1 - an déi hate mer jo hei gestëmmt - sinn et d'Mme Sandra Goudembourg, d'Mme Corinne Remy, d'Mme Véronique Heitz, d'Mme Nathalie Seyler an d'Mme Lisa Fonseca. Si hunn och alleguerten dem Cycle 1 zougesot. Beim Cycle 2 hate mer 3 Kandidature gestëmmt op der Lëscht 1, mä et ass awer nëmmen eng Dame déi Péiteng als Preferenz gesat huet, an déi ass dann och schlussendlech hei am drëtte Schouljoer. Et ass dat d'Mme Laura Tomasini. Dann hu mer op der zweeter Lëscht eng Rei vu Leit vum Ministère affektéiert krut. An dem Cycle 1 (Précoce) ass et Mme Sandra Berg an am Cycle 1 (Préscolaire) ass et d'Mme Alessia Cavuoto. An déi Dame mécht de Babbelcours zu Péiteng.

Dann hu mer am Cycle 2 bis 4, dat ass déi fréier Primärschoul, d'Mme Tania Mancinelli vu Suessem (1. Schouljoer 'An Eigent' zu Péiteng), d'Mme Michelle Prott vu Schéffleng (5. Schouljoer 'Am Park' zu Péiteng), Mme Françoise Greto vum Bridel (5. Schouljoer 'Am Park' zu Péiteng), Mme Estelle Dalscheid vu Suessem (6. Schouljoer 'Am Park' zu Péiteng), Mme Cindy Alberty vu Rodange (2. Schouljoer 'An Eigent' zu Péiteng).

Dann hu mer och eng ganz Rei vu Leit op der Lëscht, déi am Fong geholl 'reserve suppléant' sinn. Do ass et d'Mme Margot Noesen, d'Mme Marielle Schmit an d'Mme Michèle Morang. Am Cycle 2 bis 4 ass et d'Mme Michèle Orban, d'Mme Colette Wanderscheid, d'Mme Marguy Weiler, d'Mme Anne Bellion an d'Mme Alice Sadler.

Wat déi Leit ugeet, déi 'à durée indéterminée' bei der Gemeng sinn, esou hunn déi och alleguerten eng Affektatioun hei zu Péiteng krut. Et sinn dat d'Mme Marianne Brosius, d'Mme Nicole Boreux, d'Mme Romaine Hoeltgen, d'Mme Brigitte Mersch, d'Mme Micheline Steichen, d'Mme Christiane Schmit, d'Mme Pia Hoerold, d'Mme Gaby Weydert, den Här Claude Degano, d'Mme Jacqueline Kugener, d'Mme Marie-Ady Rota, d'Mme Carmen Santioni, d'Mme Sonia Bill, d'Mme Mylène Konz, d'Mme Emilie Olinger, d'Mme Marie-Madeline Reding an den Här Henri Kleren, deen nach affektéiert ginn ass fir 12 Stonne Musek an de Schoule vu Péiteng a Lamadelaine ze halen.

Et bleiwen awer nach eng Rei Posten ze besetzen. An dat sinn 3 hallef Tâchen am Cycle 1 (dat ass am fréiere Préscolaire, respektiv fréiere Précoce) an am Cycle 2 bis 4 zwee Posten am Accueil, 2 Poste fir d'Education physique zu Péiteng an ee Poste fir d'Education physique zu Rodange, 1 Poste fir d'Morale laïque zu Rolleng an 1 Poste fir Déchargen an der Schoul 'Eigent' zu Péiteng.

Dat sinn déi Posten, déi nach ze besetze sinn, a wou mer drop waarden, datt de Ministère eis dann nach Leit affektéiert. Ech hu mer soe gelooss, datt se nach Leit vun anere Gemengen hunn, déi se net affektéiere konnten, an déi wahrscheinlech dann op Péiteng kommen.

Wat déi 'contrats à durée indéterminée' ubelaangt vun deene Leit, déi bis elo bei eis geschafft hunn, sou muss ech iech soen, datt déi Leit wahrscheinlech an enger éischter Phas nach ëmmer bei eis ënner Kontrakt bleiwen, an datt mer iwwer eng Conventioun mam Ministère de l'éducation nationale hinnen déi zur Verfügung stellen, an der Hoffnung, datt am Laf vun dësem Schouljoer och déi Situatioun regulariséiert gëtt.

Dat ass dat, wat de Volet vum Personal ugeet. Ech wëll awer dobäifügen - wat déi ganz Saach vun den Annexen ubelaangt - , datt dee Volet och staark reduzéiert ginn ass. Et stoungen ëmmer eng ganz Rei Saachen dran, fir déi d'Gemeng elo net méi zoustänneg ass. Et bleiwen deemno elo nëmmen nach déi Saachen iwwereg wou d'Gemeng nach zoustänneg ass. Dat ass zum Beispill d'Schnéiklassen, d'Sécherheet an de Schoulen, d'Coupe scolaire, de Schoultransport, de Verkéiersgaart, d'Activités périscolaires, de Service Médico-Socio-Scolaire, dat heescht, alles Saache wou d'Gemengen nach responsabel sinn am Kader vun der Schoulorganisatioun.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer opgefall, datt mer de Schouldokter nennen, mä datt den Zänndokter vum Ministère de la Santé proposéiert gëtt. Dat heescht dee Choix kënne mir als Schoulkommissioun net méi huelen. Si bestëmme bei watfir een Zänndokter d'Kanner musse goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg, mä dat ass och scho méi laang esou.

Accord à l'unanimité.

8.4.

Enseignement.

Organisation scolaire 2009/2010 - indemnités - décisions

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et ëm d'Indemnitéiten, déi am Kader vun der Schoulorganisatioun bezuelt ginn. Do ass och eng ganz staark Reduktioun gemaach ginn. Déi Fräistellunge vum Léierpersonal fir d'Bibliothéik ze maachen, fir Material anzekafen, fir Bicher ze kafen, fir déi ganz Organisatioun vun der Schoul ze assuréieren, falen elo ewech. Déi si jo elo am Kader vun deem Comité d'école geregelt. Et bleift awer nach déi eng oder aner Saach opstoen, an déi bis elo nach ëmmer vun der Gemeng hu miissten assuréiert ginn. An an deene Fäll, wou dann d'Léierpersonal déi Aufgaben iwwerhëlt, hu mer dat dra stoe gelooss. An dat sinn u sech nach 3 Punkten. Dat ass 'confection des plans d'études', dat heescht d'Gestioun vun den Horairen, wéi zum Beispill wie wéini an d'Schwämm oder an d'Turne geet.

Och d'Indemnitéite fir d'Léierpersonal, dat un der Vakanzaktioun deelhëlt, an do Chef-moniteur ass, behale mer bäi.

Och déi Schoulmeeschteren, déi d'Coordinatioun vum Internet-Site

'myschool' maachen, kréien eng Indemnitéit. Et gi Gemengen, déi di Coordinatioun extern maache loossen, wat awer en heede Geld kascht. Mir sinn hei op de Wee gaangen, datt sech 3 Schoulmeeschteren dorëm këmmeren, ee fir all Uertschaft. An déi Indemnitéit gëtt net méi gerechent, wéi dat fréier nach de Fall war. Fréier war déi Aufgab kompenséiert ginn duerch eng 'leçon hebdomadaire'. Dat war en 'enseignement direct', an do war e gewëssenen Tarif virgesinn. Elo gesi mer dofir '2 heures par semaines' vir, a wat de Präis ubelaangt, leie mer op deem wat mer fréier bezuelt hunn. Et ass just aneschters ausgedréckt, well mer et net méi a Form vun enger Fräistellung kënne regelen.

Dat sinn déi dräi Punkten. Wat awer och nach bleift ass, datt de Sekretär vun der Schoulkommissioun an de Sécherheetsdeleguéierten eng Indemnitéit zegutt hunn. Deen Tarif ass onveränert bliwwen.

Dat sinn déi eenzeg Indemnitéiten, déi d'Gemeng am Kader vun der Schoul nach bezilt.

Accord à l'unanimité.

8.5.

Enseignement.

Liste des enseignants et chargés de cours de religion pour l'année scolaire 2009/2010 - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi all Joer kréie mer vum Äerzbistum eng Lëscht mat deene Leit, déi an eise Schoulen intervenéieren am Kader vum Reliounsunterrecht. A mer géifen déi Lëscht dann haut zum Vote stellen.

Approbation par 12 voix (CSV, DP, LSAP) et une abstention (Déi Gréng).

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir sinn nach wie vor dergéint, datt just eng Relioun an der Schoul kann ënnerriicht ginn, a mer sinn nach ëmmer fir e Wäerteunterrecht. Haut sinn déi zwou grouss Regierungsparteien zesumme fir e Pabeier ënnerschreiwe wéi et an Zukunft soll virugoen. A mir wieren natierlech och ganz frou, wann dat och géif an deem Pabeier niddergeschriwwe ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss éierlech soen, datt ech net esou optimistesch sinn ewéi Dir.

9.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire pour l'exercice 2009/2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi all Joer hutt der eng éischt Versioun vun der Schoulorganisatioun vun der Musekschoul virleien, déi relativ einfach gehalen ass.

Mir hunn awer schonn eng ganz Rei vun Informatiounen disponibel. Wann een d'Aschreiwunge kuckt, déi bis haut gemaach sinn, da leie mer elo scho bei 524 Aschreiwungen. Ëm déi selwecht Zäit hate mer am Joer 2007 456 an 2008 487 Aschreiwungen. Dat heescht mir leie scho mat deenen 524 Aschreiwunge ganz no un deenen definitiven Zuele vun de Schouljoeren 2007 an 2008. Esou datt mer och dëst Joer mussen dovunner ausgoen, datt mer bei der Gréissenuerdnung vum Schouljoer 2008/2009 wäerte leien.

Ech wollt awer och nach eng Präzisioun zum Reglement maachen. Do hu mer zwee Punkten e bëssen nogebessert. Deen ee Punkt ass am Artikel 4, wou elo steet 'La formation musicale/solfège est obligatoire jusqu'au diplôme de la 1re mention au moins. Tout autre diplôme ou certificat peut être reconnu comme équivalent par le chargé de direction.' Dat heescht, et muss een déi 3 éischt Joere Solfège gemaach hunn. Dat ass och ëmmer esou gemaach an och ugewannt ginn, mä et war eigentlech kee richtegt Reglement do. An d'lescht Joer, wou mer zu deem engen oder anere gesot hunn, datt e muss ophale well en net méi an de Solfège géif goen, hu mer gemierkt, datt mer kee richtegen Text hu wou dat steet. A well déi Responsabel vun der Musekschoul der Meenung sinn, datt dat awer den absolute Must ass, wollte mer dat aktéiere fir datt et kloer ass, datt ee muss déi 3 Joer Solfège maache wann ee wëllt en Instrument an der Musekschoul maachen.

Dann ass nach de Punkt 4.1., dee leider Gottes ëmmer méi kënnt, an dat ass, datt d'Kanner oder d'Schüler net méi an d'Musekscourse kommen, datt se einfach doheem bleiwen. A mer haten däer Fäll ëmmer méi, a mer wollten hei ganz kloer soe wat geschitt, wann een 3, 4, 5 Mol hannerenee feelt. Da muss fir d'éischt de Chargé de cours intervenéieren, duerno de Chargé de direction, an da soe mer awer ee Moment, datt et Schluss ass. Well et kann net sinn, datt de Chargé de cours all gudden Dag do steet op de Schüler ze waarden, an de Schüler trëtt net un. Dat ass net de richtege Wee, esou datt mer wëllen e bësse méi streng do virgoen an dem Direkter d'Méiglechkeet gi - wann ee Schüler regelméisseg net kënnt an e gouf avertéiert - fir e vun der Schoul ze verweisen.

Et gëtt natierlech e Recours-Recht, deen ee ka beim Schäfferot akloen, a wou de Schäfferot ka kucken. Mä mir sinn eis awer och am Schäfferot eens, datt et net ka sinn, datt een an enger Schoul ageschriwwen ass a just kënnt wann ee Loscht huet. Dat ass keng seriös Aart a Weis fir Coursen ze suivéieren.

Dat sinn déi zwou Saachen, déi mer am Reglement geännert hunn. Soss ass dat Reglement d'selwecht wéi déi Joere virdrun.

John Polfer (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir hutt all Detailer elo hei ginn. Dat eenzegt wat ee kann zu der Disziplin soen ass, datt virdrun do stoung, datt eréischt vun der 4. Lektioun wou ee feelt eppes géif ënnerholl ginn. Hei ass einfach elo gesot ginn, datt scho bei der 3. Lektioun, wou ee feelt, eppes kann ënnerholl ginn.

Dann ass nach ze soen, datt och intern, bei der Organisatioun vun hire Manifestatioun, e Reglement besteet, wéini wat muss ugefrot ginn. Net datt deen ee mat den Tromme fort ass, wann en aneren och nach eng Tromm bräicht.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt nach eng Präzisioun kréien an der Saach, wann e Schüler elo dräimol feelt. Do steet am Reglement 'Le chargé de direction avertira par écrit le tuteur de l'enfant et décidera du renvoi des élèves'. Ass dat elo fest, datt de Schüler no der drëtter Kéier muss goen? Well - wann een d'Reglement esou hëlt - steet do näischt Festes dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Schouldirekter décidéiert de Renvoi. Et soll een natierlech ëmmer kucke wat de Grond ass. Mir haten ee Fall, wou de Schüler eng länger Zäit am Ausland war an d'Méiglechkeet net hat fir ze äntweren, an et muss een dem Direkter och d'Méiglechkeet gi fir d'Situatioun eng Kéier ze analyséieren an dann eréischt säi Choix ze treffen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass an der Rei. Meng Fro huet sech och op déi Schüler bezunn, déi einfach keng Loscht hu fir an d'Musekschoul ze goen.

Guy Brecht (LSAP):

Bei den Instrumenter steet 'placement de voix'. Wat ass dat genee?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat Fach huet mam Sangen ze dinn.

Accord à l'unanimité.

10.1.

Vie associative.

Latino Dancers Pétange: changement du subside de base - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi eenzel Punkten, déi elo kommen, hänken alleguerten zesummen. Dofir wéilt ech ganz gäre vu menger Säit kuerz eppes zu de Subside soen. Engersäits wollt ech ënnersträichen, datt mer zwee Veräiner wollten op déi definitiv Lëscht ophuelen. Eist Reglement gesäit vir, datt e Veräin an enger éischter Phas e 'subside fixe' kritt, a wann en dann eng Aktivitéit huet, an d'Commissioun kënnt zu Conclusioun, datt dee Veräi sollt e 'subside de base' kréien, da gëtt dat hei am Gemengerot décidéiert.

Mir hunn eng Rei vu 'subsides de base' déi virgesi sinn. Haaptsächlech sinn dat 250 Euro fir all normale Veräin, 500 Euro fir gréisser Sportsveräiner. Mir hunn 1.250 Euro fir d'Museksveräiner an 2.500 Euro fir d'Syndicater. Dat sinn d'Montanten, déi mer eng Kéier heibannen décidéiert hunn. An et läit elo eng Propositioun hei um Dësch fir den 'Latino Dancers' an dem 'Foi et Lumière' op d'Lëscht vun deene Veräiner, déi e 'subside de base' kréien, opzehuelen.

Wat d'normal Subsiden ubelaangt, esou stellt ee fest, datt op Grond vun deem neien, adaptéierte Subsidereglement vum 23. Abrëll 2009, eng liicht Augmentatioun ze verzeechnen ass. Esou ass de Montant vun de Subsiden, déi mer ausbezuelen, ëm 17% eropgaangen. Dat ass elo net allzevill, well et konnt een an der Press liesen, datt zum Beispill zu Beetebuerg - wat jo méi eng kleng Gemeng ass wéi Péiteng - méi Subsiden ausbezuelt gi wéi bei eis. Mir leien also nach an engem normale Beräich. Op der anerer Säit gouf et eng liicht Verschibung. Dat heescht, de 'subside fixe' spillt ëmmer eng manner grouss Roll, an d'Aktivitéit an d'Jugendaarbecht gëtt nach weider gefördert. An dat ass jo op Grond vum neie Reglement vum 23. Abrëll 2009 esou vum Gemengerot gewënscht.

Et sinn elo nach 34% 'subsides fixes', 23,8% fir d'Aktivitéiten, 20,4% fir d'Jugendaarbecht an 21% fir Präsenz bei deene wichtege Feierlechkeeten, fir d'sportlech Performancen, asw..

Et ass esou, datt dee fixen Deel nëmmen nach een Drëttel ausmécht, an de Rescht ass eng Evaluatioun. An dat ka variéieren, deemno wéi een zum Beispill bei der Jugendaarbecht aktiv ass oder net.

An deem Kontext kann och nach vläicht op eng Propositioun higewise ginn, déi exzeptionell ass. Dir wësst, datt de Volleyball während Jorzéngten d'Coupe d'Europe gespillt huet, an dofir all kéiers och e substantielle Subsid kritt huet. Fir all Tour, deen se gespillt hunn, hu se 800 Euro kritt. Si haten awer d'lescht Joer e wesentleche Problem, well se duerch d'Auslousung op Équipë gefall si wou se hätte miissten zweemol ganz wäit fueren, a wou se dat finanziell net méi verkraft hätten. An doduerch hu se am Fong geholl Forfait erkläert. A si ware sech bewosst, datt se miissten 3.000 Euro Strof un d'international Federatioun bezuelen, mä dat war nach dat klengsten Iwwel am Verglach wat den Déplacement kascht hätt.

Si hunn eis rezent e Bréif geschriwwen, an deem se eis matgedeelt hunn, datt se a finanziell ganz schlechten Dicher stinn. Dat kann awer keng Ursaach si fir e speziale Subside ze kréien, well et nach méi Veräiner ginn, déi schlecht do stinn. Mir hunn awer als Schäfferot gemengt - besonnesch well se zanter Joeren an der Coupe d'Europe eng schéi Geschicht am Ausland geschriwwen hunn an eis Gemeng würdeg vertrueden hunn - , datt mer hinnen op deem Niveau - wou se elo eng drastesch Strof kritt hunn - ënner d'Äerm solle gräifen, wuel wëssend, datt mer hinnen och eppes bezuelt hätte wa se gefuer wieren. Déi Strof vun 3.000 Euro, déi se kritt hunn, ass och fir e klenge Veräi méi haart wéi fir eng international Equipe. An dofir proposéiere mir dem Gemengerot, fir dem Volleyball op deem Niveau ze hëllefen an déi Strof ze iwwerhuelen.

Roland Breyer, Schäffen:

De Buergermeeschter huet zimlech alles gesot. Et ginn e puer klenger Changementer. Mir gesinn, datt de Schäfferot haut proposéiert fir Subsiden an der Héicht vun 117.183 Euro auszebezuelen. Dat sinn 21.000 Euro weider wéi d'lescht Joer. Et sinn am ganzen 99 Veräiner déi dovunner profitéieren, an dat sinn der 6 manner wéi 2008. De Gros vun de Veräiner (33) kommen aus der Kultur, 29 kommen aus dem Sport a 26 sinn am Familljeberäich täteg, fir nëmmen déi Haaptrubriken ze ernimmen.

D'Commissiounen hunn hir Propositioune gemaach an de Schäfferot huet déi och praktesch alleguerte fir gutt befonnt.

Roger Klein (LSAP):

An der Rubrik 'Famille et population' steet eng Asbl 'Hëllef fir de Puppelechen', déi e Subsid vun 2.200 € kréien. Kann ech Informatiounen iwwer d'Aktivitéit vun däer Asbl kréien?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

'Hëllef fir de Puppelchen' ass u sech eng Organisatioun, déi sech haaptsächlech ëm Kanner këmmert déi zum Deel handicapéiert sinn, a fir schonn am klengsten Alter ze kucken an ze detectéieren op Anomalie bestinn. D'Asbl huet zu Déifferdeng hire Sëtz, a si si mat engem Bréif un eis erugetrueden, an deem se froen, ob mir als Gemeng net wëlle mat eraklammen, well se jo och Kanner aus eiser Gemeng géife betreien.

Wann ech d'Zuelen elo richteg am Kapp hunn, dann hu se d'lescht Joer 7 oder 8 Kanner aus eiser Gemeng betreit. A mir waren der Meenung, wa Kanner aus eiser Gemeng op déi Manéier Hëllef kënne kréien, da wier et net schlecht wa mer géifen eisen Obolus bäiginn.

Roger Klein (LSAP):

Ech si ganz äerer Meenung wat de Fong ugeet. Just wat d'Form ugeet, hätt een dee Veräin net miissten offiziell op d'Subsidielëscht ophuelen, oder eng Conventioun mat hinne maachen. Elo taucht dee Veräin op eemol op, an et ass ni décidéiert ginn, datt dee Veräin op enger Subsidielëscht ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Demande ass de 16. Dezember bei eis erakomm, an do waren och Gespréicher. Déi Asbl existéiert zu Déifferdeng an net hei zu Péiteng. Si schaffen awer zu Käerjeng, Péiteng Déifferdeng an zu Suessem. An fir d'Fraisen ze decken, brauchen se 9.000 €. Mir hunn, a Fonctioun vun deene Kanner déi ageschriwwe sinn, mat deenen anere Gemenge gekuckt, wie watfir en Deel iwwerhëlt. A fir eis ass deen doten Deel dobäi erauskomm, deen och proportional zu deene Kanner hei aus der Gemeng entsprécht.

Ech weess elo net, ob een déi Asbl muss op d'Subsidielëscht ophuelen. Et kann een awer dem Gemengerot d'Statute vun deem Veräin zoukomme loossen. Mä et ass u sech e Subsid, wéi mer en zum Beispill der Sécurité routière och zoukomme loossen.

Roger Klein (LSAP):

Da solle mer dat dës Kéier esou onformalistesch hinhuelen. Mir sollen awer fir d'nächst Joer op de Wee goen, datt mer dat Ganzt an engem Schréftstéck, zum Beispill an enger klenger Conventioun, festhalen. Well mir als Gemengerot wësse soss ni wat vu Fraisen op eis duerkommen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wat och wichteg wier - wa mer elo méi mat däer Asbl zesumme schaffen - , datt se eis am Laf vum Joer matdeelen, wéivill Kanner bei si ginn, op se dat regelméisseg maachen, asw. Dat sinn Detailer, déi mer bis elo nach net kritt hunn, an déi mer awer och nach ufroen. Well mir si jo gewëllt Hëllef ze gi wou Hëllef néideg ass, mä mer hätten awer och nach gäre weider Präzisiounen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech war e bëssen iwwerrascht, wéi ech gesinn hunn, datt mer de Latino Dancers elo schonn e 'subside de base' vun 250 Euro ginn. Mir hu se eréischt den 29. September 2008 opgeholl, dat heescht do hu mer Acte geholl vun hire Statuten. An ech hu geduecht, datt e Joer miisst vergoen ier se kënnen an de Genoss vun engem 'subside de base' kéinte kommen. An elo gi mer hinnen e Subsid fir d'Aktivitéite vum Joer 2008.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Latino Dancers ginn et scho méi laang, a si goufen ni richteg op eis Lëscht opgeholl. Si konnten och net opgeholl gi well nach ëmmer e Veräin um Pabeier bestanen huet, deen en Danzveräin war. An d'Latino Dancers ware schonn anstänneg aktiv bei eis an der Gemeng. An elo - wéi dee Veräin opgeléist gouf - haten se d'Méiglechkeet fir op d'Lëscht ze kommen. Sécherlech hätt een nach kënnen e Joer waarden. Mä dat hei ass eng Propositioun vun der Commissioun gewiescht fir de Veräin op d'Lëscht opzehuelen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wees, datt zwou Danz-associatiounen hei an der Gemeng aktiv waren. An deemools huet Latino Dancers versprach - wa mer si géifen ophuelen - , datt déi aner Associatioune géifen zougemaach ginn. Well an deenen Associatiounen zum gréissten Deel déi selwecht Leit figuréiert hunn, ass elo nëmmen nach d'Latino Dancers zeréckbehale ginn. An dat war och d'Ursaach fir datt mer gesot hunn - wann nëmmen nach eng Associatioun an der Gemeng do ass, déi hir Aktivitéiten hei huet - , datt mer se géifen ophuelen. Et sinn also 2 Veräiner ewechgefall an et ass ee bäikomm.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech sinn och averstanen domatter, datt déi sollen 250 Euro kréien. Mä den 29. September 2008 hu mer eréischt Acte vun hire Statute geholl. Dat heescht si hunn 3 Méint am Joer 2008 bestanen a si kréien awer e Subsid fir 2008.

Dann nach eng Bemierkung zu der Geschicht mam Volleyball. Am Fong geholl huet ee jo grad esougutt, et spillt een net méi fir de Champion. Well wann een net ka goen. Wann ech am Ufank soen, mir spillen de Champion, mä mer huelen net un däer Coupe do deel. Well wann een drun Deel hëlt, an et kritt een e Géigner, deen ze wäit ewech ass, an et geet een net dohinner, da kënnt d'Federatioun a verlaangt esouvill Dausend Euro Strof. Dat fannen ech net an der Rei.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann ee Champion ass, da kann een als Veräi soen, ob een d'Coupe d'Europe wëll spillen oder net. Déi meescht Veräiner aus dem Volleyball spillen se schonn net méi. Si hunn nach all Joer gespillt, well se fonnt hunn, datt et e wichtegen, sportlech Atout fir de Veräin ass, mat deem se sech no bausse kënnen duerstellen. Och fir d'Péitenger Gemeng war et interessant. An da ginn d'Géigner geloust, an an deem heite Fall war et e Géigner dee ganz wäit ewech war, an och nach onattraktiv war, deen hei zu Péiteng och keng Leit ugezunn hätt. A wat nach dobäikënnt - well se jo an der Champions League spillen - ass, wa se gewonnen hätten, datt en se nach en Tour hätte miisste spillen, a wann se dee Match verluer hätten, dann hätten se awer nach miissten an enger anerer League e weideren Tour spillen. An dee Géigner, deen hinnen do an Aussiicht gestallt ginn ass, war erëm esou wäit ewech. An dat hätt de Péitenger Veräi ruinéiert, an et war finanziell fir si net tragbar fir déi zwee Déplacementer ze maachen. An dofir hu se direkt Forfait erkläert. A vun der Federatioun si se och nach fir e puer Joer gespaart, wou se d'Coupe d'Europe net dierfe spillen.

Jeannot Linden (LSAP):

Da wollt ech nach zu de Subsiden am generelle soen, datt - mat deenen neie Bestëmmungen - de Gros eppes bäikritt huet. Et sinn 2, 3 Veräiner, déi iwwer 100% bäikritt hunn, wat mech e bëssen iwwerrascht huet. Dat si Chiffere vun 1.200 bis 1.300 Euro, wou et méi gëtt. Huet eist Reglement dann esou staark geännert, datt elo esou Differenzen dobäi erauskommen?

Am Ganze gi mer jo 17% weider u Subsiden aus. Dat ass jo scho substantiell. A Subside gëtt ee jo och wa vill Suen an der Keess sinn. Wa mer eng Kéier musse spueren, da muss een och an däer dote Saach kucke wat dran ass. Et géif net vill fir d'Gemeng ausmaachen, well d'Gemeng géif net méi räich gi wa se manner géif ausbezuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, et sinn 2 Veräiner déi wesentlech méi kritt hunn. Do ginn et och Ursaachen dofir. Dat huet elo näischt mat deem neien adaptéierte Reglement vun Abrëll 2009 ze dinn. Mä et ass einfach, well déi Veräiner eppes hunn, wat se bis elo nach net haten. Deen ee Veräi schafft elo mat Jugend-gruppen. En huet eng substantiell Jugendsektioun kritt, a well d'Jugend-aarbecht speziell remuneréiert gëtt, kréien se vun dëser Kéier un eng 1.000 Euro fir hir Jugendaarbecht.

An deen anere Veräin huet d'Coupe gewonnen, a mer haten dee geéiert. De Veräin ass och an eng aner Divisioun geklommen, a mer hunn an eisem Reglement virgesinn, datt 400 Euro fir d'Coupe an 250 Euro fir den Opstig ausbezuelt gëtt.

Dat ass de Grond, firwat dës zwee Veräiner praktesch dëst Joer dat duebelt kritt hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Wier et net méiglech fir déi Ausnamen, wann zum Beispill een d'Coupe wënnt, am Dokument ze vermierken. Esou géif ee gesi firwat dee Veräi méi kritt. Da kéint ee sech déi Froe spueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'nächst Joer gi mer iech eng Lëscht mat, wou déi verschidden Ursaachen drop vermierkt si firwat deen een oder anere Veräi méi oder manner kritt. Dat ass kee Problem.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt nach eng Kéier kuerz op de Volleyball ze schwätze kommen. Beim Fussball gëtt et eng UEFA, déi d'Veräiner ënnerstëtzt wa se d'Coupe d'Europe spillen. Ech huelen un, datt et beim Volleyball keng esou eng international Federatioun gëtt, an datt et do näischt gëtt fir déi Veräiner. Mä wéi steet dann eis lëtzebuerger Federatioun dozou? Steieren déi och näischt bäi bei esou Fäll? Well si kréie jo awer Cotisatioune vun de Veräiner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat do ass eng regelrecht Strof, déi de Club kritt huet. An do ass keng Federatioun déi sech bereet erkläert fir déi Zommen do ze bezuelen. An déi Federatiounen an deenen dote Sports-beräicher sinn och relativ aarm, a si

hunn de Moyen och net fir engem Veräin do ënnert d'Äerm ze gräifen.

Et ass jo u sech esou, datt de Veräin e Feeler gemaach huet. De Veräin huet net un der Coupe d'Europe deelgeholl nodeem datt e gesot hat, datt e géif deelhuelen. Mä de Veräin huet dat awer net einfach aus Dommheet gemaach, mä en huet et gemaach well e gesinn huet - datt wann e géif deelhuelen - , datt et nach méi e grousst Lach a senger Keess géif ginn an da géif de Veräin komplett d'Schlappe verléieren. De Veräin steet elo schonn a ganz schlechten Dicher. Et muss een och wëssen, datt fir all Spiller, deen d'Coupe d'Europe spillt, erëm un déi international Federatioun muss bezuelt ginn. Et kritt een eng international Lizenz, an déi muss eng éischte Kéier bezuelt ginn. A wann een dann erëm en neie Spiller dobäihëlt, da muss een erëm eng Kéier bezuele fir datt deen iwwerhaapt kann drun deelhuelen. Et ass schonn eng deier Geschicht. An ech fäerten, datt an Zukunft déi kleng europäesch Veräiner - an ech froe mech ob dat net vun der internationaler Federatioun esou gewënscht ass - do ewechbleiwen, well déi Veräiner fir si net interessant sinn, an och net lukrativ genuch sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Dat heescht, wann elo en Turnéier an der Belsch, an Däitschland oder a Frankräich wier, da wier et eventuell méiglech fir drun deelzehuelen. Mä esoubal et awer zum Beispill an den Ostblock geet, dann ass et net méi méiglech.

Zu de Subsiden am generelle kann ee soen, datt zu engem groussen Deel deene Propositioune vun de Kommissioune Rechnung gedroe ginn ass. Op jiddwer Fall an deene Kommissiounen, an deenen ech vertruede sinn, an der Kultur- an an der Sportskommissioun, war dat de Fall.

Ech hunn nach just e puer Detailfroen. Ech si frou, datt ech haut gewuer si ginn, datt déi Danzfrënn Rodange / Lamadelaine net méi bestinn. Déi hunn d'lescht Joer nach hire Betrag an d'Entente vu Rodange bezuelt, esou datt se d'lescht Joer nach bestanen hunn.

Dann hunn ech och nach eng Fro zu der Union des femmes. Do hu mer virun e puer Joer de Majorettë vu Rodange de Virworf gemaach, datt se keng Generalversammlung méi haten. Mä wéi ass et bei der Union des femmes? Ech perséinlech hunn do nach ni eng Invitatioun gesinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Generalversammlung war am Hotel, an ech war als Vertrieder vum Schäfferot do mat derbäi. Dat ass ongefëier 2 Méint hir.

Guy Brecht (LSAP):

Da gëtt do just de Schäfferot ugeschriwwen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och do kënne mer der Union des femmes mat op de Wee ginn, datt se sollen dee ganze Gemengerot informéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Da fält natierlech och d'Differenz op, déi mer bei deenen zwee Syndicaten hunn. Do ass och der Commissioun Rechnung gedroe ginn. Den Här Breyer wäert wësse vu wat ech do schwätzen. Et miisst een awer och dem Rodanger Syndicat un d'Häerz leeën, datt - wa se hir Aktivitéite bei der 'demande de subside' eraginn - se déi solle besser formuléieren.

Ech huelen un, datt beim Subsid an der Héicht vun 1.300 Euro fir de Kagepe déi 1.000 Euro fir d'Participatioun un der Kavalkad dobäi sinn.

Dann hätt ech nach eng lescht Fro zum Péitenger Wand. Do war emol gesot ginn, datt - wann de Kagepe géif bestoen - da géif de Péitenger Wand vun der Subsidelëscht geholl ginn. De Schäfferot huet dee Veräin awer drop gelooss. Wat ass de Grond dofir?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat mer dem Péitenger Wand ewechgeholl hunn, dat sinn déi 1.000 Euro fir d'Organisatioun vun der Kavalkad. Déi 1.000 Euro huet jo elo de Kagepe krut. Si maache jo nach als Veräi verschidden Aktivitéiten. A mir mussen eis eng Kéier Gedanke maachen - wann dat gewënscht ass - ob déi Aktivitéiten nach duergi fir e Subsid ze kréien. Ech maachen awer drop opmierksam, datt - wa mer dat méi genee ënner d'Lupp huelen - mer dann och nach vläicht deen een oder anere Veräi wäerte fannen, deen näischt méi op der Subsidelëscht verluer hätt.

Ech sinn awer der Meenung, datt een net soll fir de Moment zevill mam Messer an déi Wonne buere goen, a fir déi 300 Euro soll een emol nach e puer Joer versträiche loossen an dat dann 'en toute sérénité' kucken.

Guy Brecht (LSAP):

Déi dinn net wéi, dat ass richteg.

Als Conclusioun kann ee soen, datt Verdeelung vun de Subsiden esou an der Rei ass, an datt mer dat kënne mat rouegem Gewësse stëmmen. An da maachen ech mäin Appel deen ech all Joer maachen, an zwar, datt déi Veräiner, déi vill Geld kréie fir hir Jugendaarbecht, déi Suen an d'Jugendaarbecht solle stiechen.

Accord à l'unanimité.

10.2.

Vie associative.

Foi et Lumière Fireneen Minette: changement du subside de base - décision.

Accord à l'unanimité.

10.3.

Vie associative.

Octroi de subsides à des associations - décisions.

Accord à l'unanimité.

11.

Questions des conseillers communaux.

Néant